



pétange

MOTIVATION COMMUNE

PÉITENG AKTUELL

Informationsblatt vun der Gemeng Péiteng

N° 149 – Februar 2023



Gemengerotssëtzunge

vum 19.09.2022, 17.10.2022 an 21.11.2022

Dans ce numéro:

1 Compte rendu de la séance du conseil communal du 19.09.2022

18 Gemeinderatssitzung vom 19.09.2022 (Kurzform)



(Fichier audio)

21 Compte rendu de la séance du conseil communal du 17.10.2022

30 Gemeinderatssitzung vom 17.10.2022 (Kurzform)



(Fichier audio)

32 Compte rendu de la séance du conseil communal du 21.11.2022

47 Gemeinderatssitzung vom 21.11.2022 (Kurzform)



(Fichier audio)

50 Questions des conseillers communaux / Réponses du collège des bourgmestre et échevins

53 Morcellements de terrains (avis)

54 Règlements communaux (avis)

55 Je peux voter (avis)

56 Bestimmungskurs für Pflanzen

57 Energie-Spuerconcours 2023

58 Prix Laurence 2023

Péiteng Aktuell

Paraît au moins 4 fois par an

Imprimé sur du papier 100% recyclé

Distribué gratuitement à tous les ménages de la commune de Pétange

Tirage: 7.700 exemplaires

Imprimeur:
Imprimerie Heintz, Pétange

Éditeur responsable:

Administration communale de Pétange | b.p. 23 | L-4701 Pétange



+352 50 12 51 1000



commune@petange.lu



www.petange.lu



Commune de Pétange

Rédaction et mise en pages:

Service Culture et communications de la commune de Pétange

Conseil communal

Séance publique du 19 septembre 2022

Durée de la séance: 15.00 à 18.30 heures

Présents:

Mellina Pierre , bourgmestre (CSV)	Halsdorf Jean-Marie , 1 ^{er} échevin (CSV) Conter-Klein Raymonde , 2 ^e échevin (CSV) Mertzig Romain , 3 ^e échevin (LSAP)	
Agostino Maria (CSV) Arendt Patrick (CSV) Breyer Roland (CSV) Martins Dias André (CSV) Remacle Patrick (CSV)	Brecht Guy (LSAP) Stoffel Marco (LSAP)	Becker Romain (déi gréng) Scheuer Romain (déi gréng) Goergen Marc (Piratepartei) – <i>par visioconférence</i> Bouché-Berens Marie-Louise (DP)

Absents et excusés:

Birtz Gaby (LSAP)
Welter Christian (Piratepartei)

ORDRE DU JOUR

Séance à huis clos (15.00 heures)

- Personnel
 - Classement d'un salarié (ancien employé privé) du service des ressources humaines du département administratif – décision.
 - Classement d'une salariée (ancien employé privé) du service médico-socio-scolaire du département administratif – décision.
 - Réduction de la durée du service provisoire d'un fonctionnaire communal – décision.
 - Nomination définitive d'un fonctionnaire communal – décision.
 - Nomination définitive d'un fonctionnaire communal – décision.
 - Promotion d'un fonctionnaire communal – décision.
 - Promotion d'une fonctionnaire communale – décision.
 - Mécanisme temporaire de changement de groupe: Promotion d'une fonctionnaire au groupe de traitement B1, sous-groupe administratif – décision.
- Enseignement: Affectation du personnel enseignant pour l'année scolaire 2022/2023 – décision.
- Enseignement musical: Nomination d'un chargé de cours (m/f) pour une classe de violon – décision.

Séance publique (15.30 heures)

- Communications du collège des bourgmestre et échevins.
- Administration générale
 - Construction d'une nouvelle maison relais à Pétange: approbation du mémoire descriptif, des plans et du devis – décision.
 - Titres de recettes – décision.
 - Désignation d'un lieu de célébration de mariages complémentaire à la maison communale - décision.
 - Elaboration d'un concept de pistes cyclables communales : vote d'un crédit spécial – décision.
 - Acquisition d'un nouveau véhicule pour les besoins du service des espaces verts: vote d'un crédit spécial – décision.

- 5.6. Acquisition d'un nouveau véhicule pour les besoins des fossoyeurs: vote d'un crédit supplémentaire – décision.
- 5.7. Mise en place d'un columbarium supplémentaire au cimetière de Pétange: vote du décompte – décision.
- 5.8. Reprofilage et renouvellement de la couche de roulement de diverses rues (exercices 2021 à 2022): vote du décompte – décision.
- 5.9. Maison Relais «Bei de Bujellien» à Rodange - travaux de réfection imprévus: vote du décompte – décision.
- 5.10. Première modification des recettes et des dépenses au budget ordinaire de l'exercice 2022 – décision.
6. Personnel
 - 6.1. Protocole d'accord en vue du renouvellement de la convention collective des salariés des communes du sud (CCT-Sud) – décision.
 - 6.2. Fixation de la rémunération des salariés (m/f) occupés à durée déterminée à l'Office social de Pétange – décision.
7. Affaires sociales
 - 7.1. Approbation du règlement d'ordre interne pour les Maisons Relais – décision.
 - 7.2. Remplacement d'un membre au conseil d'administration de l'Office social – décision.
 - 7.3. Convention relative à la médiation sociale avec la société Pro Solve Consulting SARL-S – décision.
 - 7.4. Convention avec l'Office social de Pétange relative à la gestion informatique de l'établissement public – décision.
 - 7.5. Contrat avec l'Office social de Pétange relatif au traitement des données à caractère personnel de l'établissement public – décision.
8. Propriétés
 - 8.1. Mandat pour la signature d'un contrat de bail et d'exploitation hôtelière des gîtes touristiques du «Minett Trail» avec l'Office régional du tourisme Sud ASBL – décision.
 - 8.2. Contrat d'approvisionnement avec la société Munhowen SA pour le Centre de Loisirs à Lamadelaine – décision.
 - 8.3. Convention relative à la réalisation d'une canalisation d'eaux mixtes dans le lotissement «Op den Gehren» à Lamadelaine avec M. Manuel Monteiro Do Carmo – décision.
 - 8.4. Convention relative à la réalisation d'une canalisation d'eaux pluviales dans le lotissement «An den Atzengen» à Lamadelaine avec M. Alcides Borges Monteiro et Mme Ivanilda Vaz Tavares – décision.
 - 8.5. Compromis concernant l'acquisition gratuite d'un terrain sis à Pétange, lieu-dit «Rue Neuve», de la part de M. Salko Suljkanovic – décision.
 - 8.6. Compromis concernant l'acquisition de terrains sis à Rodange, lieu-dit «Um Duel», de la part du Fonds de gestion des édifices religieux (Kierchefong) – décision.
 - 8.7. Acte concernant la vente d'un terrain sis à Lamadelaine, lieu-dit «Avenue de la Gare», à M. Eric Streff et Mme Tina Baldelli – décision.
 - 8.8. Acte concernant la vente d'un terrain sis à Pétange, lieu-dit «Rue Robert Krieps», à la société Garage Martin Losch SARL - décision.
9. Urbanisation
 - 9.1. Droit de préemption relatif à une parcelle cadastrale située à Lamadelaine, lieu-dit «Rue du Moulin» - décision.
 - 9.2. Droit de préemption relatif à une parcelle cadastrale située à Rodange, lieu-dit «Rue de la Fontaine» - décision.
10. Transports et communications
 - 10.1. Règlement temporaire d'urgence de la circulation routière à Lamadelaine, rue de l'Eglise – décision.
 - 10.2. Règlement temporaire d'urgence de la circulation routière à Lamadelaine, rue de la Montagne – décision.
 - 10.3. Règlement temporaire d'urgence de la circulation routière à Pétange, rue Batty Weber – décision.
 - 10.4. Règlement temporaire d'urgence de la circulation routière à Rodange, avenue Dr Gaasch – décision.

COMPTE RENDU

1.

Les points 1 à 3 de l'ordre du jour ont été traités en séance à huis clos.

Le conseil communal a décidé de rendre public les décisions suivantes:

Personnel: Nomination définitive d'un fonctionnaire communal – décision.

M. Admir Civovic est nommé aux fonctions de fonctionnaire communal dans le groupe de traitement B1, sous-groupe technique.

Personnel: Nomination définitive d'un fonctionnaire communal – décision.

M. Ben Leyder est nommé aux fonctions de fonctionnaire communal dans le groupe de traitement B1, sous-groupe administratif.

Enseignant musical: Nomination d'un chargé de cours (m/f) pour une classe de violon – décision.

Mme Lee Yu-Shan est nommée comme chargée de cours pour une classe de violon.

4.

Communications.

Communications du collège des bourgmestre et échevins.

Mertzig Romain, Schäffen:

Ech hätt eng Kommunikatioun zu den Energiespuermesuren ze maachen, wou mir alleguer wäerte betraff sinn. Mir waren den 8. September an engem Webinar mam Minister Turmes, mat der Klima-Agence, dem Energieministère, dem Logementsministère, dem Familljeministère, dem Syvicol, den Office sociaux an de Gemengen. Wéi dann och gesot gouf oder wéi jiddereen hei weess, bezéie mir 40% vun eisem Gas aus Russland, a mir wëssen dann och, wat dat fir de Moment bedeit. An enger Direktiv vun der EU un all Memberstaat huet all Memberstaat d'Obligatioun fir 15% Energie anzespueren, an dat mat fräiwëllege Moosname fir déi eenzel Acteuren.

Mir als Gemeng wäerten och Moosnamen an deem Sënn ëmsetzen, wou mir eis haaptsächlech op d'Volet Chauffage an Elektrizitéit baséieren. Bei der Belichtung an der Chrëschtbelichtung huele mir ganz konkret Moosnamen. Och beim Heize vun eise Gebaier.

Eng Lëscht mat konkrete Moosname wäerte mir muer schonn an eiser Klima-Pakt-Sëtzung virleeën, esou datt mir esou séier ewéi méiglech dorunner kënnen schaffen an eis Moosname kënnen ëmsetzen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Dir gesitt, mir sinn amgang, un deem Dossier ze schaffen a mir wäerten iech, esou séier ewéi mir do ganz konkret Moosnamen am Schäfferot decidéieren, an d'Bild setzen.

5.1.

Administration générale.

Construction d'une nouvelle maison relais à Pétange : approbation du mémoire descriptif, des plans et du devis au montant total arrondi de 14.000.000,00 euros TTC – décision.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Da kéime mir zum Punkt 5.1. Dat ass déi nei Maison Relais vu Péteng, an do geet et drëm, d'Plang an den Devis haut virzestellen an ze stëmmen. Ech géif als éischt der Madamm Conter d'Wuert gi fir dee politesche Volet an duerno géif ech awer och den Techniker d'Wuert ginn. An dofir sinn ech frou, datt Verrieder vun den Architekten- an Ingenieurbüroen haut hei sinn, fir wann do konkret technesch Froen zu deem Projet sinn. Ech géif awer fir d'éischt emol der Madamm Conter d'Wuert gi fir dee politesche Volet ofzeddecken.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Mir hunn de Moment bei eis an der Gemeng 600 Plazen zur Verfügung, wou mir d'Kanner kënnen an Obhut huelen. Et ass jo awer och gewosst, datt, opgrond vun der grousser Nofro an der Gratuitéit, déi de Ministère de Moment ageriicht huet, dat bäi wäitem net duergeet. Dofir sinn ech och ganz frou, datt mir haut endlech en neie Plang virleien hunn a gewëssen Hürde gepackt hu fir iech kënnen de Projet e wéineg méi detailléiert virzestellen.

Mir hu wëlles, donidden nieft der bestoender Maison Relais Reebou eng nei Maison Relais ze bauen, wou mir kéinten nach eng Kéier 209 Kanner eranhuelen. Déi nei Maison Relais géif dann och iwwer 14 Gruppe verfügen an no deem neie Konzept schaffen, wou mir Konstruktionsraum, Restaurantsraum, Rollespillraum, Kreativraum, e Werkraum,

eng Léierkichen hunn. Eng grouss professionell Kiche géife mir net an dat Haus baue well mer niewendrun am Reebou mat klengen Ëmännerunge genuch – mengen ech – Spillraum hätte fir nach 209 Kanner ze bekäschtegen.

Mir géifen och drun denke fir e vertikale Bewegungsraum eranzebauen. Et gétt jo ëmmer méi gefrot, datt d'Kanner sech solle beweegen. E Jugendraum, e Schnöselraum och. Ech mengen, alles an allem dat, wat no deem neie Konzept fir eng modern Maison Relais gebraucht gétt.

Wat eis e wéineg Kappzerbrieches gemaach huet bei där ganzer Saach – do kann den Architektbüro eis nach méi Informatiounen ginn -, dat ass, datt mir vu Säite vum Ëmweltministère op eemol eng Oplo kritt hu fir d'Fassad ze begréngen. Net nëmmen eng Fassad, ma e puer Fassade fir Kompensatiounen ze bréngen fir déi Beem an dat Gesträich, wat do ronderëm ass, ze ersetzen. Mir sinn deem och nokomm, an esou wéi de Plang sech haut hei weist, gesäit dat och de Moment ganz gutt aus.

Wa mir elo kucke wat dat Ganz natierlech fir en Impakt huet, da wësse mir, datt mer de Moment mat der Präiserhéijung hei Präisser virleien hunn, wou mir haut net kënnen soen, ob mir an deem dote Budget kënnen weider schaffen an och zum Schluss an deem dote Budget kënnen bleiwen. Mir hoffen op alle Fall, datt mir dat hikréien, ma de Moment kann nach keen eis dat soen.

Mir hunn de Moment fir dat Haus emol Investitiounskäschte virgesi vun 13.940.000 €. Mir kréie viraussichtlech Subventiounen vum Educatiounsministère, déi nach ëmmer nëmme bei 10.000 € pro Stull leien, wat bei enger Unzuel vun 209 Kanner dann e Subsid vun 2.090.000 € ass. A fir d'Spillplaz – normalerweis brauche mir jo och eng Spillplaz, an et ass jo och gefuerdert, datt mir eng maachen, obwuel mir e grouse Schoulhaff niewebäi hunn, mä mir mussen awer nach eng zousätzlech Spillplaz fir déi Kanner maachen – géife mir just 8.500 € kréien. Esou datt mir am Ganze mat engem Subsidebilan vun 2.098.500 € kënnen rechnen.

Wéi dir gesitt, soll et e modernt Haus ginn. Et soll eis Waardelëscht ëm 209 Kanner verkleinere, wat jo eng gutt Saach ass. Well mer awer och nach eng Maison Relais zu Lamadelaide am Bau hunn, wou mir hoffen, datt se dat nächst Joer mat Zäite fäerdeg gétt a mir do och nach kënnen 200 Kanner eranhuelen, an nach eng aner Maison Relais wëlle plangen, esou datt mir an 3 bis 4 Joer op mannst duebel esou vill Plazen zur Verfügung hunn ewéi mir der de Moment hunn. Et sinn der warscheinlech nach ëmmer net genuch, well d'Demande lafend an d'Luucht geet. Awer, wéi dir gesitt, bleiwe mir um Ball, a mir wëllen eise Kanner op alle Fall Opfankstrukturen dohinner setzen, déi modern an zäitgeméiss sinn, an déi hinnen och déi Educatioun kënnen mat op de Wee ginn, déi si an der haiteger Zäit brauchen. Ech ginn dann d'Wuert weider un den Architektbüro, un d'Ingenieurbüroen, déi eis weider Informatiounen zu deem Dossier kënnen ginn.

Virstellung vun der neier Maison Relais an der rue Pierre Hamer zu Péteng vun

- Planetplus architectes et urbanistes,
- TR Engineering – Génie civil,
- Goblet Lavandier & Associés – Génie technique:

Déi nei Maison Relais kennt nieft déi bestoend Maison Relais Reebou a läit an engem Gebitt mat öffentleche Gebaier. D'Aarbechte sollen am Fréijoer 2023 lass goen a fir d'Rentrée 2025 fäerdeg si laut dem Architekt Max von Roesgen vu planetplus architectes et urbanistes.

Detailer zur Maison Relais:

- Plaz fir 209 Kanner
- 14 Gruppen- a Funktionsraum

- Bebaute Fläch (brutto): 2.187 m²
- Bruttovolumen (Neibau): 9.953 m³
- Bruttovolumen (Verbindungsbréck um 2. Stack): 215 m³

Allgemeng Informatiounen:

- Entrée vir op der Strooss
- Kiss&Go-Parkplazen
- Separat Uliwwerungsplaz
- Verbonne mat der Maison Relais Reebou duerch eng Bréck
- Lift
- Massivbauweis (Stol- a Betonsbau)
- Energieklass BB
- Kompakt Bauweis, d.h. Erofsetze vun der Héicht vun de Stäck
- Lüftungsinstallatioun mat „Wärmerückgewinnung“
- Foussbuedemheizung an de Gemeinschaftsraum
- „Begrünzte“ Fassaden an Diech an doduerch eng Verbesserung vum Mikroklima
- LED-Belichtung
- Reewaassernotzung duerch déi begrängten Diech a fir d'Fassaden souwéi fir d'Toiletten
- Virinstallatioun fir eng Photovoltaikanlag um ieweschten Daach

Andeelung vun der Maison Relais:

- Rez-de-Chaussée: Gruppen- a Funktiounsraum, Restaurant, Sanitärraum, Kichen an Niewerraum
- 1. Stack: Gruppen- a Funktiounsraum, Restaurant, vertikale Bewegungsraum, administrativ Raim, Sanitärraum
- 2. Stack: Gruppen- a Funktiounsraum, Restaurant, vertikale Bewegungsraum, Sanitärraum

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Mir soe Merci fir d'Explikatiounen. Et ass elo just gesot ginn: Investitiounen vu 14 Milliounen Euro, knapp 2,1 Milliounen Euro kréie mir. Ech ka mech un déi glorräich Zäit erënnere wou mir 50% kritt hunn. Dovu si mer wäit ewech. Dat ass wann de Staat de Plaffong vun de Subside plafonéiert an d'Präisser an d'Luucht ginn. Dann ass dat do kee Wonner an et brauch ee keen Hellseher ze si fir ze gesinn, datt dat do an déi Richtung geet. Dat Eenzegt, wat ee misst maachen als Staat: et misst ee vläicht kucken ob een net eventuell seng Subside géif op d'Präisdeierecht adaptéieren. Ëmsou méi datt d'Präisdeierecht net eleng d'Ursaach ass vun deem Käschtepunkt, awer och wou e ganz Koup Oploe vum Ministère d'Ursaach si vun deem Käschtepunkt, dee mir haut hei presentéiert kréien.

Ech soen awer planetplus a Gobelet Lavandier Merci fir hir ganz gutt Aarbecht, déi si gemaach hunn. Mir hu laang zesammen diskutéiert fir ze kucken, dat Beschtméiglechst op deem Terrain ze maachen. Dat war net evident. Si hunn dat exemplaresch gemaach. Dat kéinte mer elo d'Diskussioun opmaachen. Ech géif elo jiddereen am Gemengerot, dee wëll Stellung huelen, bidden sech ze manifestéieren.

Arendt Patrick (CSV):

Am Hibleck op eis Waardelëscht ass et natierlech ze begrëssen, datt mir weider Kapazitéite fir 200 Kanner schafen. Och datt en Zougang geschaf gëtt fir déi bestoend Maison Relais fannen ech wierklech gelongen. Dat ass definitiv en inklusiv Charakter, datt och déi Kanner, wou z.B. vun engem Snoezelraum profitéieren, deen sech jo besonnesch dofir eegent, nei Wahrnehmungsdimensione kennenzeléieren, genee esou ewéi d'Förderung vu Vertrauen an Entspannung an enger Zäit, déi ëmmer méi schnellleiweg

gëtt – och fir déi Klengst an eiser Gesellschaft – a wat sech iergendwann och a Saache Gesondheet ewéi e Burn-out bemierkbar mécht.

Ech begrëssen och definitiv déi begrängte Fassad. Wann ee bedenkt, datt eleng deen Deel schonn eleng 315.000 € kascht, da weess een, datt mir do keng kleng Ausgab tätegen am aktive Kampf, um kleng kommunalen Niveau, géint de Klimawandel, oder wéi grad gesot ginn ass, de Mikroklima.

Och de begrängten Daach kann ee just ënnerstëtzen. Do gi jo och d'Gegebenheete geschaf fir eng Photovoltaikanlag. Zu der begrängter Fassad hunn ech eng konkret Fro. Ech fannen de System genial, datt et eng automatesch Bewässerung mam Reewaasser soll ginn, deen d'ganz Joer soll dofir suergen, datt den Numm vun der Fassad och Bestand hält. Wat maache mer – a mer wäerten an Zäite vum Klimawandel sécher nach esou Joren, wann net nach méi schlëmm kréien – wann et einfach net méi reent? Ass dat da méiglech, dat anescht ze bewässeren?

Extrem interessant fannen ech och déi Pergolaen, déi Schied spende mat Efeu oder enger anerer Kloterplanz, déi dann och zum Deel de Reen sollen zeréckhalen.

Och datt d'Raimlechkeeten, wat d'Luucht an d'Fënsteren ugeet, éischter zum Süden hin op sinn, do wou déi roueg Säit vun der Maison Relais soll sinn.

Bei de Fassadearbechten, genau gesot beim „Wärmeverbundsystem“, hunn ech awer eng weider Bemierkung ze maachen. Am Devis hunn ech gelies, an dat huet mech e bësse stutzeg gemaach, datt Eternitsplacken hei virgesi sinn. Dat am Gesamtwäert vun 3.000 €. Wéi kann ech dat verstoen, wann ëmmer nees op d'Gefor vun Asbest op d'Gesondheet an och fir d'Entsuergung vun deem Material higewise gëtt? Oder bestinn déi mëttlerweil net méi aus Asbest, oder sinn déi korrosionsbestänneg, fir datt den Asbest net méi fräigesat gëtt?

Wat d'Reckhaltebecken ugeet, dat virgesinn ass – an do kommen ech op e Projet ze schwätzen, deen ech iwwer 2 Joer an der Maison Relais zu Nidderkuer duerchgezunn hunn, an zwar e Weier niewendrun uleeë wou d'Kanner sech kënnen zeréckzéien a wou eng gewëssen Ëmwelterzéiung och méiglech ass. Z.B. Fräscheneeër a Molchen, Libellelarven an esou weider. Do ginn engem vill Pisten op als Professionellen um Terrain. Ech géif dat cool fannen, wann do vun engem vun eisen Erzéier e Projet, mat de Kanner zesammen, géif gemaach ginn an esou ewéi bei mir zu Nidderkuer dat Ganzt och mat enger Paart zougemaach soll gi fir all Gefor ze vermeiden. Do kéint ech mir dat esou virstellen, datt een de Sicono kéint mat an d'Boot huelen, well si sichen „Hände ringend“ no Terrainen, wou si kënnen Naturdämpelen uleeën, well och esou Noerhuelungsraum fir Flora a Fauna, awer och fir eis Mënschen, ëmmer méi verschwannen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Hei goufen et zwou méi technesch Froen. Do géif ech den Architekt oder den Ingenieur froen, ob si eng Äntwert drop hunn. An eng méi pedagogesch Fro, wou ech der Madamm Conter d'Wuert ginn.

Planetplus / TR Engineering / Goblet Lavandier & Associés:

Eternitsplacke sinn eigentlech bautechnesch net virgesinn. Mir hunn eng Streckmetallfassad a Botzfassaden. Eternit ass zënter 1990 fräi vun Asbest. Wat mir nach ëmmer erliewe mussen, dat ass, wa mer al Gebaier sanéieren, do Eternitsplacken op Diech sinn. Am Fong geholl ass Eternit eng betonsgebundene Plack, wou Fasern dra si fir datt dat hält. Fréier waren déi Fasern aus Asbest, elo sinn se aus Glasfaser, an do ass absolut kee Bedenken. Wa mir elo hei a

minimale Quantitéiten eng betonsgebbonne Plack hunn, nenne mir se emol esou - Eternit ass eng Mark, et kritt een se och vun anere Marken -, dann ass dat emol a Fëensterbänken, an dann ass dat gesondheetlech absolut onbedenklech.

Arendt Patrick (CSV):

Ech hat mech effektiv um Internet informéiert, an do stoung eppes Änlech. Trotzdeem awer, well ech hat selwer de Fall bei mir doheem mat Eternitplacken um Daach, an do war ebe genee deen dote Fall dran, do war Asbest nach dran. Dofir war et wichteg fir mech fir déi dote Fro ze stellen.

Planetplus / TR Engineering / Goblet Lavandier & Associés:

Woubäi een nach dobäi ka soen, wann dat interesséiert, dass dat nach eng vun deenen onbedenklechste Saachen ass, wou mir nach Asbest begéinen, well en do gebonnen ass. Esou laang ewéi en net mechanesch zerstéiert gëtt, ass do keng Gefor. Et si méi d'Heizungsleitungen, déi wierklech geféierlech sinn. Do si Saachen, wou ee wierklech muss oppassen. An och d'Oploe fir esou eppes wéi Eternitplacken z'entsuergen, si bäi wäitem net esou schlëmm ewéi bei den Heizungsleitungen.

Regenwasserrückhaltung: do hu mir mat engem spezialiséierte Büro aus Däitschland zesummegegeschafft bei dësem Projet. Deen huet och eng Berechnung gemaach, wat d'Reewaasser a Volummen ass wat mir brauchen. Do si mir nach an Diskussiounen a mir schaffen nach dru fir ze kucken datt mir – well et sech an de leschte Joren och ëmmer méi erausgestallt huet, datt mir am Summer méi laang Dréchten hunn – eventuell vun de bestoende Gebaier a mat net groussem Opwand kënne vun deenen Diech, déi elo nach an de Reewaasserkanal ginn, nach déi eng oder aner Leitung eriwuerkréien. Dat ass awer nach an der Maach. Esou wéi et elo ausgesäit, geet et net duer fir et zu 100% ze notze fir d'Toiletten an d'Bewässerung vun de Gréngflächen. Wa mir e puer Leitungen eriwuerkréien, da géif dat sech verbesseren, da kéinte mir bis op 100% kommen. Dat ass nach an der Ausschaffung. Dat ass nach net ganz fäerdeg.

Arendt Patrick (CSV):

Ugeholl de Fall –mir haten dat jo dëst Joer iwwee Woche wou kee Ree kënnt – wann ee géif gesinn, datt déi Planze um Wee wiere fir futti ze goen, kann een dat manuell bewässeren oder wéi muss ech mir dat virstellen?

Planetplus / TR Engineering / Goblet Lavandier & Associés:

Dat kann een aspeisen. A wann et wierklech eng Kéier net géif duergoen, da misst een drun denke fir mat normalem Waasser anzespeisen. Dat ass awer ze vermeiden.

Generell gëtt d'Reewaasser fortlaufend nogespeist fir datt de Fonctionnement do ass. Mir hu jo en Dréinkwaassernetz do leien. Wann d'Toiletten ugeschloss sinn an et wëll ee spullen an et ass kee Waasser méi an der Cuve, dann ass et jo net esou, datt ech de WC net méi ka spullen. Dat heescht am Baseng ass e Schwëmmer an Dréinkwaasser gëtt nogespeist fir de Fonctionnement am Gebai ze garantéieren.

Fir op déi lescht Fro zeréckzekommen, wéinst dem naturnoen Dëmpel oder eng oppe Reewaasserrückhaltung. Dat ass an dësem Projet op der Spillplaz virgesinn. Dee Baseng steet awer net am Zesammenhang mat der Reewaassernutzung, déi mir wëlle maache fir ze netzen. Dës Ufuerderung kënnt vun der Waasserverwaltung. Bei engem staarke Reefall därer een dat hautdesdaags net méi einfach esou direkt an de Kanal schëdden, an dofir ass och esou e Beräich virgesinn. Aus Sécherheetsgrënn fuerdert d'Waasserverwaltung fir dësen Dëmpel en Zonk ronderëm. En Plus schreift d'Waasserverwaltung vir, datt esou e Baseng net därer ganz zou sinn.

Arendt Patrick (CSV):

Do ginn engem als Professionellen definitiv vill Dieren op. Virun allem wann ee mat Kanner schafft.

Planetplus / TR Engineering / Goblet Lavandier & Associés:

D'Sécherheet spillt jo och mat. Et muss normalerweis en Zonk ronderëm sinn, wann se méi wéi 30 bis 50 cm déif sinn. Dat sinn Oploe vu staatlecher Säit, un déi mir eis mussen halen.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Also pedagogesch gesinn, wa mir elo beim Rückhaltebecke bleiwen, wat e klenge Séi soll sinn, dat wäert sech duerno erauskristalliséiere wéi do d'Sécherheetsoploe ronderëm sinn. Well do wäerte mir och da vum Environnement a vum Educatiounsministère eis Oploe kréien, wéi mir do mat de Kanner sollen eens ginn. Ech mengen, dat ass eng Saach, déi sech am Nachhinein soll erausstellen. Do gesinn ech, wa mir do gréng Luucht kréien an et ass eng Méiglechkeet do, datt dat anzesetzen ass.

Mir schaffe jo scho mam Sicona zesummen a wëlle jo och an nächster Zäit weider mat Sicona an eise Maison Relaise schaffen, esou datt dat jo schonn op der Hand läit datt, wa mir en Uspriechpartner brauchen, hien dohinner kënne siche goe fir eis Hëllefstellung ze ginn. Ech mengen, deem soll och näischt am Wee stoen.

Wa mir elo bannenan déi eenzel Funktiounsraum kucken, do si mir gutt opgestockt mat allem. Do hu mer diversifiéiert Raimlechkeeten, wou mir d'Kanner kënne vu moies oder mëttes – esou wéi mir se dran hunn – beschäftegen. Wou si kënne werkelen, wou si kënne klammen an sech beweegen. Ech mengen, do si mir an deem neie Konzept, wat de Ministère eis virseet, voll dran.

Becker Romain (déi gréng):

Natierlech kann een dat nëmme begréissen. Éischtens emol esou e Gebai, mat enger begréngter Fassad an engem begréngten Daach, kann een nëmme begréissen. A wéi dat da funktionéiert – virun allem och mat de Kanner – fir de Kanner ze weisen, datt et och aneschters geet. Virun allem, well si dann och an deem Haus liewen. Et ass hiert Haus duerno. Si gesinn, datt et aneschters geet an datt et och net muss déi ursprénglech Bauweis sinn, datt et och esou funktionéiert.

Virun allem wa mir drun denken, datt dee ganze Quartier soll verkéiersberouegt ginn, wéi ech virun eraushéieren hunn. Da musse mir eis och dorunner halen, well momentan ass dat relativ hefteg ronderëm d'Sportshal an den Hotel. Da musse mir eis dorunner halen, datt et do soll verkéiersberouegt ginn. Dat ass dann eisen Job.

Ech géif awer och den Intervenante vun de Büroen e grouse Merci soe fir déi weider Explikatiounen, déi mir hei kruten.

Ech hätt hei nach eng Fro. D'Dämmmaterial ronderëm, do gesinn ech, datt Mineralwollämmung do steet. Et besteet just aus Mineralwollämmung. Et ass net dru geduecht gi fir gepresste Stréi, fir Hanf oder Miscantus oder wat och ëmmer ze huelen? Et bleift do derbäi?

Planetplus / TR Engineering / Goblet Lavandier & Associés:

Am Moment ass et esou, datt mir musse bei engem Gebai, dat eng gewëssen Héicht huet, ab zwee Stäck, d'Euroklass Ds2d2 hu wat d'Isolatiounsmaterialien an der Fassad ugeet. Dat ass an de Prescriptiounen vum CGDIS an der ITM esou virgesinn. Dat kënnt ëmmer méi mat Vollfassaden, mat Gréngfassaden. Den Haaptproblem an deem ass ëmmer d'Bürokratie an eis Prescriptiounen. Et gëtt esouguer gesot, all Schicht muss d'Prescriptiounen vum «bâtiment moyen» hunn. Den

Haaptproblem sinn do ëmmer déi gesetzlech Virgaben a Prescripitiounen an datt d'Planer d'Virschreife vum Brandschutz musse respektéieren.

Alles wat «bâtiment bas» ass, dat ass Euroklass E. An alles wat «bâtiment moyen» ass, also iwwer e Seuil vun 8 Meter lescht Dalle utilisable, muss Klass D sinn. Mir hu leider musse Steewoll huele well mir keen adequat Material fonnt hu wat déi dote Klass huet.

Wéi gesot, et geschitt ëmmer méi, datt déi Holzbauten d'Euroklass D hunn. S heescht „smokeless“ an D heescht „dropless“ an déi dierf net drëpsen. Wann d'Isolatioun verbrennt an si drëpst, da verbreet sech d'Feier natierlech iwwerall hin. S ass „smokeless“ fir datt den Damp net erageet. Ech kann nach eng Kéier nochecken, ma kann iech awer net zu 100 Prozent soen ob mer do net kënnen en anert Material fannen.

De Problem ass och d'Déckt. Wann ech elo géif Holzwooll huelen, da sinn ech bei annerhalfe Mol d'Déckt beim selwechten U-Wäert. Do sinn dann och Interesse wou ee seet, bei engem Notzraum, geet dat, well ech brauch awer esou vill Quadratmeter pro Sall. Da kréien ech net esou vill Kanner eran. Ech weess net, ob dir dat am Detail gekuckt hutt.

Mäi Wëssensstand ass och deen, datt een dat net hikritt. Et gouf elo hei am Land e Beispill virun e puer Joer, wou esou eng Holzfaserdämmung an enger Schoul, wou se bal fäerdeg waren, a wou duerch e Feeler, deen nach kuerz viru Schluss um Bau geschitt ass, et geglimmt huet an dat Ganzt ofgebrannt ass. Et ass och schonn e reellen Hannergrond do. Et ass net esou einfach. Bei engem Holzbau geet dat méi einfach, awer do wou een e Wärmeverbundsystem huet mat engem Massivbau, wou een d'Dämmung dann drop mécht, do ass dat net esou. Och mat de Bestëmmungen hei am Land. Am Ausland gëtt et Plazen, wou se scho méi héich kënnen mat esou Materialie bauen, bei eis ass dat awer nach net de Fall.

Wat de Brandschutz ugeet, esou ass et schwierig, Kompromässer ze fannen. Wann een eng Dämmfal mécht vu Stack zu Stack, ech mengen hei ass et e Minimum vun 1 Meter, ma da soen si, wann dat ufänkt ze bréckelen, da geet et vu Stack zu Stack a frësst sech eran.

Wann een dann dee Wee geet, da muss een awer ab enger gewëssener Héicht eng Sträif maachen, déi 50 cm breet ass, an déi muss aus engem brandfeste Material sinn. Da fannen ech dat eigentlech ökologesch esouguer kontraproduktiv, well wann et iergendwann eng Kéier dozou kënn an et muss recycléiert ginn, dann huet een eng Mëschung vu Saachen, an dat kann definitiv net d'Léisung sinn.

Becker Romain (déi gréng):

Merci fir d'Äntwerten. Hei bleift et jo bei der Mineralwooll. Et ass elo net virgesinn, Mineralplacken ze huelen, well dat Ganzt gëtt et jo och a Plackeform, wat warscheinlech méi einfach ze veraarbechte wier oder wou duerno net esou vill Elementer fräi ginn ewéi bei der Mineralwooll. Ech weess et net.

Planetplus / TR Engineering / Goblet Lavandier & Associés:

Do ass dann och ëmmer d'Fro, wann een eppes méi Festes hält, dann hält ee manner Dämmwäert. D'Mineralwooll huet 0.35 a wann een an eppes méi Festes geet, da kënn een an d'Holzfaserstoffer, an déi si bei 0.42 oder 0.43. Wéi gesot, dann huet een nees eng Kéier 6, 7, 8 oder 9 Zentimeter méi Dämmstäerkt, déi ee muss dropmaachen. Dat huet och nees e Käschtepunkt, an da muss een dat ofweien. Ech perséinlech hu bei Fassaden eigentlech och scho mat Placke geschafft, ma déi sinn awer relativ lëfteg. Ech hu keng fest Mineralfaserplacke verschafft, an ech géif och elo bei enger Fassad net de Virdeel gesinn. Bei engem Daach gesinn ech schonn e Virdeel, well dat déi Mass, vun där mir virdu

geschwat hunn, vergréissert. D'Mass bedeit jo datt, wann et am Summer waarm gëtt an ech hunn eng Chance fir d'Fënsteren an der Nuecht op d'Kipp ze stelle wann et méi kal ass, dann huet déi Mass Zäit fir d'Keelt erofzelueden, an dann dauert et am Dag méi laang bis dat Gebai sech erëm ophëtz. Wat ech manner Mass hunn, wat e Gebai manner fäeg ass fir géint eng Ophëtzung reagéieren. Fest gebonne Materialie gi bei eise Projeten haaptsächlech am Daach verschafft. Dat ass och dee kriteschste Punkt, wou eng Iwwerhëtzung ka stattfannen. An ech géif esouguer soen, datt dat an de Fassaden net méi einfach ze verschaffen ass, ma éischer méi komplizéiert.

Bouché-Berens Marie-Louise (DP):

Ech schlësse mech menge Virriedner un. Si ginn ëmmer méi an déi technesch Froen eran ewéi ech, an dofir brauch ech dann net ëmmer do nozehaken. Ma ech begrëssen et, datt déi nei Maison Relais no deenen allerneiste Standarden – sief et fir „mobilité réduite“, sief et fir d'Begrëngung oder d'Elektrizitéit, fir alles – gebaut gëtt. Et ass un alles geduecht ginn, ewéi ech dat elo héieren hunn. D'Fassad begrëngt, den Daach begrëngt, ech fannen dat immens flott. An dann ënnen déi Terrass, wou dann och nach Begrëngung drakënn, well dat ass jo och nach e Sonneschutz, wou mer iwwerall musse kucken, datt mir iergendee Sonneschutz maachen.

Dann och nach, datt dru geduecht gëtt fir op der Spillplaz e klengen Dëmpel unzeleeën, esou datt d'Waasser net verluer geet. An och datt mir fir duerno un d'Fotovoltaik geduecht hunn. Ech begrëssen dat, well mir brauche jo Plazen. Mir brauchen onbedéngt Plazen, well mir eis an der Gemeng ëmmer wëlle vergréisseren a well dann och ëmmer Leit mat Kanner nokommen. Ech kann nëmme Merci soe fir déi detailléiert Froen, déi mir beäntwert kruten.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech soen der Madamm Bouché Merci fir hire positiven Avis zu dësem Projet. Ech mengen, do gëtt et net ganz vill Äntwerten ze ginn. Ech stelle fest, datt dee Projet net eleng vun der Majoritéit, ma och vun der Opposition matgedeelt gëtt. Dofir géif ech dem Här Goergen elo d'Wuert gi fir ze héieren, wat hie fir Froen oder nach Interventiounen am Kader vun dësem Projet huet.

Goergen Marc (Piratepartei):

Merci fir déi Erklärungen op deenen 235 Säiten, dat war jo immens vill, an och fir d'Erklärunge vun deenen zwee Hären. Wat gutt ass, dat ass, datt mir eis Lëscht mat 500 Kanner, déi nach waarden, ëm 200 erfokréien, esou datt mir iergend eng Kéier d'Zil gesinn – ech weess, et kommen ëmmer Kanner bäi – datt mer genuch Maison Relaisen hunn.

Am Dokument steet och, datt d'Maison Relais un d'Fernwärme ugeschloss wier. Do wollt ech da froen, wou d'Fernwärme hierkënn an aus wat déi hiergestallt wäert ginn. Wat mir immens gutt gefall huet – an déi Diskussioun hate mir schonn e puer Mol am Gemengerot an dat heiten ass elo e Projet, wou dat ëmgesat gëtt – dat ass, datt d'Reewaasser genotzt gëtt fir d'Toiletten. Dat ass einfach eppes, wat mir haut an all Gemengegebaier sollten hunn, well mir jo awer net d'Drënkwaasser sollten huele fir eis Toiletten ze spullen. Ech sinn och genee der Meenung ewéi de Schäfferot, datt, wann ech d'Kritik richteg eraushéieren hunn, et net ka sinn, datt de Ministère ëmmer nei gratis Leeschtunge mécht an ëmmer méi Plazen an de Maison Relais gebraucht ginn, si awer selwer net fäeg si fir méi Budget ze ginn. Eppes, wat sécherlech beim Staat méiglech wier, grad wann et ëmmer eis Kanner geet.

Dann hunn ech nach eng Fro zu den Entréesdieren. Dir kennt jo sécherlech alleguer de Virfall vun Hesper. Wéi ass et hei an der Maison Relais gereegelt fir d'Sécherheet, wien erakënn a

wéi dat wäert gereegelt sinn. Sinn do automatesch Dieren, déi zoumaachen no enger gewässer Zäit? Do ginn et jo verschidde Systemer. Hutt dir dat scho matbeduecht?

Déi aner Fro ass e bësse méi quokeleg. Mir ass zu Ouere komm, datt et nach Problemer gi mat deem Bësch do, mat der Kompensatioun. Do ass jo e Bësch ewechgeholl ginn, an do kënt jo eng Kompensatioun hin. Elo ass et awer esou, datt de Maître Krieger dem Schäfferot an der Ëmweltverwaltung scho Bréiwer gemaach huet an um Wee ass fir e „recours gracieux“. Huet dat eng Auswierkung bei dësem Projet, well dee Bësch net hätt dierften ofgerappt ginn, esou wéi den Här Krieger dat gesäit? De Maître Krieger, dee jo dee ganze Projet eigentlech zum Stoppe brénge wëll, well et misst een do anescht plangen a kucken, wéi do d'Iddie sinn.

An dann ech mer nach opgeschriwwen, datt do steet „solar vorgerüstet“, an dat gouf jo och ugedeit. Ass de Schäfferot dann och gewëllt, ewéi vum Architekt gesot ginn ass, direkt eng Firma domat ze beoptrage fir direkt de Solar ze maachen?

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Hei ginn et e puer technesch Froen, wann ech dat richteg analyséieren, an zwar Fernwärme, Reewaasser, an et gëtt och vläicht e bësse technesch ze kläre wat d'Kompensatiounsmoossnamen ugeet. An et gëtt och vläicht zwou politesch Äntwerte wat d'Entréesdieren ugeet a wéi séier de Schäfferot envisagéiert, mat der Solaranlag virunzefueren. Ech géif awer fir d'éischt den Techniker d'Wuert gi fir eng Erklärung ze gi wat d'Fernwärme, d'Reewaasser an d'Kompensatiounsmoossnamen ubelaangt a fir dozou Stellung ze huelen.

Planetplus / TR Engineering / Goblet Lavandier & Associés:

D'Fernwärme kënt de Moment aus dem Gas-BHKW, dee virun circa 17 Joer installéiert ginn ass. Dee steet nach eng kleng Zäitche, an da muss souwisou eppes Neies an d'Produktioun kommen. Wann een hei kee Fernwärmenetz gehat hätt, dann hätt ee vläicht iwwerleeë kënne fir eng Buerung ze maachen an d'Geothermie ze notzen. Well mir dat hei hunn ass dat net néideg. Spéiderhin, wann dat BHKW net méi bedriwwen ka ginn – an d'Tendenz geet souwisou an déi Richtung fir manner Gas ze hunn – da muss een sech souwisou iwwerleeën, wéi een dat mécht. Et gi keng 1.000 Méiglechkeeten. Et kann ee mat Holz oder Hackschnitzel fueren. Dat muss een an enger Machbarkeetsstudie gesinn. Am Moment ass de Prozess mat Gas een, deen e ganz héijen Effizienzgrad huet, well Gas verbrannt gëtt. Et gëtt net nëmme Wäermt produzéiert ma och Stroum, deen an d'Netz agespeist gëtt. Am Moment ass dat do a mir mussen et notzen esoulaang bis et ofgeschriwwen ass. Duerno mussen mir eis eppes Neies iwwerleeën – virun allem Dir - wéi et duerno weidergeet. Dat war de Kompromëss, deen hei ze maache war. Wéi gesot, ech hunn et elo net méi am Kapp, ob mir hei gefrot hu fir Buerungen ze maachen. Ma fir e Gebai vun esou enger Gréisst hätte mir souwisou net genuch Buerungen um Terrain fir dat do mat Geothermie eleng ze maachen. Dat soen ech emol graff esou, ouni an d'Detailer rechnen ze goen.

Goergen Marc (Piratepartei):

Beim Reewaasser wat et eigentlech keng Fro, ma éischter e Luef, datt d'Reewaasser opgefaange gëtt.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Dann d'Kompensatiounsmoossnamen, wou mir am Fong amgang sinn déi Äntwert ze maachen. Ma ech weess net, ob do vun der technescher Säit nach eppes ze klären ass.

Planetplus / TR Engineering / Goblet Lavandier & Associés:

Et ass alles am Kader vum PAP gelaf an huet mam Projet hei elo direkt näischt ze doen. Mir hunn d'Autorisatiounen ugefrot

an d'Kompensatiounen erleeedegt. Wat do elo u Kontestatioun komm ass, do si mir net am Bild.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Mir wëssen, datt do verschidden Diskussiounen waren. Ech géif och mengen, datt déi Leit, déi Reklamatiounen gemaach hunn, den Dossier net am Detail kann hunn, well soss hätten si déi Interventiounen net gemaach. Mir mussen natierlech - ewéi bei all Fall - kucken, wat hanner erauskënt, well dat ass hei an eisem Land jo net méi garantéiert, datt, wann een op der richteger Säit ass, och op der richteger Säit bleift.

Dann nach d'Entréesdieren an d'Solaranlag.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

D'Entréesdieren, do mussen mir eis jo souwisou der Educatioun an der Sécherheet no beweegen. Dofir kann ech mir elo kaum virstellen, datt mir do derlaanscht komme fir keng Sécherheidsdieren ze maachen. Mir hunn eis an all eise Maison Relaisen dorunner gehale wat d'Oploe vun de Ministère sinn, esou datt mir dat och wëlle bei dësem Gebai esou halen. Wat d'Solaranlag ugeet, do ass jo dovunner geschwat ginn, datt mir uewen um Daach e begréngten Daach plus eng Solaranlag drop maachen, esouwäit dat méiglech ass. Ech mengen, do kann den Techniker eng besser Äntwert ginn.

Ech wollt nach just kuerz op déi Fro agoen, déi den Här Goergen ugeschwat huet, wat d'Kompensatioun ugeet a mat deene Problemer, déi mir do haten. Ech wëll nach eng Kéier just betounen, datt do e puer Beem effektiv geschloe gi sinn, mir awer den Accord vum Ëmweltministère virleien haten ier mer dat virgeholl hunn. Och do duerno, nodeems dat exekutéiert gi war a mir d'Oploe kritt hu fir déi begréngte Fassad, hu mir eis ganz genee an déi Direktive gehalen, déi mir virgeluecht kruten. Esou wéi ech d'Fassad, de Bau elo gesinn, do si mir elo – mengen ech – an deem Rôle dran, dee mir ugefuerdert kruten, esou datt ech elo do keng Bedenken hu fir deen dote Bau an deem Sënn weiderzeféieren.

Breyer Roland (CSV):

Ech hu generell Froen. Ech fannen de Projet gutt konzipiéiert, esougutt vun der Architektur ewéi vun der Technik. Op där Plaz do, et ass keng einfach Plaz, ass et net einfach fir dat Bescht erauszekréien. Dat ass hei geschitt.

Ech maache mer awer méi Suergen a Gedanken iwwer d'Evolutioun, déi mir hu mat der Kannerversuergung a Kannerbetreung. Wann ee kuckt, an deene leschten 10 Joer vun dëser Regierung ass vill geschafft ginn an där Hisiicht, méi Reglementatiounen gemaach ginn, Fuerderunge gemaach ginn. De Buergermeeschter huet et jo och schonn ënnerstrach, datt mir bei 14 Milliounen Invest 14% Subside vum Staat kréien. Dat war um Ufank net esou geduecht. Dat ass einfach esou komm. Et kënt ëmmer nach derbäi. Vun all Ministère, deen nëmme kann, komme Revendicatiounen derbäi, esou datt mir op engem Wee sinn, deen deier gëtt.

Mir stellen hei fest, datt de Quadratmeter 6.360 € kascht. Dat si stolz Präisser fir déi Konstruktione, déi sech hei erginn. Ech maache mir Gedanken driwwer, ob déi Politik richteg ass fir d'Versuerge vun de Kanner. Mir hate virdrun eng aner Politik. Et ass méi an de Famille geschafft ginn. Déi kann och erëmkommen. Et kann eng nei Regierung kommen, et kann erëmkommen, datt méi gebremst gëtt a gesot gëtt, mir ënnerstëtzen d'Famill doheem. Mir ënnerstëtzen d'Mamm doheem, de Papp doheem oder d'Famill, déi sech ergëtt. Mir ginn deene finanziell Kompensatiounen. An dann hu mir op eemol 10.000 Quadratmeter eidel stoen, wou mir net wëssen, wouhin dermat, awer wou mir vill dran investéiert hunn. Dat si Gedanken, déi ech mer maachen, well ech gesinn, datt mir an der Generatioun, déi ech materlieft hunn, ganz vill an der

Famill opgewuess sinn. An op eemol am leschte Joerhonnert, um Enn vum leschte Joerhonnert si mir op déi Form gaangen, well einfach déi Form war, déi sech entwéckelt huet an d'Regierung dat ënnerstëtzt huet fir ze soen, mir ginn elo eraus a mir huelen d'Kanner ewech.

An ech hunn esou eng Virstellung vun enger Diskussioun mat Interessenten, do ass gesot ginn, dat ass déi 1. Phas, da kënnst déi Phas hannendrun. Da kënnst deen Internat nach hannendrun, an da kënnen d'Kanner och do schlofen déi ganz Woch fir d'Elteren z'entlaaschten, well se, deemno wat fir e Beruff se hunn, op Schichte schaffen. An da gëtt een d'Kand do of an et geet een net no 3 Méint sichen a seet dann, wat bass du grouss ginn. Bass du iwwehapt nach mäint, well se d'Kand net méi kennen. Ech fannen och, datt mir an der Gesellschaftsform amgang sinn, net onbedéngt dee beschte Wee ze goen. Bon, ech si vläicht do en alen Traditionalist, ech si vläicht laang dobäi, awer ech froe mech awer, ob dat dee richtige Wee ass fir ëmmer weider an déi Richtung ze goen.

Praktesch Froen zum Fonctionnement duerno, dat ass de Verkéier. Dat schéngt mir e ganz grouse Problem an deem Eck do ze ginn. Mir hunn net nëmme d'Sportshal do. Mir hunn d'Maison Relais do, mir hunn eng privat Crèche do, mir hunn en Hotel do, en Nationale Keelzencenter, an da kënnst dat do nach derbäi. E ganze Koup Demandeuren, déi gären esou e Kiss-and-go wëllen. Si komme scho vu moies fréi bis owes spéit fir ofzeliwweren. Elo ass et scho komplizéiert. Et muss ee wierklech e Konzept maache fir datt dat an deem Eck fonctionéiert. Dat ass guer net esou einfach. Et ass elo schon amgang komplizéiert ze ginn. Mir hunn dee ganze Zoning do mat Cactus, Lidl an eent bei d'anert, do ass et net einfach. Do muss ee mat Zäiten e kloert Konzept op den Dësch leeën, well soss kréie mer do Problemer. Mir hu jo Zäit, e Joer, dräi Joer laang fir ze profitéieren an e Konzept auszeschaffen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech soen dem Här Breyer Merci fir seng Interventioun. Ech mengen, hei si keng Froe fir den Techniker, hei sinn éischter Froen um politeschen Niveau, an dofir géif ech der Madamm Conter fir déi generell Iwwerleeungen zu de Maison Relais an och zum Verkéier ginn d'Wuert ginn.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Wann ech op déi éischt Fro vum Här Breyer soll äntweren, dann ass et eng gesellschaftlech-sozial Diskussioun, déi iergendwann eng Kéier muss gefouert ginn a wou mir awer vun der Gläichberechtigung vun der Fra an der Gesellschaft, wou d'Fra gläichgestallt ginn ass, mussen ausgoen. D'Frae vun haut sinn net d'Frae vu gëschter a virgëschter. D'Frae vun haut sti voll am Aarbechtswien. Dat ass eng aner Gesellschaftsform, op déi mir de Moment higinn. Wéi se sech weider an deem Sënn soll entwéckelen, dat kënnen mir haut och nach net ausmaachen. An a wéi wäit déi Politiker, déi bei eis un d'Spëtz vum Land kommen, och wëllen dorunner eppes änneren oder sech eppes ännere loosse un esou enger Gesellschaftsform, déi net nëmme eleng hei am Land – mengen ech – sech esou entwéckelt huet, awer déi sech allgemeng an der ganzer Welt an an Europa esou ass. Do wäerte mir nach ganz vill Diskussiounen an nächster Zäit hunn an eis Nofollger wäerten och nach dorunner mussen dokteren.

Wa mir elo kucken, mir sinn elo haut am Zäitdrock a mir hunn eng Demande vu Plazen an de Maison Relais do leien, an deem wëlle mir elo Rechnung droen. Dat ass eng Saach, déi mir an deenen nächste 5, 10, 15, 20 a 25 Joer och nach, ewéi ech d'Gesellschaft gesinn, wäerte weiderféiere mussen an et och duerno nach weidergefouert wäert muss ginn, esou datt mir elo mussen op deem dote Punkt kucken, datt mir an de Maison Relais, déi oppe Plazen hunn – mir hunn eng Waardelëscht vu 600 Kanner – Kanner esou séier ewéi

méiglech ënnerdaach kréien. Ech hunn all Dag Leit um Telefon, Leit bei mir um Büro, déi no Hëllef ruffen, déi kräische kommen, well se net wësse wouhin. Mir hu schliisslech 100 Natioune bei eis an der Gemeng, an et ass net jiddereen, deen eng Bomi oder e Bopi hannendrun huet oder soss iergendee vun der Famill, deen engem kann e Kand halen. Et sinn der eleng hei, déi Hëllef brauchen. Deene muss mir elo emol direkt gerecht ginn.

Wa mir elo op de Verkéier ze schwätze kommen, do hu mir effektiv ganz vill Verkéier an deem Eck. Wat natierlech zu de Maison Relais ze soen ass, dat ass, datt se e weineg anesch funktionéieren. De grouse Verkéier moies – d'Maison Relais fänkt schon um Véierel vir siwen oder siwen un -, dann hu mir nach kee Schoulverkéier do. Mir hunn och warscheinlech nach net esou vill Verkéier mat dem Sportzentrum a mam Hotel. Eis Supermarchéë ronderëm fonctionéieren och nach net, déi sinn och nach zou ëm déi Zäit. Um 8 Auer ginn d'Kanner aus der Maison Relais an d'Schoul gefouert. Well déi Maison Relais ganz no bei der Schoul läit, kënnen déi zu Fouss goen. Natierlech ass do méi e kräftege Verkéier. An der Mëttesstonn dat selwecht, si ginn och nees zu Fouss zeréck.

Am Nomëtteg bis an den Owend era verleeft dat sech e bëssen, well d'Kanner jo ënnerschiddlech ofgeholl ginn. Jo, et ass natierlech méi Verkéier do a mir mussen kucken, datt mir d'Kanner do a Sécherheet kréien, datt mir genuch Parkplazen op der Plaz hunn oder Kiss-and-go oder den Eltere soen, datt se sollen e puer Meter zu Fouss goe fir d'Kand sichen ze goen. Ech mengen, Bewegung ass haut jo gefrot, a Bewegung deet och gutt wann een e bësse geet. Mir mussen natierlech vigilant sinn a kucken, datt mir alles ofgeséichert kréie fir d'Kanner esou vill ewéi méiglech ofzesécheren. Wat mir awer och mussen maachen – a wat ech ëmmer soen – dat ass, datt mir d'Kanner mussen dru winne fir mat engem gewësse Verkéier kënnen ëmzegoen. Mir duerfen a sollen d'Kanner och net a Watt apaken. Et ass nun emol esou. Mir liewen an enger Gesellschaft, wou de Verkéier ëmmer méi dicht gëtt, a wann een domat opwiisst, da weess een sech och besser dran ze behuelen. Dofir wäerte mir och an nächster Zäit kucke fir dee ganze Quartier ofzesécheren, awer an deem Sënn, datt jiddereen an deem Eck soll seng Verantwortung iwwehuelen.

Brecht Guy (LSAP):

Ech hu virun dem Här Breyer mat grousem Interessen nogelauschert. Et ass zwar Wonschdenken, awer ech si grad esou der Meenung ewéi hien, datt et eng Léisung wier wann eis Politiker géifen ëmdenken an et och eng Léisung wier fir grouse Problemer dobaussen, wann d'Kanner nees doheem géifen erzu ginn. Ech denken do d'selwecht ewéi dir, Här Breyer.

Selbstverständlech begrëisse mir als LSAP-Fraktioun dese Projet. Dës Maison Relais ass batter néideg an entlaascht jo, ewéi d'Madamm Conter gesot huet, eis Waardelëschten. Awer mir si bestëmmt nach net do ukomm fir dee grouse Besoin zefriden ze stellen. Weider Investissementer an déi Richtung wäerten och an Zukunft batter néideg sinn. Ma doriwwer wäert dann déi nei Ekipp sech Gedanken no den nächste Gemengewale kënnen maachen. Eis Gemeng wiisst a wisst an eisen Här Buergermeeschter huet eis jo wéini en Aperçu iwweier d'Awunnerzuele fir d'Zukunft an engem rezenten Interview am Lëtzebuerger Wort ginn.

Méi Awunner, méi Kanner, méi Demandë fir an d'Maison Relais. Et ass am Moment, an et wäert och an Zukunft eng grouse Erausforderung sinn, deene ville Besoine gerecht ze sinn an ze ginn. Ma ech géif soen, datt mir hei an der Gemeng gutt opgestallt si fir och déi Erausforderungen ze meescheren.

Ech hunn dann nach eng Fro iwwer d'Reewaasser. Dir hutt jo alleguer déi Drècheperiod hei an eisem Land, an net nëmmen an eisem Land, ma iwwerall dorëmmer, matgemaach. Wéi kann een do eppes opfänke wann et esou dréchen ass? Hu mir do Reservoir fir dat opzefänken? Kënne mir dat Waasser späichere wann et esou dréchen ass? Wéi fonctionéiert dat?

Planetplus / TR Engineering / Goblet Lavandier & Associés:

Natierlech kann een dat späicheren. De Prinzip ass deen, datt der sot, ech hunn e gewëssene Bedarf an ech hunn e gewëssene Reefall, deen iwwer Jore statistesch standardiséiert ass, an da muss een ausrechne wat ee ka späicheren. De Problem ass, wann een ze grouss späichert, da stagnéiert d'Waasser an dann hunn ech hygiesch Problemer. Dat heescht, et géllt e Kompromëss tëscht béiden ze fannen. Wa een elo géing soen, et bréngt een dat op 100% Sécherheet, esou datt een ni Dréenkwaasser brauch, da misst een e risege Becke mat engem ökologesche Backpack – deen och net genial wier – bauen, wat och net optimal wier. Do muss een e Kompromëss fannen tëscht dem Waasserverbrauch an der theoretescher Reespend, déi dir kritt.

Vor allem muss man davon ausgehen – wir hatten ja jetzt eine Trockenperiode über 3, 4 Monate mit nur vereinzelten Regenfällen -, dass wir die aber auch im Winter nutzen. Wir nutzen sie das ganze Jahr. Das heißt zwei Drittel vom Jahr bekomme ich meinen Wasserverbrauch relativ gutt gedeckt. Rechnerisch kommt man da auf 53%. Man kann schon sagen, man spart mit der Anlage über die Hälfte vom normalen Wasser.

Accord à l'unanimité.

5.2.

Administration générale.

Titres de recettes au montant total de 17.423.122,05 euros – décision.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Recettes les plus importantes:

<i>Fonds de dotation globale des communes – juin 2022 (après déduction de l'apport CGDIS)</i>	7.962.176 €
<i>Fonds de dotation globale des communes – avance 3e trimestre 2022</i>	7.962.176 €
<i>Maison Relais – Part Etat – 3e avance 2022</i>	857.545 €
<i>Impôt commercial – 3e avance</i>	333.000 €
<i>Pacte Climat – Fonds pour la protection de l'environnement – subvention variable</i>	175.000 €

Accord à l'unanimité.

5.3.

Administration générale.

Désignation d'un lieu de célébration de mariages complémentaire à la maison communale – décision.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Il est proposé de désigner la grande salle au 2e étage du Centre WAX à Pétange, dénommée salle polyvalente «Um Späicher», avec une capacité d'accueil supérieure à celle de la salle de mariage de l'Hôtel de Ville, comme lieu de célébration de mariages supplémentaire.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Mir waren am Schäfferot eigentlech der Meenung, datt déi beschte Plaz nach ëmmer déi hei am Stadhaus ass an datt et kaum eng besser Plaz gëtt wéi déi, fir de Mariage civil kënnen ofzehalen. Émsou méi datt mer zanter enger Rei Joren, ech géif soen et si 15 Joer, adequat Raimlechkeeten hunn, mat enger Terrass, wou een och nach kann den Aperitif zesummen drénken a wou een d'Méiglechkeet huet, fir dat kënnen an enger wierdeger Aart a Weis ze maachen.

Mir sinn awer och op der aner Säit der Meenung, datt wann de Staat eis d'Méiglechkeet an och bal indirekt d'Obligatioun gëtt fir och nach eng aner Alternativ unzëbieden, datt een sech soll Gedanke maachen. A mir sinn zu Conclusioun komm, an dëser Phas, datt déi eenzeg Plaz, déi am Fong deene Critères all entsprécht, déi vum Gesetz virgesi sinn, de Späicher vun Haus Wax ass, wou een e bësse méi eng grouss Zuel vu Leit kann ënnerdaach bréngen a wou een dann och ënnert all deene Konditiounen, déi mer eis virstellen, kéint eng Hochzäit halen.

Wa mer hei als Gemengerot zur Conclusioun kommen, datt dat dee richtege Wee ass, da musse mer natierlech och déi Raimlechkeeten adequat installéieren, fir datt, wa mer och eng Hochzäit ofhalen, mer och déi néideg Dëscher, Still an den néidegen Encadrement hunn. Mä mir hunn eigentlech als Schäfferot keng aner Plaz gesi wéi déi, déi mer nach supplementar kéinten offréieren. Wuel wëssend, datt een sech och ëmmer muss bewosst sinn, datt wann ee vun enger Plaz op déi aner hopst, datt dat och fir d'Administratioun net esou einfach ass. Wann een um 16.30 Auer eng Hochzäit hei am Gemengenhaus huet an um 17.30 Auer eng Hochzäit an engem anere Gebai, dann ass dat net machbar, well mer och nach vun enger Plaz op déi aner musse goen. Dat ass alles net esou einfach, mä mir hunn awer gemengt, datt de Centre Wax awer déi Konditiounen kéint erfëllen, och fir dat technesch hinzekréien.

Goergen Marc (Piratepartei):

Ech begréissen, datt en anere Sall dobäi kënnt. Et ass och net all Gemeng, déi esou e schéine Sall am Stadhaus huet wéi mir hei zu Péteng, an datt de Staat d'Méiglechkeet ginn huet, datt all Gemeng dat kann ubidden. Mir hunn hei zu Péteng sécherlech mat dee schéinste Sall iwwerhaapt. Ech weess, fir verschidde Familljen ass e vläicht nach e bëssen ze kleng, mä domadder ass jo elo Ofhëllef geschaaft.

Ech hätt mer just gewënscht, et hätt een nach vläicht a Rousen oder e Centre culturel mat erageholl, ebe fir déi Leit, déi nach eng méi grouss Festivitéit wëlles hunn. Mä mam Späicher vum Centre Wax kann een och liewen.

D'Leit si jo awer net obligéiert, fir duerno hir Hochzäit an deem Restaurant ze maachen? D'Gemengeverwaltung wäert jo och hiert eegent Gedrénks zerwéieren, esou wéi dat elo schonn am Stadhaus de Fall ass. Et wäert jo elo net iergendeng Obligatioun entstoe par rapport zum Restaurateur, deen am Haus ass.

Et muss een natierlech och soen, datt mer bis elo zu Péteng en Hotel haten, wat op Hochzäite spezialiséiert war. Mat der Entscheidung haut, wäerten déi awer eng staark Konkurrenz kréien, well d'Leit sech awer vläicht iwwerleeë fir an de Restaurant Wax ze goen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Et ass kloer, datt wa mir déi Hochzäiten oder aner Manifestatioun um Späicher ofhalen, datt mir fir den Service suergen an och dofir suergen, datt d'Gedrénks vun eis kënnt. Do wäert keng Concurrence déloyale stattfannen. Ech mengen och net, datt d'Zuel vun de Leit esou grouss wäert si fir an de Wax ze goen.

Är Iddi fir a Rousen ze goen, do muss ech iech soen, datt ech eng Rei Hochzäiten a Rousen gehalen hunn, ënnen an der Galerie, an dat huet mer awer absolut net gefall. Do misst een dann awer ganz vill investéiere fir do e Kader ze schafen, dee wierdeg ass fir eng Hochzäit. Dat hu mer misste maachen, wou mer wéinst dem Covid hu misste wäit ausernee sätzen. Et blouf eis keng aner Alternativ, mä ech kann iech soen, datt déi Erënnerungen un déi Hochzäite keng Erënnerunge sinn, déi mech iwwerzeegt hunn. An dofir ware mir net waarm fir dee Sall ze huelen. An ech géif mengen, datt e Centre culturel oder e Centre de loisirs e bëssen dee selwechte Kader ass. Dat si gréisser Säll, wou een dann awer relativ eidel do sëtzt a wou et ganz schwéier ass, fir e Kader ze schafen, deen eng Hochzäit wierdeg ass.

An dofir war vun eiser Säit aus d'Iwwerleeung, datt de Wax eigentlech dat eenzegt ass, wat eenegermoosse kann d'Strooss halen, wuel wëssend, datt mir – an do bleiwe mir dobäi – nach ëmmer der Meenung sinn, datt déi beschte Plaz nach ëmmer hei am Stadhaus ass. An eis Administratioun wäert versiche fir d'Leit ze iwwerzeegen, datt se d'Hochzäite sollen an eisem Stadhaus maachen an net am Wax. Mä duerch d'Gesetz hu mer eis e bësse verpflichtet gefillt, fir nach eng zweet Alternativ unzebidden. Net datt et heescht, Péteng huet just nëmmen eng Alternativ. Mä déi bescht bleift a mengen Aen ëmmer nach d'Sadhaus.

Bouché-Berens Marie-Louise (DP):

Ech begréissen déi zwee Säll an ech kann nëmme soen, datt eise Sall, dee mer an der Annexe vum Stadhaus hunn, e wonnerbar schéine Sall ass fir Hochzäiten. Ech ka mer och virstellen, datt dee Sall uewen am Wax grad esou schéin ass fir Hochzäiten. Mä ech stelle mer einfach d'Fro, ass et vum Gesetz hir esou, datt et an engem geschlossene Raum muss sinn? Well ech ka mer virstellen, de Summer, fir dobaussen am Park einfach esou ee kleng Pavillon aus Fer forgé opzestellen. Et gi jo och vill Leit, déi sech vläicht am Fräien oder an der Natur wéilt bestueden, esou wéi se dat an de Vakazen op der Plage maachen. Esou hätt ech dat awer och ganz gutt gesinn, hei bei der Gemeng. Mir hunn e wonnerschéine Park. Si bréichten net wäit ze goen. Wier dat net och eng Méiglechkeet? Ech hunn näischt géint de Sall am Wax. Deen ass wierklech tiptopp.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Déi Iwwerleeungen hu mir eis och gemaach. Dat géif och goen, well et ass Propriété communale. Am Wax, virun der Dier, hätt een et kéinte maachen, hei am Park hätt een et kënnen maachen. Allerdéngs ass de Problem, wa mir an den Acte schreiwen, datt d'Hochzäiten am Park gemaach ginn a mëttes um 15.30 Auer fänkt et un riicht eran ze reenen, da sti mer och am Park. Dat ass e Problem. An et muss een sech bewusst sinn, datt dat net esou evident ass. Da muss ee schonn iergendwéi en Iwwerdaach op enger Plaz schafen. Dat ass awer am Park net esou einfach. Och do hu mer Oplage vum Environnement.

Ech mengen, dat sollt een sech eng Kéier iwwerleeën, wann een an den nächste Wochen a Méint gesäit, datt déi Demande ëmmer méi grouss gëtt. Mä da muss een sech awer eng Méiglechkeet ginn, déi eis awer virun Intemperie schützt. An dat ass an dëser Phas net méiglech. Mä ech mengen, wann et haut net méiglech ass, dann ass dat awer net ausgeschloss, datt dat vläicht an Zukunft méiglech ass. Et si jo vläicht Iddien, déi d'Parteien sech kënnen iwwerleeën fir an hire Walprogramm ze schreiwe fir d'Joren 2024 bis 2030.

Mä dat huet eis e bëssen zeréckgehalen, datt wa mer eisen Acte elo hei preparéieren, a mer soen et ass dobaussen – a mir wësse wéi séier, datt d'Wieder hei ëmschléit – da sti mer och dobaussen.

Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:

Ech wollt nach ee Wuert dozou soen. D'Haaptiddi fir dat Gesetz ze maache war déi, datt ganz vill Gemenge keng adequat Raimlechkeeten hu fir eben eng Hochzäit ze halen. An ech fannen, mir hunn hei eng mat deene schéinsten Installatiounen, déi s de am Land hues. Mat enger Terrass, wou ee kann erausgoen, dat ass topp. En plus ass d'Gemeng eng Institutioun a mir sollen dat an deem Gebai maache wou d'Institutioun ass. Dat ass meng perséinlech Meenung, mä et ass och déi vum Schäfferot, mengen ech.

Ech wollt dat awer soen, well mer dat an der Chamber diskutéiert hunn. Dat ass jo och e bëssen d'Meenung vum Vollek, vun den Deputéierte vun dësem Land.

Breyer Roland (CSV):

Ech schléisse mech deem u wat scho gesot ginn ass. Mir hunn hei eng formidabel Institutioun, wou mer de Park dobäi hunn. Méi schéi geet et net fir Fotoen ze maachen an alles. D'Receptioun kann een am Fräie maachen, mir hu Prabbelie fir ze iwwerdecken. Mir si scho gutt ekipéiert. Mir kënnen et nach besser maache wa mer wéilt oder wann dat misst sinn.

De Wax, als Alternativ, fannen ech och gutt, fir einfach eng zweet Méiglechkeet ze ginn. Mä ech géif mer elo net onbedéngt als Schäfferot e Stress opleeën. Wann emol een do ass, deen am Wax gäre wéilt bestuet ginn, da géif ech kucken ob d'Hochzäiten op deem Dag net alleguerten am Wax kéinte sinn. Net datt ee muss hin an hier jauwen. Well soss maache mer eis selwer dronken. Et misst een dat net onbedéngt als Konditioun dohinner setzen, mä als Richtlinn.

Dat zweet ass, beim Wax si jo och elo Konditiounen vun de Reservatiounen, vun de Prioritéiten. Et misst ee kucken, ob dat ëmmer mat Zäite kommunikativ fonctionéiert.

An dat lescht ass, hei am Stadhaus war et bis elo ëmmer limitéiert an den Zuelen. Wier et och am Wax limitéiert an den Zuelen oder kéint een do emol un eng Ouverture denken?

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Also mir haten effektiv geduecht, datt een do d'Zuel kéint e wéineg méi héich setzen, mä och net ze héich. Well wa mer elo ufänken op ee Mol 80 bis 90 Leit an de Wax eranzehuelen, dann ass et jo kloer, datt vill Leit onbedéngt wëllen an de Wax goen, well se da kënnen méi Leit hunn. Da brauche mer natierlech och méi Personal, mir brauchen och méi Encadrement. Da muss ee kucken, wéi een do virgeet. Ech kéint mer awer virstellen, datt een d'Zuel e bësse méi héich am Wax kéint setze wéi hei am Stadhaus. Och hei am Stadhaus ware mer flexibel, wann emol ee gesot huet, si wieren net zu 20 mä zu 25 oder zu 30. Dann hu mer awer heiansdo duerch d'Fanger gekuckt. Oder den Dag selwer, wann op ee Mol 30 Leit virun der Dier stoungen, dann hu mer och net gesot, datt se mussen dobausse stoe bleiwen.

D'Gefor, déi besteet, ass natierlech, wann een dat do elo ze vill grouss am Wax opmécht, dass natierlech vill Leit soen, datt se wëllen an de Wax goen an da kënnen se hir Receptioun vun der Hochzäit an der Gemeng maachen. An dat ass awer och net de Sënn an Zweck vun där ganzer Saach. Da musse mer kucken, wéi mer dorobber reagéieren. Mä fir de Moment géif ech soen, datt déi Gefor net esou grouss ass. Esou datt mer hoffen, datt mer dat kënnen iwwert d'Bün kréien.

Mä dem Schäfferot seng Meenung ass kloer. Wann op ee Mol keng Hochzäit méi am Gemengenhaus ass, mä si sinn alleguerten am Wax, da musse mer eis wierklech als Gemengerot iwwerleeën, ob mer dat effektiv wëllen oder net. An da musse mer vläicht esouguer nobesseren.

Breyer Roland (CSV):

Et irritéiert e bëssen, datt an der Virlag vun der Regierung 91 Leit steet. Da muss ee kucken, datt een dat direkt bremst.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

An der definitiver Versioun steet dat net méi dran. Dat gouf erausgeholl. Well mir haten net geduecht, fir esou vill Leit zouzeleossen. Well dat fänkt dann awer un ze grouss ze ginn an dann ass et och net méi wierdeg. Da si mer schon net méi an deem Film, datt mer wierdeg si fir eng Zeremonie ze halen. Et muss och jiddereen dat verstoen a kënnen nolauschteren, wat do geschwat gëtt. An dofir soll et awer och limitéiert sinn.

Accord à l'unanimité.

5.4.

Administration générale.

Elaboration d'un concept de pistes cyclables communales: vote d'un crédit spécial de 20.000,00 euros – décision.

Mertzig Romain, Schäffen:

Bei dësem Punkt geet et ëm d'Ausschaffe vun engem Konzept fir d'Vëlospisten, an zwar vun der Gare Rodange respektiv P&R Rodange, deen elo opgeriicht ass. Do huet d'CFL eis proposéiert, fir eng Realisatioun vun enger Vëlospist laanscht d'Gleiser a Richtung Lycée ze maachen. Dës Pist soll an engem globale Konzept integréiert ginn, esou datt och den zukünftegen Uschloss un den nationale Vëlosreseau méiglech sollt sinn.

Fir esou ee Projet ass laut Ministère de la Mobilité et des Transports publics e Subsid vun 30% méiglech. An enger éischter Phas ass d'Opstelle vun engem Avant-projet estimatif geduecht. Dofir ass e Spezialkredit vun 20.000 Euro virgesi fir d'Opstelle vun engem Avant-projet sommaire, dee mer da kënnen bei dee kompetente Ministère weiderleeden.

Et ass awer och ze präziséieren, datt d'Käschte vun esou enger Etüd sech wäerten duerno am Total op iwwer 56.000 Euro chiffréieren.

Arendt Patrick (CSV):

Dat do kann een nëmmen ënnerstëtzen an dann hoffe mer, datt déi à priori virgesinnen 30% Subventioun och machbar ass, wann ee jo awer bedenkt, datt eis Regierung jo ëmmer erëm fir d'Mobilité douce plaidéiert. Leider gesi mer an aneren Dossieren – zum Beispill hu mer jo elo grad iwwer d'Maison relais geschwat – datt mer ëmmer méi Oploe kréien an op där anerer Säit d'Zouschëss plafonéiert kréien.

Als Rodanger Bouf weess ech, datt et an der Zäit ni ganz einfach war, wou ech mam Vélo bei d'Kollegen op Péteng gefuer sinn. Vun der rue Adolphe iwwer d'rue de l'Industrie, vun do laanscht d'avenue de l'Europe bis bei de Pétenger Fussballterrain, vu wou aus et dunn als Vëlofuerer méi sécher ginn ass ze fieren. Virun allem deen Deel iwwer d'avenue de l'Europe war ni ganz ongeféierlech. Dofir fannen ech dee Wee, dee geplangt ass laanscht d'Schinnen, eng gutt Alternativ. Mä wa mer bis beim Lycée sinn, wéi geet et da weider? Geet et da Richtung Rond-point Lénger a vun do aus weider an all Richtungen oder wéi ass et geplangt fir do weider ze fieren?

Mertzig Romain, Schäffen:

Déi Saach ass nach an der Etüd. Do hu mer och nach keng definitiv Léisung. Do si mer am Gaangen ze kucken, wéi een dat ka léisen. Well wéi mer wëssen, wa mer Richtung Péteng fieren, hu mer Geforepunkten. Egal wéi mer fieren. Eng Kéier, wa mer géifen den normale Wee fieren, dann hu mer de

Geforepunkt vun der Porte de Lamadelaine. Mir wëssen allegueren, wat do lass ass. A wa mer einfach esou iwwert de Rond-point géinge fieren, dann ass och de Geforepunkt do. An d'Diskussioun war un sech komm, datt ee géing eng Passerell iwwert de Rond-point maachen, mä, wéi gesot, dat ass elo nach net definitiv decidéiert. Mä dat ass awer d'Iddi, an datt een dann déi aner Säit Richtung Lénger den Uschloss kréich an esou den Uschloss un den nationale Vëlosreseau géif kréien.

Scheuer Romain (déi gréng):

Meng éischt Fro ass elo scho vum Här Mertzig beäntwert ginn. Ech wollt u sech déi Iddi vun enger Passerell opgräifen. Bei enger Ënnerféierung hätte mer warscheinlech erëm de Problem wéi bei den Tunnellen am allgemengen, well do ëmmer Problemer si mam Waasser. Deemno wier eng Passerell déi beschte Léisung.

Dir sot, et géif laanscht d'Eisebunn goen, vu Rodange aus bis bei de Lycée. Dat wieren u sech zwou Mécke mat engem Schlag, well dann hätten d'Foussgänger och d'Méiglechkeet, fir driwwer ze goen. Well wann ee kuckt, all déi, déi vu Péteng aus wëllen op de Fussballterrain oder op de Weier goen, stinn de Moment bei engem Zebrasträifen, wou ee praktesch net eriwwekënn oder mat engem Fouss an der Gefor steet. Esou hätt een dann zwou Saache mateneen anstänneg behewen.

Vu Säite vum Staat gëtt d'Mobilité douce jo ënnerstëtzt a e kuckt och, fir déi richteg Léisungen ze fannen. Well et mécht jo Sënn, datt d'Leit och e bëssen op de Wee gi fir zu Fouss ze goen oder fir mam Vélo ze fieren, wat u sech jo och gesond ass.

Da wollt ech awer nach froen, wéi wäit mir als Gemeng do mat agebonne ginn an dee ganze Projet. Well mer jo och Sue mat investéieren, ginn eis Uleiessen och mat a Kenntnis geholl? Besteet d'Méiglechkeet och, fir datt déi Rodanger Leit mat un déi Vëlospist ugebomme ginn oder besteet iwwerhaupt eng Méiglechkeet, datt se mat ugebomme ginn, ouni iwwert déi Passerell ze fuere mam Vélo, mam Lift? Ass dat an der Etüd mat agebonnen oder gefrot ginn?

Mertzig Romain, Schäffen:

Selbstverständlech ass dat méiglech. Mir hunn eng Kéier e Projet hei virgestallt kritt – d'Gestaltung vun der Rodanger Gare – an do war ganz kloer eent vun den Haaptakzenter d'Mobilité douce. An dofir si mer jo och op de Wee gaangen, datt mer déi Ënnerféierung net an enger schmueler Gaass si loossen, mat 2,50 Meter. Dofir hu mer jo u sech diskutéiert, fir do eng schéin, breet Ënnerféierung ze kréien a wou mer d'Méiglechkeet och kréie fir vun uewe vun der Gare esouguer mat engem Lift an d'rue de l'Industrie ze kommen. Well d'Gedanke gi mat där ganzer Pist nach méi wäit. Éischtens entschäerfe mer déi ganz Situatioun an et muss een och wëssen, dass Projete mam Interreg am Gaange sinn. D'Gemengen Ibbeng, Mont-St-Martin a Lonkech sinn och interesséiert, fir sech un d'Gare Rodange unzeschlësse mat engem Vëloprojet. Dat si Projeten, déi nach net definitiv gestëmmt sinn, mä déi awer an der Pipeline sinn. An da gi mer deene Leit vun där anerer Säit vun der Grenz éischtens d'Ubannung och un d'Rodanger Gare an ein eist nationaalt Vëlosnetz. Dëse Weekend hat ech och duerch Zoufall nach e Gespréich mam Buergermeeschter vun Ibbeng, an si sinn och interesséiert fir esouguer dee ganzen Deel vu Messancy erof, wou si eng Vëlospist schon hunn, och un dee ganze System unzeschlëssen. Esou datt mer gesinn, datt mer do e richteg Knotenpunkt kréien, wat och fir d'Mobilité douce gutt ass a wat och interessant fir eis Gemeng, respektiv d'Bierger am Dräilännereck ass.

Selbstverständlech si mir och der Meenung, dass de Staat eis soll ënnerstëtzen. Ech mengen awer vum Gefill hir kënnen ze soen, datt se dat och wäerte maachen.

Stoffel Marco (LSAP):

Dat meescht ass gesot. Et ass jo just e klengen Deel, wat duerno eng grouss Wierkung wäert hunn, well do d'Netzer zesumme wäerte geschloss ginn. Ech wollt awer froen ob net virgesinn ass fir eng zousätzlech Etüd ze maachen, fir dat Gesamtnetz vun der Gemeng ze schafen an en zesummenhänkend Netz an der Gemeng selwer ze schafen. Wann ech dat elo richteg verstanen hunn, ass dat dote just op dee spezifesche Punkt consideréiert.

Mertzig Romain, Schäffen:

Deelweis hu mer schonn e Vëlosnetz an der Gemeng geschafen, wou mer scho Geforepunkten erausgeholl hunn. Natierlech leeft dat bestoend Netz parallel mam Autosverkéier, wat vläicht net glécklech ass, mä d'Méiglechkeet ass do. A wéi mer och virdu gesinn hunn, beim Site Eucosider hu mer och e Stéck Terrain, wou mer amenagéiert hunn, wa mer iwwert den Tippewe vu Rolleng eriwwer kommen, fir do unzeschléissen an datt mer de Geforepunkt tëscht deenen zwou Brécke Richtung Nidderkuer entschäerfen. Esou datt mer direkt an der Nidderkuerstrooss erauskommen iwwert d'rue Bellevue. A selbstverständlech – dat ass elo net direkt virgesinn – ass e Konzept schonn do. Mä dat Konzept gëtt awer och dann nach mat deenen heite Méiglechkeeten an och mat deene Méiglechkeete fir unzeschléissen ausgebaut. Do sinn nach Gespréicher am Gaangen, wou awer de Staat muss eng Decisioun huelen, datt mer och eist Vëlosnetz Richtung Déifferdeng probéieren unzeschléissen.

Breyer Roland (CSV):

Mir hu jo de PCR8, dat ass dee Wee, dee weider iwwer Déifferdeng geet. Deen ass hei gestëmmt ginn an déi Verbindung ass virgesinn. Dat heiten ass elo eng Initiativ vun der Eisebunn, déi elo dertëscht kennt. Et sollt ee kucken, an do ginn ech dem Marco Stoffel Recht, datt dat e Konzept gëtt. Net datt mer déi eng Säit déi Süd-Variant hunn an déi Nord-Variant developpéieren an duerno an der Luucht hänken. Et muss eng Verbindung do sinn. De PCR8 hu mer gestëmmt.

Mertzig Romain, Schäffen:

Et ass richteg, wat der sot, Här Breyer. Awer och beim Staat kommen heiansdo aner Iwwerleeungen. Et sinn och nach Demanden do vun den Nopeschgemengen, an dofir sinn déi Gedanken do. Well mer wëllen eppes Ganzes kréien, gëtt iwwerlue, wéi een dat am Beschten hikritt fir déi Verbindungen do ze maachen. Fir emol just d'Gemeng Käerjeng ze nennen, well déi un sech do net onbedéngt un dee Wee vun Déifferdeng ugeschloss sinn. An dofir ass do un sech eng nei Diskussioun dra komm, ouni dat anert awer elo ewechzedrécken. Wéi gesot, et sinn nei Iwwerleeungen dobäikomm.

Breyer Roland (CSV):

Mir hu Saache gestëmmt.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Ech hunn nach just eng ganz kuerz Informatioun ze ginn. D'lescht Woch war ech an enger Réunion transfrontalière, an do ass enner anerem och iwwert d'Vëlospiste geschwat ginn. An d'Kolleege, esou gutt vu Frankräich wéi vun der Belsch, waarden drop, datt mer eis mat hinnen zesummesetze fir ze kucken, wéi de Wee am beschte kéint gemaach ginn, an de Knotenpunkt kéint gesicht gi fir Frankräich, Belsch a Lëtzebuerg ze verbannen an esou séier wéi méiglech op Rodange ze kommen, eventuell fir dann och do den Zuch ze huelen, asw.

Natierlech muss dann duerno och gekuckt ginn, wann se wëllen déi Vëlospist bis heihinner féieren an eventuell och vun hei eis den Zuch wëllen huelle fir bei eis am Land ze schafen,

dass mer ausser deem grouse Parking, deen elo op Rodange kënnt an dee fir Autoe virgesinn ass, do och d'Vëloen net dierfe vergiessen.

Mertzig Romain, Schäffen:

Duerch deen Deel, wou d'Madamm Conter elo gesot huet, gëtt dat duerch deen Deel Interreg ofgedeckt.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Dir gesitt, et gëtt a ville Richtungen diskutéiert. An esou, wéi den Här Mertzig richteg gesot huet, ass dat heiten een Deel vun deem ganze Puzzle a mir mussen etappeweis do viruoen. Et ass e grouse Projet an deen ass net vun haut op muer ze maachen. Dir wësst jo, wat fir eng Oploen datt mer hunn, wa mer wëlle Vëlosweeër oder egal wat an der Gemeng bauen.

Mertzig Romain, Schäffen:

An deem Ganzen ass och wichtig ze soen, datt mer de Leit sollen anstänneg Infrastrukture schafen, wou se kënnen notzen. An do wäerte mer och gesinn, datt mer lues a lues och op de gudder Wee oder op de bessere Wee vun der Mobilité douce kommen, mat gudder Konditiounen.

Accord à l'unanimité.

5.5.**Administration générale.**

Acquisition d'un nouveau véhicule pour les besoins du service des espaces verts: vote d'un crédit spécial de 5.000,00 euros – décision.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Accord à l'unanimité.

5.6.**Administration générale.**

Acquisition d'un nouveau véhicule pour les besoins des fossoyeurs: vote d'un crédit supplémentaire de 20.099,98 euros – décision.

Explications par M. Romain Mertzig, échevin.

Accord à l'unanimité.

5.7.**Administration générale.**

Mise en place d'un columbarium supplémentaire au cimetière de Pétange: vote du décompte – décision.

Explications par M. Romain Mertzig, échevin.

Total des crédits approuvés:	23.100,00 € (ttc)
Total du devis approuvé:	25.000,00 € (ttc)
Total de la dépense:	23.100,00 € (ttc)

Accord à l'unanimité.

5.8.**Administration générale.**

Reprofilage et renouvellement de la couche de roulement de diverses rues (exercices 2021 à 2022): vote du décompte – décision.

Explications par M. Jean-Marie Halsdorf, échevin.

Total des crédits approuvés:	150.000,00 € (ttc)
Total du devis approuvé:	150.000,00 € (ttc)
Total de la dépense:	149.538,03 € (ttc)

Accord à l'unanimité.

5.9.

Administration générale.

Maison Relais « Bei de Bujellien » à Rodange – travaux de réfection imprévus: vote du décompte – décision.

Explications par Mme Raymonde Conter-Klein, échevine.

Total des crédits approuvés:	10.000,00 € (ttc)
Total du devis approuvé:	10.000,00 € (ttc)
Total de la dépense:	8.219,95 € (ttc)

Accord à l'unanimité.

5.10.

Administration générale.

Première modification des recettes et des dépenses au budget ordinaire de l'exercice 2022 – décision.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Am September ginn ëmmer erëm e bëssen déi eenzel Budgetartikelen op de Leescht geholl fir ze kucken, wou et am ordinäre Budget net duergeet, respektiv och wou et eventuell ze vill ass, respektiv wou supplementar Recettë komm sinn. Dat hu mer och elo gemaach, esou wéi all déi lescht Joren an den Exercice schléisst mat engem Minus vun 306.065,00 Euro of.

D'Haaptpunkte sinn d'Ausgaben, déi op enger ganzer Rei Niveauen an d'Luucht ginn. Dir wësst, datt mer esouwuel wat de Gas, d'Elektrescht, de Bensinn ubelaangt, mat deene Chifferen, déi mer d'lescht Joer an de Budget gesat haten a wou mer déi Energiekris net mat aberechent haten, net géif duergoen. Doropshin hu mer gekuckt, wat mer vu Méiausgabe brauchen. An e ganz groussen Deel vun deene Méiausgaben ass dorop zeréckzeféieren.

Et sinn awer och supplementar Ausgabe komm. Ech ginn einfach emol dovunner aus, datt der dat am Detail gekuckt hutt. Do sinn zum Beispill um Niveau vun de Kopien, déi an de Schoule gemaach gi sinn, méi Depensen. Mir gesinn och, datt d'Ausgabe fir déi Bicher, déi mer de Kanner gi fir an der Schoul, och eropgaange sinn am Verglach mat deene leschte Joren. Dat ass alles duerch Deierecht bedéngt. Och den Transport scolaire ass an d'Luucht gaange par rapport zu deem, wat mer virausgesinn hunn. Dat ass och duerch d'Präishausse an duerch den Index, deen erfall ass, bedéngt.

Eng Rei Saache sinn eigentlech duerch déi normal Deierecht, déi entstanen ass duerch d'Kris, bedéngt. De Gros dovunner ass op dës Problematik zeréckzeféieren. Ech sinn der Meinung, datt mer dat awer gutt geréiert hunn, datt mer och eng genau Analys gemaach hu vun alle Méikäschen, esou datt déi Hausse, déi mer elo hei hunn, éischtens emol op Grond vun eiser Finanzsituatioun och ze finanzéieren ass, an op der aner Säit awer an enger Limitt bleift, déi raisonnabel ass.

Accord à l'unanimité.

6.1.

Personnel.

Protocole d'accord en vue du renouvellement de la convention collective des salariés des communes du sud (CCT-Sud) – décision.

Explications par M. Jean-Marie Halsdorf, échevin.

Accord à l'unanimité. M. Mellina, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

6.2.

Personnel.

Fixation de la rémunération des salariés (m/f) occupés à durée déterminée à l'Office social de Pétange – décision.

Explications par M. Jean-Marie Halsdorf, échevin.

Accord à l'unanimité.

7.1.

Affaires sociales.

Approbation du règlement d'ordre interne pour les Maisons Relais – décision.

Explications par Mme Raymonde Conter-Klein, échevine.

Arendt Patrick (CSV):

Et ass insgesamt einfach lächerlech an zäitweis priedegt d'Regierung ëmmer erëm, et misst zu méi «simplification administrative» kommen, datt mer awer dann elo, nodeems d'Maisons relaise vu 7 bis 19 Auer gratis sinn, all Kéiers musse fir eng ¼ Stonn nach eng Rechnung erausschécken.

Ech hunn eng aner Remark ze maachen. Et ass och schonns eng Kéier gesot ginn, datt drasteet, datt Dossiere vu Familljen, déi hei an der Gemeng wunnen, prioritär behandelt ginn. Ech ka mir net virstellen, datt iwwerhaapt nach Plaze fräi si fir Famillje vun ausserhalb eise Gemeengegrenzen, wa mer jo awer wëssen, datt esou eng grouss Waardelëscht besteet. Wéi huet dat sech iwwerhaapt elo verännert, Stéchwuert «gratis Betreuung»? Hu mir signifikant méi Aschreiwunge gehat? Well wann ech d'Echoen aus anere Gemenge kucken, schéngt dat jo net de Fall ze sinn.

D'Kanner musse jo och am Virfeld ofgemellt ginn, wann se net kommen. War dat virdu sécherlech och Geldtechnesch ze rechtfäerdeg, datt déi meesch Elteren dat och gemaach hunn, fält dee Volet elo ewech. Gesi mir do e weidere Problem, datt et net méi als Musse-Saach ugesi gëtt fir d'Kanner ofzemellen? Och am Hibleck op eise Contingent, deen ageplangt ass.

Ech hunn nach eng aner konkret Fro oder e Fallbeispill zum Artikel 12, deen iwwer Handyen, Tabletten a Smart-watche geet. Datt een do sollt vigilant sinn, dat kann ech nëmmen ënnerstëtzen. Mir haten awer do e spezielle Fall bei eis an der Maison relais, wou e Meedche vu sengem Papp esou eng Smart-watch krut huet an d'Elteren doduerch einfach wollte wëssen, wou hiert Meedchen drun ass. De Standuert also, deen du bei hinnen um Handy ugewise ginn ass. Do goufen et awer Diskussiounen mat den Elteren. Hate mir esou ee konkrete Fall nach net bei eis an der Maison relais?

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Do ass e ganze Koup Froen opkomm. Éischtens emol, wat d'gratis Betreuung ugeet. Jo, do maache mir eis och Suerge

bei der Ofmeldung, well einfach d'Elteren alles gratis hunn an dann och mengen, si bréichten hir Kanner net méi ofzemellen. Mir mussen natierlech do vigilant bleiwen, well mer jo eng grouss Waardelëscht hunn, an awer kontrolléieren – och wann d'Elteren näischt bezuelen – ob d'Kanner reegelméisseg op déi Plagë komme wou se ageschriwwe sinn. Mir mussen eis eraushalen, datt wann se déi Plagen net nutzen, datt mer awer kënnen higoen an hinne soen, datt mer awer eng grouss Waardelëscht hunn an se hiert Kand op deene Plagë mussen ofmellen. Well soss si mer net gerecht.

Mir hate bei eis an der Gemeng an de Maisons relais souwisou nëmme Kanner, déi an der Gemeng gewunnt hunn. Mir sinn do nach net iwwert d'Grenzen erausgaangen. Normalerweis steet jo och an der Schoulorganisatioun, wann een elo d'Reglement kuckt an et kuckt een d'Gesetz, da steet jo och dran, datt all Kand dat hei a senger Gemeng wunnt och soll an d'Schoul goen. Mir hu gesot, datt e Kand, wat hei wunnt, wat hei an d'Schoul geet, d'Recht huet op eng Plaz an der Maison relais. Wann och emol aner Kanner hei opgeholl sinn, déi an der Belsch oder a Frankräich wunnen, egal aus wellechen Ursaachen och ëmmer, dann hu mer déi bis elo nach net an de Maisons relais opgeholl. Dat wier och net fair vis-à-vis vun deenen, déi effektiv hei wunnen.

Et ass natierlech esou, datt mer musse kucken, datt mer an nächster Zäit ganz vigilant bleiwen, well mer fäerten, datt e gewëssenen Abus duerch déi Gratuitéit gemaach gëtt. Ob sech elo ganz vill Leit weider gemellt hunn, kann ech de Moment net soen, well mer einfach déi grouss Waardelëscht hunn. Do ass elo schwéier ze soen, ob elo do nach Leit bäikomm si weinst der Gratuitéit. Si kommen einfach op d'Waardelëscht bäi an dann hänken se hannendrun. A mir musse kucken, datt mer déi Waardelëscht duerch déi Neibauten, wou mer maachen, esou séier wéi méiglech ofgebaut kréien.

Dir schwätzt elo d'Handyen an d'Smart-watchen un, déi och GPS an esou weider dran hunn, a wou d'Eltere ganz genee kënnen kontrolléieren, wou e Kand drun ass. Mir hunn och eng Famill wou ech weess, datt si dem Kand eng Auer kaaft hu fir ze kucken, wou d'Kand drun ass. Et geet e bësse wäit, wann een dat esou kuckt. Well et muss ee jo och emol e gewëssent Vertrauen an déi Instanzen hunn, wou ee säi Kand a Betreuer gëtt a säi Kand net déi ganzen Zäit iwwerwaacht. Well et ass nämlech och esou, datt iwwert déi Aueren an déi Medien, déi do sinn, wann do ageschalt gëtt an et gëtt net ausgeschalt, d'Eltere ganz genee kënnen mat verfollegen, wat an deene Raimlechkeete geschitt a wéi d'Betreuer ofleef. An do komme mer natierlech an e Film eran an do musse mer eis wierklech ganz grouss Froe stellen. Dat ass eis elo nach net bekannt, datt dat elo esou sollt sinn, datt do d'Elteren esou eng Kontroll och nach mat Héieren oder Oflauschtere gestart hunn. Mä wéi gesot, ech weess awer, datt och Eltere mat deenen Aueren d'Méiglechkeet hu fir ze wëssen, wou d'Kand drun ass.

Accord à l'unanimité.

7.2.

Affaires sociales.

Remplacement d'un membre au conseil d'administration de l'Office social – décision.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Il est pris acte de la démission de Mme Tara Jung.

Résultat du vote secret:

M. Marc Goergen: 11 voix (élu)

M. Joe Gomes:	0 voix
Mme Viviane Roos:	2 voix
Aucun des candidats:	1 voix
M. Goergen n'a pas pu prendre part au vote secret dû à sa participation par voie digitale.	

7.3.

Affaires sociales.

Convention relative à la médiation sociale avec la société Pro Solve Consulting SARL-s – décision.

Mertzig Romain, Schäffen:

Dëst ass eng Konventioun, wou mer eng Mediation sociale virgesinn a wou den Objektiv deen ass, fir Sträitparteien en neutralen an onofhängege Personnage zur Verfügung ze stellen, fir engem Sträit en Enn ze setzen. D'Mediation sociale ass eng fräiwëlleg an eng vertraulich Demarche, mam Haaptuleies fir d'Kohesioun, soziaalt Wuelbefannen an Noperschaftssträit ze schlichten. Beispill Kaméidi, Propretéit, Propriétéit, Servituden, Clôturen, Plantatiounen, asw.

D'Sociétéit «Pro Solve Consulting SARL-s» stellt ee vum Ministère de la Justice agréierte Mediateur zur Verfügung, fir eise Bierger eng Médiation sociale ze proposéieren an ze erméiglechen.

Mëttlerweil sinn et Awunner vu schonn 18 Gemengen, déi vun esou engem Service profitéieren. D'Gemeng stellt d'Lokalitéiten zur Verfügung, fir dësen Service an aller Diskretioun kënnen unzebidden. D'Konventioun soll den 1. Oktober 2022 ulafen an dëst fir ee Joer, déi sech awer kann automatesch verlängere wann se net gekënnegt gouf.

Goergen Marc (Piratepartei):

Ech fannen et eng gutt Saach mat der Mediation. Ech hätt just e puer Froen zum Kontrakt. Mir bezuele jo 2.500 Euro fir eng Permanence. An da bezilt d'Gemeng erëm eng Kéier 525 Euro fir all Dossier, dee bäikënn, wann ech richteg verstanen hunn, egal wéi grouss dass deen ass an egal wéi d'Envergere ass. Wann deen da während der Permanence kënn, ginn dann déi 525 Euro nach eng Kéier bezuelt zu deenen 2.500 Euro, oder gëtt dann den Dossier net nach eng Kéier gerechent?

A wat mer komesch virkomm ass, dat ass datt am Kontrakt steet, dass den Index just mat Tranché vu 5 Euro géif ausbezuelt ginn. Dat hunn ech an engem Kontrakt och nach ni gesinn. Normalerweis gëtt den Index Punkt genee ausbezuelt wéi et misst sinn an net an Tranché vu 5 Euro.

Mä d'Grondiddi fannen ech gutt. Ech wéilt just gäre wëssen, wat d'Gemeng fir de Bierger wäert bezuelen.

Mertzig Romain, Schäffen:

Effektiv gëtt just 525 Euro fir eng Mediation gefrot, fir eng Seance. Natierlech, wann dat elo méi Seancë ginn, da gëtt dat méi Suen. Firwat ass déi Diskussioun mat deene 5 Euro beim Index komm, wann deen an d'Luucht geet? Dat ass, fir datt mer u sech sollen op engem normale Chiffer bleiwen, wann dat verrechent gëtt. Net datt mer duerno zum Beispill 573,88 Euro hätten. U sech ass dat esou ausgehandelt ginn. Theoretisch wier den Index jo, wann en an d'Luucht geet, beim Chiffer méi héich wann e géif an d'Luucht goen.

Goergen Marc (Piratepartei):

Am Kontrakt steet, datt déi 525 Euro pro Dossier sinn. Et ass net pro Seance. Wann de Bierger 3 oder 4 Mol op d'Gemeng géif kommen, da bezuele mir jo net 2.000 an eppes Euro.

A bei der «augmentation de l'index par tranche de 5 euros», dann heescht dat, datt wann den Index op iwwert déi 5 Euro géif falen, zum Beispill op 7,5 Euro, da géif automatesch op 10 Euro gehéicht ginn. Dat heescht, déi Firma kënnt ëmmer gutt ewech.

Mertzig Romain, Schäffen:

De Bierger huet och d'Méiglechkeet heihinner ze kommen an enger anerer Affär. Déi Saache ginn net vermëscht, esou datt mer pro Affär am Prinzip ëmmer bei deene 525 Euro bleiwen.

Eng Reunoun am Gemengenhaus ass un sech net am Gemengenhaus virgesinn, fir och eventuell Problemer ze evitéieren. Well et muss ee wëssen, déi Leit, déi elo un sech Problemer haten, déi hunn sech Rendez-vous bei engem vum Schäfferot gefrot. A wann een da probéiert huet ze schlichten an et ass net esou gaange wéi d'Leit dat gemengt hunn, da waren déi eng vläicht frou an déi aner hu gesot, datt ee souwisou parteiesch wier. Wéi gesot, mir schléissen am Prinzip d'Gemengenhaus aus fir esou eng Mediatoun ze maachen, well mer och vun enger gewëssener Diskretoun schwätzen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Mir loossen dat doten emol ulafen. No enger gewëssen Zäit kann ee jo emol de Bilan zéien, ob et eppes bréngt oder net. Mir si jo net déi, déi als Éischten an déi Richtung ginn an och net déi Lescht.

Da ginn ech nach dem Här Becker d'Wuert.

Becker Romain (déi gréng):

Déi Leit, déi schonn e bësse méi laang dobäi sinn, kënnen sech vläicht erënneren, dass dat eng vun eisen éiwege Fuerderunge war, dass d'Gemeng sollt e Mediateur respektiv eng Mediatrice astellen. Well deemools, viru Joren, sinn aner Gemengen op dee Wee gaangen an hunn e Mediateur agestallt, wéi sech iergendwéi erginn huet, datt Noperschaftssträit an de Gemengen an iwwerhaupt ëmmer méi eskaléiert hunn, méi grouss gi sinn. An du si Gemengen op de Wee gaange fir e Mediateur anzustellen a mir, als gréng Fraktioun, hunn ëmmer erëm gefrot, datt de Schäfferot och sollt op dee Wee goe fir e Mediateur anzustellen, fir d'Wuelbefannen an d'Liewen an der Gemeng ze verbesseren an de Leit dee Moment esou entgéint ze kommen. An dofir ass dat heiten eng ganz flott Iddi a mir géifen dat och ënnerstëtzen, fir datt d'Leit sech net duerno d'Käpp aschloen, mä datt se iwwert de Wee vun der Mediatoun de gréissten Deel vun deenen Topegkeeten – well et sinn zum gréissten Deel nëmmen Topegkeeten – aus de Féiss geschaf ginn an en Zesummeliewe vun eiser Bevëlkerung méi einfach a méi gerecht kéint geschéien.

Mir begréissen, datt de Schäfferot op deen dote Wee geet.

Mertzig Romain, Schäffen:

Mir si bewosst op dee Wee gaangen, well et fir eis als Schäfferot och e wichtegt Element ass vun der Kohesioun. Et wier awer elo net opportun gewiescht, fir d'office als Gemeng e Mediateur anzustellen an dofir hu mer elo emol mat deem relativ klengen Chiffer ugefaange fir an de Budget ze setzen, fir ze kucken, wéi déi Saach sech entwéckelt. Ech hat och Kontakt opgeholl mat deem zoustännege Schäfte vun der Stad Esch, dee mer gesot huet, datt dat awer relativ gutt géif bei de Bierger ukommen. An et muss een och wëssen, wann d'Leit op d'Gericht ginn, da kritt ëmmer nëmmen een Satisfaktioun. An ech weess aus menger beruflecher Erfahrung, datt d'Leit Problemer hu fir ënnereneen ze schwätzen oder iwwerhaupt mateneen ze schwätzen. An dofir fannen ech et gutt an da kann een duerno och Léisunge fannen, déi fir béid Parteien

zefriddestellend sinn. An dofir ass et richtig wéi der sot, datt dat eng ganz gutt Saach wäert sinn.

Becker Romain (déi gréng):

Absolut, Här Mertzig. Wa mer et elo maachen, ass et relativ spéit, datt mer et maachen. Mä mir maachen et. An dofir kann ech et just begréissen, dass de Schäfferot elo op de Wee geet fir eng Mediatoun unzebidden iwwert de Wee vun «Pro Solve». Wéi gesot, mir hunn dat scho säit iwwer 10 Joer ëmmer erëm bei de Budgetdiskussiounen gefrot. Dat war, wou déi éisch Gemengen e Mediateur agestallt hunn. Mä dat heite schéngt mer awer och eng valabel Iddi ze sinn an ech soen iech Merci.

Mertzig Romain, Schäffen:

Wéi ee gesäit, et ass ni ze spéit.

Accord avec 14 voix et 1 abstention (Pirapartei).

7.4.

Affaires sociales.

Convention avec l'Office social de Pétange relative à la gestion informatique de l'établissement public – décision.

Explications par M. Jean-Marie Halsdorf, échevin.

Accord à l'unanimité. Mme Conter-Klein, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

7.5.

Affaires sociales.

Contrat avec l'Office social de Pétange relatif au traitement des données à caractère personnel de l'établissement public – décision.

Explications par M. Jean-Marie Halsdorf, échevin.

Accord à l'unanimité. Mme Conter-Klein, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

8.1.

Propriétés.

Mandat pour la signature d'un contrat de bail et d'exploitation hôtelière des gîtes touristiques du «Minett Trail» avec l'Office régional du tourisme Sud ASBL – décision.

Explications par M. Jean-Marie Halsdorf, échevin.

Il est proposé de mandater l'ORT Sud ASBL à signer le contrat de bail et d'exploitation hôtelière des gîtes touristiques du «Minett Trail» au nom et pour le compte de la Commune de Pétange et de fixer un loyer variable en fonction du taux d'occupation réel du «Wagon-Gîte», à raison de 35% du prix de location des nuitées vendues (htva).

Scheuer Romain (déi gréng):

Ech wollt froen, ob der eis kënnt soen, ob dee Gîte scho Succès hat a wéivill Leit schonn do logéiert hu vun do un, wou en ageweit gi war. Wann de Gîte elo kee Succès hätt – wat jo schued wier, well et gesäit jo gutt aus – wien iwwerhëlt dann déi Fraisen, déi op eis géifen duerkommen?

Besteet och eng Méiglechkeet, datt dee Gîte nach eng Kéier an eise Gemengebulletin «Meng Gemeng» kéint virgestallt ginn? Am September war zwar eng Foto dran, wou en ageweit gi war, mä wann dat nach eng Kéier e bësse méi public an der

Zeitung kéint gemaach ginn an och vläicht d'Präisser dobäi géife stoe vun deem Gîte, da géifen d'Leit och vläicht méi dohinner goen. Si hu vläicht elo matkritt, datt en elo do géif stoen. An datt och vläicht e Wee dobäi wier, wou ee kéint dohinner kommen, well net all Mënsch dat weess. Da wier datt och vläicht eng gutt Reklamm fir datt et méi Succès hätt.

Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:

Mir huelen déi Suggestioun mat bei eise Verrieder vum ORT. Et ass den ORT, deen hei de Lead huet. An den ORT muss d'Kommunikatioun maachen. Näischt hënnert eis dru fir op eisem Site ze soen, datt mer esou eppes hunn, mä de Lead huet hei ganz kloer den ORT, deen déi ganz Gestiou mécht, d'Kommunikatioun mécht, asw.

Ob dee Gîte elo gutt occupéiert gëtt oder net, kënne mer iech nach net soen. Dee Mandat ass jo nach net do an déi Leit sinn och nach net richtig ganz dran. Esou datt ech dovunner ausginn, datt bis elo nach net vill an deem Waggon lass war.

Mir maachen hei e bëssen de Prinzip «learning by doing». Dat heescht, et ass en neie Moment. Mir hunn de Ball weiderginn un den ORT. Mir kucken elo emol, wat déi maachen an da gesi mer, wat dann dobäi erauskënnt. Ob et e Jong oder e Meedche gëtt.

Déi éischt Kommunikatioun, déi mer an deem Beräich haten, war notamment op der Tëlee. Do war jo schon e Bericht driwwer. Och soss gëtt gesot, et wier e ganz attraktive Site an dee misst scho gewësse Retoure bréngen am Sënn vun den touristeschen Ziler, déi een sech gesat huet, an och vun der Attraktivitéit vum Fond-de-Gras.

Méi kann ech iech de Moment net soen. Ech sinn averstane fir an engem Joer eng Kéier de Bilan ze maachen an ze kucken, wéi dat Ganzt dann ageschloen huet. Mir hu jo och e Verrieder am ORT an dee ka jo dann emol froen, wéi dat do weidergeet.

Scheuer Romain (déi gréng):

Et hënnert eis awer net drun, datt mer eng Kéier an der Zeitung géifen eng Reklamm maachen, selwer als Gemeng, obschonn den ORT sech drëms bekëmmert. Och mat de Präisser. Dat gëtt jo dann an all Stot verdeelt an dat wier jo dann eng gutt Reklamm. Et wier och flott fir déi Leit, déi et nach net matkritt hunn, datt dee Gîte do ass.

Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:

Wann déi Konventioun, déi mer zesumme mat deenen 11 Gemenge weiderginn, ofginn hunn an et ass méiglech iwwer dee Wee, dann ass dat iwwerhaupt kee Problem fir dat opzemaachen. Ech mengen zwar, datt et e «Selbstläufer» gëtt, gleeft mer dat.

Accord à l'unanimité.

8.2.

Propriétés.

Contrat d'approvisionnement avec la société Munhownen SA pour le Centre de Loisirs à Lamadelaine – décision.

Explications par M. Jean-Marie Halsdorf, échevin.

Accord avec 14 voix 'Oui' et 1 voix 'Non' (Piratepartei).

8.3.

Propriétés.

Convention relative à la réalisation d'une canalisation d'eaux mixtes dans le lotissement «Op den Gehren» à

Lamadelaine avec M. Manuel Monteiro Do Carmo – décision.

Explications par M. Jean-Marie Halsdorf, échevin.

Accord à l'unanimité. M. Arendt, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

8.4.

Propriétés.

Convention relative à la réalisation d'une canalisation d'eaux pluviales dans le lotissement «An den Atzengen» à Lamadelaine avec M. Alcides Borges Monteiro et Mme Ivanilda Vaz Tavares – décision.

Explications par M. Jean-Marie Halsdorf, échevin.

Accord à l'unanimité. M. Arendt, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

8.5.

Propriétés.

Compromis concernant l'acquisition gratuite d'un terrain (0,48 are) sis à Pétange, lieu-dit «Rue Neuve», de la part de M. Salko Suljkanovic – décision.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Accord à l'unanimité.

8.6.

Propriétés.

Compromis concernant l'acquisition de terrains sis à Rodange, lieu-dit «Um Duel», de la part du Fonds de gestion des édifices religieux (Kierchefong) – décision.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

L'acquisition des terrains, d'une contenance totale de 35,36 ares, se fait au prix total de 22.938,00 euros et elle est faite dans un but d'utilité publique pour la mise en oeuvre d'un espace vert autour du chalet des scouts de Rodange ainsi que pour le projet de construction d'une crèche en forêt.

Scheuer Romain (déi gréng):

Et wier jo interessant, wann eng Bëschcrèche géif do an den Eck kommen. Et wier jo e flotte Projet, well jo och nach aner Projeten do um Ulafe sinn, wou mer zwar déi genee Detailler nach net wëssen, mä wou mer awer schon Detailler op Ëmweeër héieren hunn.

Ech wollt just froen, ob déi kleng Sträif, déi elo nach do läit, nieft dem Terrain wou der elo gesot hutt, net der Kierchefabrik gehéiert? Et wier interessant, wann dat Ganzt riicht wier.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Deen Terrain gehéiert net der Kierchefabrik. Ech weess elo net genee, wem e gehéiert. Mä ech mengen ze wëssen, datt mer do ee Moment eng Kéier eng Diskussioun haten an dat kéint den Terrain gewiescht sinn, wou mer ee Promoteur iergendwéi am Kader vun engem Tosch gefrot hu fir den Terrain ze kréien. Mä hie war awer net direkt disposéiert fir eis den Terrain do ze ginn. Mä selwer kann hie mat deem Terrain op jiddwer Fall näischt ufänken, well dee läit an der Natura 2000 an do baut och keen eppes an do mécht och keen eppes.

Wat deen anere Projet ubelaangt, ech mengen dat ass e Projet, dee scho laang a breet diskutéiert ginn ass. Mir haten deen hei als Modifikatioun vun engem PAG op der Dagesuerdnung. Mir hunn deen Terrain, deen do concernéiert war, ëmklasséiert am Hibleck op dee Projet, deen do soll realiséiert ginn. De Virdeel ass elo, an dat ass eng komplett nei Situatioun, datt no 15 Joer – entschëllegt elo d'Dauer – de Ministère elo säin Accord zu deem Projet ginn huet. Well mer hei an der Natura 2000 leien oder no bái sinn, brauche mer den Accord vum Ëmweltministère. An deen Accord läit elo vir an dat war eng Conditio sine qua non fir datt dee Projet iwwerhaupt ka virgoen. Do sinn elo Reuniounen an deenen nächste Woche virgesinn a wann dat e bësse méi konkret gëtt, wäerte mer selbstverständlech domadder an de Gemengerot kommen. Mä et ass eigentlech elo nach just eng Baugeneemegung, déi vum Buergermeeschter muss ausgestallt ginn. Méi ass elo net méi an deem Kontext gefrot.

Bouché-Berens Marie-Louise (DP):

Mir sinn och ganz frou, datt dee Projet vun enger Bëschcrèche géif realiséiert ginn. Ech fannen et eng ganz gutt Plaz, well d'Bëschcrèche kéint dann och heiansdo vun den Infrastrukture vun de Scoute profitéieren. Dat eenzegt, wat mech elo e bësse géif stéieren, dat ass, wann deen anere Projet och elo gemaach gëtt an d'Bëschcrèche wier elo virun deem anere Projet am Bau, da wier et jo méi flott, wann dat géif simultan lafen. Soss wieren d'Kanner jo awer ëmmer am Kaméidi, wann d'Bëschcrèche virun deem anere Projet fäerdeg wier.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Déi Gefor besteet net, well fir d'Bëschcrèche kënnen do opzerrichten, musse mer eng Modification ponctuelle vum PAG maachen. A wann ee weess, wéi laang datt mer hei zu Lëtzebuerg un esou Saachen dokteren – d'Wuert dokteren ass mengen ech dee richtegen Ausdrock – da maacht iech elo keng Illusiounen, datt dat elo muer geschitt.

Wougéint dat anert, wou mer déi Prozedur, déi elo bal 15 Joer gedauert huet, ofgeschloss hunn. Wa mer déi selwecht Zäit fir d'Bëschcrèche brauchen, da schwätze mer 2035 vun deem Projet. Mir hoffe jo net, mä esou séier wäert dat net goen. D'Prozedur ass emol nach net lancéiert. Mir mussen Etüde maachen, och wéinst der Natura 2000, dat muss ee kloer soen. Déi Terrainen do sinn net déi einfachst Terrainen. Well si leien niewent enger Natura 2000 an dir wësst, wéi komplizéiert datt et ass, wann een niewent enger Natura 2000 läit. Dofir wäert dat net esou einfach sinn. Mä eis Servicer sinn am Gaangen, respektiv mir hunn e Bureau domadder chargéiert fir dorunner ze schaffen an ech hoffen, datt mer iergendwéi nach an deser Period d'Modification ponctuelle vum PAG nach kënnen vläicht lancéieren. An da si mer nach net esou wäit, datt mer kënnen bauen. Mä dann hu mer awer schon emol deen éischte Schrott gemaach.

Accord à l'unanimité.

8.7.

Propriétés.

Acte concernant la vente d'un terrain sis à Lamadelaine, lieu-dit «Avenue de la Gare», à M. Eric Streff et Mme Tina Baldelli – décision.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

La vente du terrain, avec une contenance de 0,06 are, se fait au prix total de 45,00 euros.

Accord à l'unanimité.

8.8.

Propriétés.

Acte concernant la vente d'un terrain sis à Pétange, lieu-dit «Rue Robert Krieps», à la société Garage Martin Losch SARL – décision.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

La vente du terrain, avec une contenance de 0,04 are, se fait au prix total de 30,00 euros.

Accord à l'unanimité.

9.1.

Urbanisation.

Droit de préemption relatif à une parcelle cadastrale située à Lamadelaine, lieu-dit «Rue du Moulin» – décision.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Il est proposé de renoncer à un éventuel droit de préemption sur le terrain en question.

Accord à l'unanimité.

9.2.

Urbanisation.

Droit de préemption relatif à une parcelle cadastrale située à Rodange, lieu-dit «Rue de la Fontaine» – décision.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Il est proposé de renoncer à un éventuel droit de préemption sur le terrain en question.

Accord à l'unanimité. M. Brecht, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

10.1.

Transports et communications.

Règlement temporaire d'urgence de la circulation routière à Lamadelaine, rue de l'Église – décision.

Explications par M. Romain Mertzig, échevin.

A partir du 29.08.2022 jusqu'au 17.09.2022, à Lamadelaine,

- *dans la rue de l'Église, dans le tronçon compris entre les immeubles n°2A et n°12, la circulation routière et le stationnement seront Interdits,*
- *dans la rue de la Fontaine, le sens de la circulation dans le tronçon compris entre la maison n°2 et n°10 sera inversé.*

A partir du 19.09.2022 jusqu'au 03.12.2022, à Lamadelaine,

- *dans la rue de l'Église, dans le tronçon compris entre la rue de la Fontaine et la rue de la Montagne, la circulation routière et le stationnement seront interdits.*

Accord à l'unanimité.

10.2.

Transports et communications.

Règlement temporaire d'urgence de la circulation routière à Lamadelaine, rue de la Montagne – décision.

Explications par M. Romain Mertzig, échevin.

A partir du 13.09.2022, pour une durée estimée à 7 mois, à Lamadelaine, dans la rue de la Montagne,

- une grue occupera une partie de la voie publique,
- le stationnement sera interdit sur le tronçon compris entre les maisons n°45 et 49 afin de pouvoir dévier la circulation routière,
- le tronçon compris entre les maison n°45 et 63 sera réglementé en sens unique.

Accord à l'unanimité.

10.3.

Transports et communications.

Règlement temporaire d'urgence de la circulation routière à Pétange, rue Batty Weber – décision.

Explications par M. Romain Mertzig, échevin.

A partir du 13.09.2022, pour une durée estimée à 2 mois, à Pétange, dans la rue Batty Weber, la circulation routière et le stationnement seront interdits sur le tronçon compris entre l'immeuble n°50 et l'intersection avec la route de Longwy (N5).

Accord à l'unanimité.

10.4.

Transports et communications.

Règlement temporaire d'urgence de la circulation routière à Rodange, avenue Dr Gaasch – décision.

Explications par M. Romain Mertzig, échevin.

A partir du 02.08.2022, pendant la durée des travaux estimée à 365 jours et suivant l'avancement de ceux-ci, à Rodange, dans l'avenue Dr Gaasch (CR 176),

- la circulation des piétons sera interdite à la hauteur de la résidence n°54-56,
- un passage provisoire pour piétons sera aménagé à la hauteur de la maison n°50,
- la circulation se fera en sens unique en direction de la rue Nicolas Biever sur le tronçon compris entre la rue Marie Adélaïde et la rue Nicolas Biever,
- le stationnement sera interdit dans l'enceinte du chantier.

Accord à l'unanimité.

Gemeinderatssitzung vom 19. September 2022

Anwesend:

Mellina Pierre, Bürgermeister (CSV)	Halsdorf Jean-Marie, 1. Schöffe (CSV) Conter-Klein Raymonde, 2. Schöffe (CSV) Mertzig Romain, 3. Schöffe (LSAP)
Agostino Maria (CSV) Arendt Patrick (CSV) Breyer Roland (CSV) Martins Dias André (CSV) Remacle Patrick (CSV)	Brecht Guy (LSAP) Stoffel Marco (LSAP)
	Becker Romain (déi gréng) Scheuer Romain (déi gréng) Goergen Marc (Piratepartei) Bouché-Berens Marie-Louise (DP)

Abwesend und entschuldigt:

Birtz Gaby (LSAP) Welter Christian (Piratepartei)
--

1 – 3.

Die Punkte 1 – 3 der Tagesordnung wurden in geheimer Sitzung behandelt.

Der Gemeinderat hat beschlossen, folgende Entscheidungen zu veröffentlichen:

Personalangelegenheiten: Definitive Ernennung eines Gemeindebeamten – Beschluss.

Herr Admir Civovic wird als Gemeindebeamter in der Gehaltsklasse B1 – technischer Bereich - ernannt.

Personalangelegenheiten: Definitive Ernennung eines Gemeindebeamten – Beschluss.

Herr Ben Leyder wird als Gemeindebeamter in der Gehaltsklasse B1 – administrativer Bereich - ernannt.

Musikunterricht: Ernennung eines Kursleiters (w/m) für den Geigenunterricht - Beschluss.

Frau Lee Yu-Shan wird als Kursleiterin für den Geigenunterricht ernannt.

4. - Mitteilungen des Schöffenrates.

Schöffe Romain Mertzig lässt wissen, dass die Gemeinde Pétange Energiesparmaßnahmen umsetzen wird, welche sich hauptsächlich auf die Bereiche Heizen, Elektrizität und Weihnachtsbeleuchtung konzentrieren.

5.1. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Bau einer neuen Kindertagesstätte in Pétingen: Bewilligung der technischen Beschreibung, der Pläne und des Kostenvoranschlags in Höhe von 14 Millionen Euro inkl. MwSt. - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

5.2. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Einnahmen in einer Gesamthöhe von 17.423.122,95 € - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

5.3. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Benennung eines zusätzlichen Raumes für Eheschließungsfeiern außerhalb des Rathauses - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

5.4. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Ausarbeitung eines kommunalen Fahrradwegkonzeptes: Abstimmung über einen Spezialkredit über 20.000 € - Beschluss

Beschluss einstimmig.

5.5. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Erwerb eines neuen Fahrzeugs für die Regiebetriebe (Grünflächen): Abstimmung über einen Spezialkredit über 5.000 € - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

5.6. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Erwerb eines neuen Fahrzeugs für die Totengräber: Abstimmung über einen Spezialkredit über 20.099,98 € - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

5.7. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Einrichtung eines zusätzlichen Kolumbariums auf dem Pétinger Friedhof: Abstimmung über die Abrechnung - Beschluss.

<i>Gesamtkredite:</i>	23.100,00 € (inkl. MwSt.)
<i>Gesamtkostenvoranschlag:</i>	25.000,00 € (inkl. MwSt.)
<i>Gesamtausgabe</i>	23.100,00 € (inkl. MwSt.)

Beschluss einstimmig.

5.8. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Oberflächenbehandlung und Erneuerung der Deckschicht in verschiedenen Straßen (Jahre 2021 und 2022): Abstimmung über die Abrechnung - Beschluss.

<i>Gesamtkredite:</i>	150.000,00 € (inkl. MwSt.)
<i>Gesamtkostenvoranschlag:</i>	150.000,00 € (inkl. MwSt.)
<i>Gesamtausgabe:</i>	149.538,03 € (inkl. MwSt.)

Beschluss einstimmig.

5.9. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Kindertagesstätte „Bei de Bujellien“ in Rodange – unvorhersehbare Instandsetzungsarbeiten: Abstimmung über die Abrechnung - Beschluss.

<i>Gesamtkredite:</i>	10.000,00 € (inkl. MwSt.)
<i>Gesamtkostenvoranschlag:</i>	10.000,00 € (inkl. MwSt.)
<i>Gesamtausgabe:</i>	8.219,95 € (inkl. MwSt.)

Beschluss einstimmig.

5.10. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Erste Änderung der Einnahmen und Ausgaben im ordentlichen Haushalt des Jahres 2022 - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

6.1. - Personalangelegenheiten.

Vereinbarungsprotokoll im Hinblick auf die Erneuerung des Kollektivvertrags der Gemeindeangestellten des Südens (CCT-Sud) - Beschluss.

Beschluss einstimmig. Herr Mellina hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

6.2.- Personalangelegenheiten.

Festsetzung der Angestelltenentlohnung (w/m) mit befristeter Anstellung im Sozialamt Pétingen - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

7.1. - Soziales.

Bewilligung der Hausordnung für die Kindertagesstätten - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

7.2. - Soziales.

Ersetzung eines Mitglieds im Verwaltungsrat des Sozialamtes - Beschluss.

Die Demission von Frau Tara Jung wurde zur Kenntnis genommen.

Resultat der geheimen Abstimmung:

Herr Marc Goergen:	11 Stimmen (gewählt)
Herr Joe Gomes:	0 Stimmen
Frau Viviane Roos:	2 Stimmen
Kein Kandidat:	1 Stimme

Herr Goergen konnte aufgrund seiner digitalen Teilnahme nicht an der geheimen Abstimmung teilnehmen.

7.3. - Soziales.

Konvention in Bezug auf die Mediation mit der Gesellschaft pro Solve Consulting Sarl – Beschluss.

Beschluss mit 14 Stimmen und 1 Enthaltung (Piratepartei).

7.4. - Soziales.

Konvention mit dem Sozialamt in Bezug auf dessen Informatikverwaltung - Beschluss.

Beschluss einstimmig. Frau Conter-Klein hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

7.5. - Soziales.

Kontrakt mit dem Sozialamt in Bezug auf die Verarbeitung personenbezogener Daten dieser öffentlich-rechtlichen Einrichtung - Beschluss.

Beschluss einstimmig. Frau Conter-Klein hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

8.1. - Liegenschaften.

Mandat für die Unterschrift eines Mietvertrags sowie eines Vertrags für den Betrieb von touristischen Unterkünften des Minett Trail mit dem Regionalen Verkehrsverein des Südens Asbl - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

8.2. - Liegenschaften.

Belieferungskontrakt mit der Gesellschaft Munhowen SA für das Freizeitzentrum in Lamadelaine - Beschluss.

Beschluss mit 14 Stimmen und 1 Gegenstimme (Piraterpartei).

8.3. - Liegenschaften.

Konvention in Bezug auf die Einrichtung einer Mischwasserkanalisation in der Siedlung Op den Gehren in Lamadelaine mit Herr Manuel Monteiro Do Carmo - Beschluss.

Beschluss einstimmig. Herr Arendt hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

8.4. - Liegenschaften.

Konvention in Bezug auf die Einrichtung einer Regenwasserkanalisation in der Siedlung An den Atzénge in Lamadelaine mit Herr Alcides Borges Monteiro und Frau Ivanilda Vaz Tavares - Beschluss.

Beschluss einstimmig. Herr Arendt hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

8.5. - Liegenschaften.

Vorvertrag in Bezug auf den kostenlosen Erwerb eines Grundstücks (0,48 Ar) am Standort rue Neuve in Pétange von Herrn Salko Suljkanovic - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

8.6. - Liegenschaften.

Vorvertrag in Bezug auf den Erwerb von Grundstücken am Standort Um Duel in Rodange vom Verwaltungsfonds der Kirchengebäude (Kierchefong) - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

8.7. - Liegenschaften.

Akt in Bezug auf den Verkauf eines Grundstücks am Standort Avenue de la Gare in Lamadelaine an Herr Eric Streff und Frau Tina Baldelli - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

8.8. - Liegenschaften.

Akt in Bezug auf den Verkauf eines Grundstücks am Standort rue Robert Krieps in Pétange an die Gesellschaft Garage Martin Losch Sarl - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

9.1. - Raumplanung.

Vorverkaufsrecht in Bezug auf eine Katasterparzelle am Standort rue du Moulin in Lamadelaine - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

9.2. - Raumplanung.

Vorverkaufsrecht in Bezug auf eine Katasterparzelle am Standort rue de la Fontaine in Rodange - Beschluss.

Beschluss einstimmig. Herr Brecht hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

10.1. - Transport und Kommunikation.

Verkehrsdringlichkeitsverordnung in der rue de l'Eglise in Lamadelaine - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

10.2. - Transport und Kommunikation.

Verkehrsdringlichkeitsverordnung in der rue de la Montagne in Lamadelaine - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

10.3. - Transport und Kommunikation.

Verkehrsdringlichkeitsverordnung in der rue Batty Weber in Pétange - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

10.4. - Transport und Kommunikation.

Verkehrsdringlichkeitsverordnung in der avenue Dr. Gaasch - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

Séance publique du 17 octobre 2022

Durée de la séance: 16.30 à 18.00 heures

Présents:

Mellina Pierre , bourgmestre (CSV)	Halsdorf Jean-Marie , 1 ^{er} échevin (CSV) Conter-Klein Raymonde , 2 ^e échevin (CSV) Mertzig Romain , 3 ^e échevin (LSAP)	
Agostino Maria (CSV) Arendt Patrick (CSV) Breyer Roland (CSV) Martins Dias André (CSV)	Brecht Guy (LSAP) Stoffel Marco (LSAP)	Becker Romain (déi gréng) Scheuer Romain (déi gréng) Goergen Marc (Piratepartei) Bouché-Berens Marie-Louise (DP)

Absents et excusés:

Birtz Gaby (LSAP) Remacle Patrick (CSV) Welter Christian (Piratepartei)
--

ORDRE DU JOUR

Séance à huis clos (17.00)

1. Personnel: Démission volontaire d'un fonctionnaire communal – décision.

Séance publique (17.15)

2. Communications du collègue des bourgmestre et échevins.
3. Administration générale
 - 3.1. Titres de recettes – décision.
 - 3.2. Règlement général des tarifs: modification du chapitre VII «Piscines et Bains» - 2^e lecture – décision.
 - 3.3. Règlement général des tarifs: introduction d'une taxe d'autorisation de raccordement au réseau d'eau et d'une taxe d'autorisation de raccordement à la canalisation chapitre XI «Taxes de chancellerie» - décision.
 - 3.4. Règlement général des tarifs: modification du chapitre XII «Services spéciaux» - 2^e lecture – décision.
 - 3.5. Fixation du taux multiplicateur à appliquer en matière d'impôt foncier pour l'exercice 2023 - décision.
 - 3.6. Fixation du taux multiplicateur à appliquer en matière d'impôt commercial pour l'exercice 2023 - décision.
 - 3.7. Projet Interreg V à Grande Région – projet mobilité douce / travail sur l'agglomération des 3 frontières: vote d'un décompte provisoire et d'un crédit supplémentaire - décision.
 - 3.8. Reprofilage et renouvellement de la couche de roulement de diverses rues (exercice 2022): vote du décompte et d'un crédit supplémentaire – décision.
4. Enseignement: Organisation des classes de neige pour l'année 2023 - décision.
5. Affaires sociales: Organisation des après-midis de loisirs «Vakanzaktioun» pour l'année 2023 - décision.
6. Sylviculture: Plan de gestion des forêts communales pour l'exercice 2023: approbation des devis - décision.
7. Urbanisation
 - 7.1. Droit de préemption relatif à une parcelle cadastrale située à Pétange, lieu-dit «Rue Charlotte» - décision.
 - 7.2. Droit de préemption relatif à une parcelle cadastrale située à Rodange, lieu-dit «An Stackene» - décision.
 - 7.3. Projet de modification ponctuelle du plan d'aménagement général (PAG) concernant des fonds sis à Rodange, au lieu-dit «Croix St-Pierre»: vote définitif - décision.
 - 7.4. Projet de modification ponctuelle du plan d'aménagement particulier «quartier existant» (PAP-QE) concernant des fonds sis à Rodange, au lieu-dit «Croix St-Pierre» - décision.
 - 7.5. Projet d'aménagement particulier «nouveau quartier» concernant des fonds situés à Rodange, au lieu-dit «Chemin de Brouck – Croix St-Pierre» – décision.

8. Transports et communications
 - 8.1. Règlement temporaire d'urgence de la circulation routière à Pétange, rue des Jardins – décision.
 - 8.2. Règlement temporaire d'urgence de la circulation routière à Lamadelaine, route de Luxembourg – décision.
9. Vie associative
 - 9.1. Octroi de subsides aux sociétés – décision.
 - 9.2. Modification des statuts et de la dénomination de l'association «Chorale enfantine Sänger vun der Bich» en «Chorale Sänger vun der Bich ASBL» - information.
10. Dépenses diverses: Octroi de cadeaux de service - décision.

COMPTE RENDU

1.

Le point 1 de l'ordre du jour a été traité en séance à huis clos.

Le conseil communal a décidé de ne pas rendre public la décision prise.

2.

Communications.

Communications du collègue des bourgmestre et échevins.

Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:

Effektiv ass et esou, datt mer eppes widerhuele wat mer schonn eng Kéier gemaach hunn, an zwar datt mer eis eng Persoun, déi mer astellen, mat der Gemeng Käerjeng deelen. Mir haten dat ganz fréier gemaach am Beräich vum Agent municipal. An elo maache mer dat selwecht, awer an engem ganz anere Kontext, an zwar mat dem Archivage.

Déi grouss Gemengen hunn alleguerten Archivisten oder Leit, déi Archivage maachen, a mir sinn eis mat der Käerjenger Gemeng eens ginn, datt mer esou eppes och elo hei zu Péteng maachen. Déi Persoun gëtt dann agestallt an déi wäert da während 16 Stonnen zu Käerjeng schaffen an déi aner 3 Deeg zu Péteng. Da kucke mer, wéi dat sech dann do entwéckelt. Et gëtt elo en Appel à candidature gemaach an da kucke mer, wien am appropriéiersten ass a mir deelen déi Persoun da mat Käerjeng. Et ass esou, datt mer eng Konventioun musse maachen, esou wéi dat ëmmer gemaach ginn ass. Eng Zäit vu 5 Joer muss een awer op mannst festleeën an ënnert deene Konditioune fueren. Mir hunn eis dat emol esou als Guideline ginn. Mä et ass ee Kontrakt, dee gemaach gëtt an dee vu béide Säite ka gekënnegt ginn. Esoulaang wéi déi eng Säit net kënnegt, mussen déi zwee zesumme sinn. Dat heescht, esou datt jidderee Garantien huet, datt dat dann och klappt. Et muss jo emol gekuckt ginn, wat Käerjeng do vun Aarbecht huet a wat mir vun Aarbecht hunn. An dat kann een elo nach net genee wëssen.

Déi Käerjenger maache warscheinlech déi selwecht Kommunikatioun an hirem nächste Gemengerot.

Mertzig Romain, Schäffen:

Ech wollt e puer Saachen zum Dossier vum Sicono bäifügen, deen der haut an ären Ënnerlage virleien hutt. Ech wollt u sech e puer Erklärungen ginn. Et ass dat op der Héicht vun de Rollenger Weieren, fir a Richtung Fuusbsbësch eropzegoen. Do stoung an der Zäit en Dännebësch. Mä virdru war u sech en Ersatzweier vun der Rollenger Millen op där Plaz an deen ass iergendwann eng Kéier zougetippt ginn. An do louch der Doud an der Däiwel dran. Iwwert de Sicono hunn se elo emol einfach alles do ewechgeholl. Well et war wierklech en Tipp,

wou deen Dëmpel zougetippt ginn ass. An elo ass dat renaturéiert ginn, esou datt sech erëm Waasser do ka fëllen an datt do u sech e Fiichtgebitt entsteet mat Hochstauden a wou mer dann en zousätzleche Raum kréien, wou dann Insekten, Villercher an Amphibien en neie Liewensraum fannen. Deen Eck huet fierchterlech ausgesinn an dofir sinn ech frou, datt dat nei amenagéiert ginn ass. Well wann een den Dossier esou kuckt, da weess een net onbedéngt, ëm wat datt et sech handelt.

3.1.

Administration générale.

Titres de recettes au montant total de 452.384,71 euros – décision.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Recettes les plus importantes:

<i>Subside pour les travaux d'agrandissement de la salle de tennis de table à Lamadelaine</i>	260.000,00 €
<i>Remboursement par la mutualité des employeurs des indemnités pécuniaires de maladie</i>	104.321,68 €
<i>Participation de l'Etat aux frais de salaires du personnel à capacité de travail réduite</i>	36.763,32 €
<i>TVA – mois d'août 2022</i>	28.172,01 €

Accord à l'unanimité.

3.2.

Administration générale.

Règlement général des tarifs: modification du chapitre VII «Piscines et Bains» - 2e lecture – décision.

Mertzig Romain, Schäffen:

Mir haten eng Ännerung um Taxereglement gemaach, wat d'Schwämmen ubelaangt. Wat u sech mat de Präisser alles an der Rei ass. Mä mir kruten eng Remark vum Ministère gemaach kritt, well u sech net kloer ersiichtlech war, wéivill d'TVA géif ausmaachen. Mir hunn u sech elo eng Rubrik bäigesat, esou datt een de Chiffer elo mat an ouni TVA gesäit an dat dann och transparent fir den Endverbraucher ass. Un de Präisser hu mer näischt geännert.

Goergen Marc (Piratepartei):

Ech ginn iech vollkomme Recht. Ech hu gesinn, datt d'TVA iwwerall op 3% ass. Mä d'Gemeng huet awer och sécherlech

de Moment d'Taxe mat 17% a mat 7% lafen. An do ass et jo esou, datt den 1. Januar d'TVA landeswäit ëm 1% erof geet. Mussen dann d'Gemengeréit déi dann duerno erëm alleguerten änneren an nostëmmen? Well da komme mer jo erëm an e Krees eran, dee mer eigentlech net wëllen. Well da musse mer erëm vu vir ufänken. Mir hunn se jo eréischt virun e puer Méint gestëmmt. Den Taux vun 3% bleift jo wéi en ass, mä déi aner Taxe gi jo ëm 1% erof. Kënnt dann elo erëm esou vill Aarbecht op d'Gemengeréit an och op eis zou?

Mertzig Romain, Schäffen:

Wann dat effektiv kënnt, dann huele mer eis dem Dossier un an da kucke mer.

Accord à l'unanimité.

3.3.

Administration générale.

Règlement général des tarifs: introduction d'une taxe d'autorisation de raccordement au réseau d'eau et d'une taxe d'autorisation de raccordement à la canalisation chapitre XI «Taxe de chancellerie» - décision.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Dëse Punkt ass eng Reaktioun op eng Interventioun vum Contrôle, deen eis drop opmierksam gemaach huet, datt mer missten eng Taxe de chancellerie aféiere fir den Uschloss un d'Waasserleitung an un d'Kanalisation. Si hunn eis drop opmierksam gemaach an dofir proposéiere mer dem Gemengerot – nodeems d'Finanzkommissioun dat och de 6. Oktober 2022 gekuckt huet – fir eng Taxe de chancellerie vu 50 Euro virzegegi bei enger Demande fir en neien Uschloss ze kréien un den «réseau d'eau potable», respektiv un den «réseau de canalisation», fir datt mer dann och par rapport zu de Remarque vum dem Contrôle konform sinn.

Accord à l'unanimité.

3.4.

Administration générale.

Règlement général des tarifs: modification du chapitre XII «Services spéciaux» - 2e lecture – décision.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Accord à l'unanimité.

3.5.

Administration générale.

Fixation du taux multiplicateur à appliquer en matière d'impôt foncier pour l'exercice 2023 - décision.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Da komme mer zu enger Rei Saachen, déi een all Joer muss maachen, an zwar kucke wat een am Kader vun der Grond- a Gewerbesteier mécht. De Schäfferot proposéiert – och en vue vun deem, wat an nächster Zukunft um Niveau vun der Grondsteuer wäert kommen – fir de Moment d'Grondsteuer fir 2023 op deem Niveau ze loosse wéi en ass. A laut deem, wat am neie Gesetz kënnt, kënne mer eis dann eng Kéier an enger globaler Vue Gedanke maachen, wéi d'Grondsteuer ab 2024 kann ausgesinn.

Goergen Marc (Piratepartei):

Dir hutt et elo grad ugedeit, d'Gesetz ass deposéiert an eng nei Mobiliséierungssteuer – esou wéi et heescht – kënnt jo esou. Esou datt dat Thema beim B6, wou ech all Joer gesouert hunn, sech domadder erleedegt huet an déi fräistoend Terrainen iwwert déi nei Formule elo endlech kënne mobiliséiert ginn, wat och hei an der Gemeng seng Virdeeler wäert hunn.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech muss iech soen, datt net ganz vill Terraine wäerten a Fro kommen. Hei zu Péteng si mer e bëssen dicht besidelt. Mä mir haten hei scho 600% an dat war awer schon net schlecht. Et hätt een et nach kéinten eropsetzen, dat ass richtig. Mä d'Gesetz reegelt dat elo an da musse mer soen «bonne chance». Mä ech mengen net, datt ganz vill Leit hei zu Péteng betraff sinn. Hei ass et just de Géigendeel, datt Leit wëlle bauen an datt mer mussen den Instanzen, dem Staat nolafe fir datt et endlech geet.

Mä mir kucken elo den Impôt foncier fir dëst Joer a kucken, wat d'Gesetz eis bréngt.

Accord à l'unanimité.

3.6.

Administration générale.

Fixation du taux multiplicateur à appliquer en matière d'impôt commercial pour l'exercice 2023 - décision.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Och hei proposéiere mer, fir den Taux bei 350% ze loosse.

Goergen Marc (Piratepartei):

Wéi all Joer fanne mer, datt den Taux ze héich ass a mir hätte léiwier, datt mer een hätten, dee vergläichbar wier mat Leideleng oder der Stad Lëtzebuerg a mer esou méi attraktiv bei de Firme ginn.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Mir kënnen eis zu Péteng net mat der Stad Lëtzebuerg vergläichen. Wa mer eng Kéier esou gutt sinn a mir kréie wéi d'Stad Lëtzebuerg 140% an der Dotation de l'Etat, da kënne mer eis dat doten och leeschten.

Accord par 13 voix 'Oui' contre 1 voix 'Non' (Piratepartei).

3.7.

Administration générale.

Projet Interreg V à Grande Région – projet mobilité douce / travail sur l'agglomération des 3 frontières: vote d'un décompte provisoire et d'un crédit supplémentaire de 65.753,61 euros - décision.

Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:

Dëst ass e Projet, dee schon am Joer 2016 bei de Budgetdiskussioun lancéiert ginn ass, a wou et drëm geet, fir an der Groussregioun oder iwwert d'Grenzen ewech am Dräilännereck iwwert de Projet Interreg Grande Région Vélosweeër ze maachen. Dat hei bezitt sech besonnesch op Ibbeng. An do ass et esou, datt mer iech haut proposéiere fir de provisoireschen Decompte ze maachen. A mat deenen Ausgaben, déi mer elo hunn, wäert et warscheinlech esou sinn, datt mer e supplémentäre Kredit vu 65.753,61 Euro musse stëmme fir de Projet ganz kënnen ze realiséieren.

Do ginn och Ënnerstänn fir Véloen opgeriicht, asw, op verschiddene Plazen hei zu Péteng. Dee Projet ass an der Maach. Wéi gesot, en ass scho laang ënnerwee, mä mir wäerten en elo finaliséiert kréien.

Dat hei ass dann och éischter en Acte technique wéi politique. D'Decisioun ass geholl an et ass eng gutt Saach. Parallel dozou, an dat wéist der jo och, si mer a Gespréicher mat Ibbeng a Mont-St-Martin, fir am Dräilännereck, um Point triple eppes ze maachen. Do si Gespréicher am Gaangen an do kommen elo d'Decisioun lues a lues. Wann dat méi konkret gëtt, da komme mer och domadder an de Gemengerot.

Goergen Marc (Piratepartei):

Wann een als Tourist heihinner kënnt, da bréngt een net onbedéngt säi Vélo mat. Fir datt mer awer touristesch e bësse méi attraktiv ginn, wollte mer froen, ob een net kéint op de Wee goe fir eng kleng Véloslocatioun kéint ubidden an domadder grad hei am Eck d'Mobilité douce e bësse kënnen ervirzehiewen. Natierlech wier dat net nëmme fir d'Touristen interessant, mä do kéint och jidder Awunner, deen heihinner kënnt, de Vélo deementspreechend benotzen, sief et, datt hien en hei stoe léisst an an der Stad hält en dann de Vël'Oh, wéi dee System do heescht. Kéinte mer net eng Kéier op dee Wee goen, datt een einfach de Vélo – esou änlech wéi Car-Sharing – mat enger Zort Locationmodell och hei zu Péteng kéint maachen an esou eben de Vélo méi attraktiv ze maachen.

Mertzig Romain, Schäffen:

Selbstverständlech ass dat d'Intentioun. Eis Diskussioun, déi mer awer ëmmer hunn, ass datt mer net wëllen hanne-vir ufänken. Zemoools hei an der Gemeng mussen mir de Leit gesécher Achse bidde fir d'Mobilité douce. Ech mengen, mir sinn um gudden Wee mat deene Saachen. Mir sinn och mat der Transfrontalière am Gaange fir dat zesummen ze schafen. Duerno, wa mer fäerdeg sinn, da wäert Rodange esouguer eng Plaque tournante vun deem Ganze ginn. Selbstverständlech muss een dann och kucken – well et sinn nach vill Saachen ze koordinéieren – datt een och zum Beispill an der Transfrontalière mat den Nopeschgemengen ofchecked, net datt een duerno Stänneren huet fir d'Véloen ofzelueden an déi vun der anerer Säit vun der Grenz kommen, déi hu keng Méiglechkeet fir se opzelueden. An dat anert Objektiv, wat och ganz kloer ass, dat ass, datt mer gesécher Plazen hunn – ech nennen se elo emol M-Boxen – fir datt d'Véloe gesécher ënner Daach gestallt kënnen ginn.

Ech mengen, wa mer déi Infrastrukturen emol geschafen hunn, da kënnt dat anert d'office och hannendrun.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Et si geschwé Walen. Da kann een esou eppes an de Walprogramm setzen.

Accord à l'unanimité.

3.8.

Administration générale.

Reprofilage et renouvellement de la couche de roulement de diverses rues (exercice 2022): vote du décompte et d'un crédit supplémentaire de 4.474,12 euros – décision.

Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:

Dëst ass och e Projet, dee fäerdeg ass. Et ass an der rue des Prés zu Rolleng. Do ass dee ganze Reprofilage vun der Strooss nei gemaach ginn. Et war jo nach d'Fro gestallt gi mat de Vélosweeër, fir dat net ze maachen. Ech mengen, den Här

Scheuer hat déi Problematik déi leschte Kéier ugeschwat. Haut géife mer gären en Decompte maachen an dann och e supplémentaire Kredit stëmmen. Well effektiv ginn déi 150.000 Euro, déi mer virgesinn haten, net duer. Mir brauchen 154.474,12 Euro.

Accord à l'unanimité.

4.

Enseignement.

Organisation des classes de neige pour l'année 2023 - décision.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Et ass ëmmer fir de Cycle 4, wou déi Schnéiklassen organiséiert ginn, a well mer an deem Cycle fir 2023 vill méi Kanner hunn, sinn déi Responsabel och op d'Sich gaange fir en neie Site ze fannen. Well mat dem Jufa-Hotel, wat mer bis elo haten, konnt net méi garantéiert gi fir déi ganz Mass vu Kanner mat hire Begleeder op engem Site eranzehuelen. Well awer de Wonsch do war fir déi ganz Klasse beieneen ze loossen an net ze trennen, hunn se elo en neie Site erausgesicht. An zwar wier dat op der Gerlosplatte-Hochkrimmlan Éisträich, wat och net esou wäit ass. Fir d'nächst Joer sinn 254 Schüler an 31 Erwuessener ageschriwwen, dat heescht 14 Titulaires de classes, 14 Moniteurs, 2 Enseignants, déi d'Koordinatioun géingen assuréieren, 1 Medezinner, an dat Ganzt géing da mat 6 Bussen an engem Mini-Bus iwwert d'Ronn goen. Datume wiere vum 12. bis den 20. Januar 2023.

En opgeschlësselte provisoeresche Budget läit och bäi vun allen Depensen, esou datt mer alles an allem op eng Gesamtausgab vun 204.455 Euro géinge kommen. Den Deel vun den Eltere géif sech op 76.200 Euro belafen, esou datt fir d'Gemeng nach 128.255 Euro géifen iwwereg bleiwen.

Mir hunn eng Konventioun mat der Classe de neige, wou mer eng Avance vun 109.000 Euro géife bezuelen, fir datt se kënnen fest organiséieren.

Dofir hu mer haut och zwou Ofstëmmungen ze huelen, an zwar fir d'Classe de neige 2023 esou ulafen ze loossen an eventuell esou duerchezéien, wann net de Covid eis erëm e Stréch duerch d'Rechnung mécht, an datt mer eng Avance vun 109.000 Euro der Association Classe de neige géingen iwwerweisen.

Goergen Marc (Piratepartei):

D'Schivakanz ass eng ganz gutt Saach. Et ass och interessant, datt et elo en neie Site ass. Dat bréngt och eng nei Dynamik eran. Ech hunn awer nach zwou Froen:

Déi éischt ass, an der Offer steet «Bettwäsche und Handtücher müssen mitgebracht werden». Heescht dat dann, datt mer dat mussen mat de Busse mathuelen? Wéi wäert dat oflafen? Mussen d'Elteren dat selwer ginn?

Déi zweet Fro ass, et sinn Elteren, déi mech no der kierzlecher Versammlung, wou se Erklärunge kritt hunn, kontaktéiert hunn an anscheinend dierfen d'Kanner guer keen Handy mathuelen. Dat heescht, d'Kanner dierfe kee Kontakt halen zu den Eltere während där Zäit. Ech verstinn, datt ee vläicht d'Handyen an eng Këscht misst maache wann se op d'Zëmmer ginn oder soss eppes. Mä fir komplett de Kontakt mat den Eltere während där Zäit ze verbidden, wier awer eigentlech schlëmm. Well d'Elteren sech jo awer Suerge maachen, ob et de Kanner gutt geet a wéi et do ënnen ass, an datt een awer gären de Kontakt géing halen. Ass dat esou oder wéi war dat gemengt?

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

D'Bettwäsch an dat, dat sollen d'Kanner mathuelen. Dat ass gekläert. Anscheinend wier och mat den Eltere gekläert, wéi dat soll verpaakt ginn a wou eben d'Associatioun Classe de neige sech drëm këmmert.

Wat d'Handye betrëfft, esou kann ech iech elo keng Äntwert drop ginn. Dat ass da warscheinlech eng Decisioun vun den Organisateuren. Do hu mir jo keen Impakt drop. Mat den Organisateuren soll dat ofgeschwat ginn. Wann si dat wëllen esou hunn, well se mengen, datt d'Kanner vläicht ze vill Handy kucken. Si Spären am Handy oder si keng Spären am Handy? Dir wësst jo wéi et ass. Dir hutt der jo, déi am Cycle 4 sinn an déi heiansdo net ëmmer esou jugendfräi Saache kucken a wat se vläicht wëllen ënnerbidden. Mä dat läit net an der Hand vun der Gemeng. Dat läit an der Hand vum Organisateur.

Agostino Maria (CSV):

Ech wollt just ënnersträichen, dass endlech no 2 Joer Pandemie d'Kanner erëm dierfen zesumme Schi fuere goen, eng Aktivitéit déi dat soziaalt Verhältnis férdere soll, eng Zort Teambuilding, déi dës 12-järeg Jugendlecher op hir Zukunft soll virbereeden a räifen. Et ass schonn eng Traditioun an der Pétenger Gemeng, fréier am 6. Schouljoer, haut heescht dat Cycle 4.2, an d'Schivakanz kënnen ze fueren. An och ech erënnere mech nach gären zeréck, wéi mir deemools op Fiesch gefuer sinn, en Erliefnis un dat een sech e Liewe laang erënnere wäert.

Et steet awer eng nei Destinatioun um Programm fir 2023, well d'Jufa Steinach am Brenner huet wärend der Pandemie ëmgebaut an hir Kapazitéit doduerch vun 220 Better op 195 Better zeréckgeschrauft.

Well mir dëst Joer awer potentiell 245 Kanner an 31 Erwuessener hunn, déi mat solle goen, huet eng nei Destinatioun misste gesicht ginn an d'A.s.b.l. Classe de Neige de la Commune de Pétange ass och beim Jugendgästehaus op der Gerlosplatte zu Hochkrimml an Éisträich fündeg ginn. Hei si 495 Better als maximal Kapazitéit, wat eng gewësse Sécherheet fir déi nächst Jore gëtt.

An dofir sinn ech frou, dass haut d'Organisatioun vun de Classes de neige erëm um Ordre du jour steet an dass d'Kanner erëm dierfen esou een Erliefnis hunn.

Merci der A.s.b.l fir all hir Méi déi se drastiechen, fir datt d'Kanner eng flott Schiwoch kréien.

Scheuer Romain (déi gréng):

D'Madamm Conter huet elo gesot, et wier net esou wäit. Mä wann ee kuckt, Krimml läit awer iwwer 700 km ewech. Et ass natierlech schwéier, wann een an eng Schivakanz geet, fir eng Plaz ze fanne wou een och Schnéi huet. Hautdesdaags ass och net méi garantéiert, datt och do Schnéi läit.

Dir hutt d'Fro vun der Bettwäsch zwar scho beäntwert, mä ech fannen et just komesch, datt op hirem Site drop steet, datt d'Bettwäsch an hir Handdicher mat dra wieren. Ech froe mech dann, firwat dann 250 Leit musse Bettwäsch an Handdicher mathuelen. Well si sinn jo warscheinlech geplot fir d'Better opzezéien an erëm ofzezéien an erëm alles an eng Valiss ze kréien. Mir wësse jo och, datt Elteren dobäi sinn, déi Problemer hu fir iwwerhaupt e Schikostüm oder anert Material ze hunn fir hir Kanner, an da mussen se elo nach kucke fir Bettwäsch an Handdicher mat ze ginn. Et ass natierlech, wéi der gesot hutt, datt et net un der Gemeng wier fir dat ze decidéieren oder ze kucken, mä mir bezuele jo awer en Deel mat, esou datt mer awer kéinte kucken, datt et fonctionéiert wéi et sollt.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Wat d'Kostümer an d'Kleeder ubelaangt, do kann awer Hëllef kommen iwwer d'Association Classe de neige. Déi hu jo e Stock fir déi Kanner, déi elo net esou ausgerëscht si fir déi Vakanz. An déi Elteren, déi wierklech «en détresse» sinn, déi hunn dann och d'Méiglechkeet fir Hëllef iwwer onsen Office social ze kréien. An do loosse mer och keen am Reen stoen.

Et ass natierlech esou, wann do esou eng grouss Organisatioun mat 250 Leit ukënnt, an et kënnt vun enger Direktioun vun engem Hotel oder esou engem Genre Jugendherberg-Hotel, datt se gären hätten, datt een d'Bettwäsch matbréngt, datt jidderee soll säin Duch matbréngen, fir seng Hygiène och selwer ze assuréieren, an dat gëtt akzeptéiert vun der Association Classe de neige, dann ass dat esou. Bei der JuFa war dat e bëssen anescht. Mä do kann ech mech awer och erënnere, datt do awer och gewëssen Hotelle vun hinne waren, déi keng Dicher haten.

D'Bettwäsch, dat sinn 1-2 Ländicher, déi ee soll mathuelen, oder déi, déi esou ee liichte Schlofsak hunn, dat géif a mengen Aen och goen a wat och vläicht méi einfach wier. Gutt, et ass eng Saach vun der Akzeptanz, ob een et unhëlt oder net. An dat mussen d'Elteren elo mat der Associatioun klären.

Becker Romain (déi gréng):

D'Madamm Conter huet elo scho vill Erklärungen ginn. Wat d'Akzeptanz ugeet, sollen d'Elteren dat mat der Association Classe de neige klären. Mä wa mir als Gemeng den Elteren dat virleeën, dann ass et awer och e bëssen eis Responsabilitéit – net nëmme der Asbl hir – datt do alles esou ass wéi et soll sinn.

Dat wat mech natierlech och stutzeg mécht, dat ass wann een en Hotel huet an et weess een, datt 250 Kanner vu Péteng kommen, datt een do net am Stand ass fir Bettgedecks ze hunn. Dat liicht mir net an. Handdicher verstinn ech jo nach, datt jidderee soll seng perséinlech Handdicher, Lännercher, asw, matbréngen, mä datt do awer keng Bettwäsch ass, dat kann ech net novollzéien.

Op der anerer Säit wëll ech nach eng Kéier op eppes opmierksam maachen, wat ëmmer am provisoeresche Budget steet an all deene Joren, wou mer d'Classe de neige haten. Dat ass, datt d'Asbl eis als Gemeng de Budget virleet a wou si dann och schonn d'Drénkgelder mat verrechnen. Eng mengen, d'Drénkgelder si fräiwëlleg. Wann ee gutt behandelt gëtt an oder et fënnt een, datt ee gutt behandelt ginn ass, da gëtt een en Drénkgeld. Mä mir wëssen dat jo net. Wann déi Leit, déi op der Plaz sinn, wëllen en Drénkgeld gi well se gutt behandelt gi sinn, da soll dat net nach duerno op eng Gemeng verrechent ginn. En Drénkgeld, mengen ech, kënn vum Häerz an dat kënn eben dohier, datt ee gutt behandelt ginn ass. An dat muss net duerno nach op eng Gemeng héichgerechent ginn. Dat stoung bis elo nach ëmmer dran a mir hunn dat nach ëmmer bemängelt.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Mir haten dat nach ëmmer dran, well dat och eng Geflogenheet ass. Mir gi jo elo net grad selwer als Gemeng, mä awer, well mer et subsidéieren, ass et Usus, datt een ëmmer en Drénkgeld gëtt. Wann ee mat 6 Chaufferen dorower fiert, an déi fir d'Sécherheet vun de Kanner och eng Garantie sinn, da fënnt een et scho bal normal datt ee seet, wann se eis Kanner gutt erënbréngen, datt een hinnen en Drénkgeld gëtt. Wann se donidden am Hotel gutt verfleegt ginn a gutt no hinne gekuckt ginn ass an et ass alles gutt verlaf, datt een dann Drénkgeld gëtt. Et muss ee jo och e bësse Vertrauen an eist Personal hunn, wat eis Kanner begleet. Ech ka mer elo kaum virstellen, datt déi responsabel Leit, déi mat de Kanner

dorower ginn, einfach just d'Dränkgeld lénks a riets ausdeele well se mat de Kanner déi Deeg am Schnéi verbruecht hunn. Dat si jo awer erwuesse Schoulmeeschteren, erwuesse Moniteuren, déi jo awer ganz genee wëssen, wat se maachen a ganz genee wëssen, wat se hu vu Subsid vun der Gemeng an déi Suen net liichtsenne gausginn.

Dofir, si schreiwen et jo och drop, wat ech och ganz gutt fannen. Ech hu léiwer, mir sinn am Bild a si kommen erëm a soen, si hätten et net ganz gebraucht oder duerch déi eng oder aner Ursaach hu se d'Dränkgeld net ginn, wéi datt se duerno géife kommen a soen, si hätten dat awer ginn. Ech mengen, mir sollen am Ganze frou sinn, wa fir déi doten Organisatioun, wat schonn eng Traditioun bei eis ass, déi doten Zommen ëmmer drastinn an dat soll a mengen Ae gutt a gerecht iwuer d'Bün goen.

Accord par 12 voix 'Oui' et 2 abstentions (déi gréng).

5.

Affaires sociales.

Organisation des après-midis de loisirs «Vakanzaktioun» pour l'année 2023 - décision.

Explications par Mme Raymonde Conter-Klein, échevine.

Il est proposé

- *d'organiser les après-midis de loisirs «Vakanzaktioun» du 24 juillet au 4 août 2023, lesquels se dérouleront simultanément dans les trois localités;*
- *d'engager plus ou moins 100 moniteurs (m/f) âgés de 17 ans au moins pour les après-midis de loisirs et d'imposer des cours de formation pour aide-animateurs aux candidats n'ayant pas encore suivi des formations analogues.*

Bouché-Berens Marie-Louise (DP):

Ech fannen déi Vakanzaktioun ëmmer eng gutt Iddi fir d'Kanner, well da sinn se vun der Strooss a gi gutt encadréiert. Ech wollt just froen, ob mer déi 100 Moniteure fannen. Kréie mer déi? Wat ass do verlaangt vu Schoulen oder esou? Wien kann sech do mellen? Well do gëtt jo nach de Cours de formation aide-animateur ugebueden, mä wat ass Aide-animateur haut? Fréier, wann een eng Formationioun gemaach huet als Cheftaine bei de Guiden a Scouten, dann huet een automatesch och den Diplom als Aide-animateur kritt. Wéi ass dat haut? Wat muss een haut dofir maachen?

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Normalerweis schreiwe mer dat jo ëmmer aus, fir datt déi jonk Leit, déi sech dofir interesséiere fir mat de Kanner ze schaffen, sech kënne mellen. Mir hunn do ganz vill Studenten. Mir hu Studenten, déi hei op Première sinn. Mir hunn der och ganz vill, déi op der Uni sinn an déi sech da während der Vakanzzeit en Obolus wëlle verdéngen.

Wat déi Formationiounscoursen ugeet, esou hu mir d'Madamm Haupt hei am Haus, déi den Diplom huet fir kënne déi Coursen ofzehalen. Dat ass 5 Mol, wou se mussen e ganze Weekend kommen. Dat ass eng ganz Rei vu Stonnen, déi do festgeluecht ginn a wou se d'Sécherheetsmoosnamen, d'psychologesch Moosnamen, alles wat dozou gehéiert, gesot kréien an datt se déi Formationioun och an deem dote Gebitt kënne matmaache fir duerno deen Zertifikat ze kréien.

Soss huet den SNJ et gemaach. Ech mengen, d'Pompjeeën hunn et och emol eng Zäit gemaach. Dat ass awer net méi esou. An dofir hu mir d'Madamm Haupt hei am Haus, déi jo

och Aide-Adjointe an der Direktioun vun eise Maisons relais ass. Si huet déi Formationioun a kann déi dote Coursen ofhalen.

Bis elo hate mer nach ëmmer Chance, datt mer Jugendlecher fonnt hunn. Et sinn der och vill, déi erëm wëlle kommen, déi dat schonn iwuer Jore maachen a wou mir natierlech och ëmmer frou sinn, wann et ganz gutt fonctionéiert huet, fir déi Jugendlech erënzehuele fir mat eise Kanner erëm déi Nomëtteger ze verbréngen an ze organiséieren. A mir hoffen och, datt mer dann och déi 100 Leit zesumme kréien.

Accord à l'unanimité.

6.

Sylviculture.

Plan de gestion des forêts communales pour l'exercice 2023: approbation des devis - décision.

Explications par M. Romain Mertzig, échevin.

Il est proposé d'approuver le plan de gestion des forêts pour l'exercice 2023, tel qu'il a été dressé l'Administration de la Nature et des Forêts, à savoir:

- 1) *Protection de la nature en milieu ouvert (12.900,00 euros);*
- 2) *Protection de la nature par entretien écologique (19.000,00 euros);*
- 3) *Protection de la nature en milieu forestier (9.300,00 euros);*
- 4) *Gestion durable et protection des forêts (56.600,00 euros);*
- 5) *Protection des ressources cynégétiques et de la faune sauvage et location de la chasse (1.100,00 euros);*
- 6) *Sensibilisation et information du public (25.300,00 euros);*
- 8) *Surveillance et police (400,00 euros);*
- 9) *Logistique (41.800,00 euros);*
- 10) *Service aux tiers (3.600,00 euros);*
- 11) *Gestion du personnel (7.100,00 euros)*

Compte tenu des recettes (19.560,00 euros) et des dépenses (177.100,00 euros), le plan de gestion prévoit un déficit de 157.540,00 euros.

Scheuer Romain (déi gréng):

Den Här Mertzig huet eis elo vill Zuelen hei virgelies, wat och an den Ënnerlagen dra steet, mä et si vill Saachen, wou ech wollt nofroen, well mer net genee wëssen, wat do geschitt oder wéi wat geschitt. Zum Beispill den Dännebësch, dee beim Pétenger Kierfecht ewechgemaach ginn ass. Do steet am Text «Prénzeberg». Ass dat déi Saach? Wësst der, wat spéider do geschitt? Well de Bësch ass jo elo fort a momentan gesäit et e bësse wüsst do aus.

Vu Rolleng hunn ech och näischt gesinn. Do ass beim Hondsterrain och de Bësch ewechgemaach ginn. Ass do och e Projet do, wat dohinner kënnt?

An déi aner Saach ass, dir hutt jo warscheinlech mam Här Berg geschwat, wou dat Ganzt do festgehale ginn ass. Ech hu gelies, datt 40 Kouerten Holz nach geschnidden oder virgesinn si fir d'nächst Joer ausgeliewert ze ginn. Ass dat esou, datt mer elo erfogt mat dem Ausliwwere vun Holz? Mir hate jo schonn eng Kéier d'Diskussioun, wéi vill Kouerten all Stot géif kréien. Wann et elo nëmme 40 Kouerte sinn, da ka warscheinlech net all Stot, deen eng Demande mécht, eng Kouert kréien. Da geet et, den éischten ass vir.

Déi aner Saach ass déi, huet den Här Berg iech net eng Kéier drop ugeschwat, fir eventuell an eiser Gemeng eng Grillplaz

ze maachen? Well wann een iwwert de Bierg geet, da si vill wëll Grillplazen ze fannen, wou d'Gemengepersonal mat engem Auto muss duerch de Bësch fuere fir den Dreck ewechzemaachen. Ech begéinen se zimmlech oft um Bierg. Mat enger Grillplaz wier et méi konkret op enger Plaz an da bréichten se net duerch de ganze Bësch ze fuere fir ze kucke wou wëll gegrillt ginn ass. Well wann ee kuckt, um Giele Botter, esougutt um Prënzeberg wéi och um Tételberg zu Rolleng, gesäit ee Plazen, wou einfach gegrillt ginn ass. Et ass e bësse schued, si packen hire Grill bis an de Bësch, si packen hiert lessen a Gedrénks bis an de Bësch, mä si packen hire Knascht awer net fir mat Heem ze huelen. Et ass wierklech traureg, mä hautdesdaags ass et net anescht. Mä et wier flott, wa mer géife festhalen, wou mer eng oder zwou, dräi Grillplazen hätten, wou da bewusst d'Gemeng géif dohinner goen an esou eng Uerdnung an deem Ganzen dra wier.

Mertzig Romain, Schäffen:

Mat dem Dännebësch beim Kierfecht, esou war deen al an net méi gutt. Dofir hunn se deen ewechgemaach. Hien huet mer awer elo net gesot, wat dohinner an d'Plaz kënn. Ech froen dat awer no an dann informéieren ech iech eng nächste Kéier hei am Gemengerot.

Zu Rolleng um Hondsterrain war et selwecht. Dee Bësch war net méi wéi e sollt sinn. A wéi hie mer gesot huet, ginn déi Plazen, wou Bësch ewechgemaach gëtt, 3 bis 4 Joer leie gelooss an da gëtt en neie Bësch dohinner geplanz. Wann se e Bësch ewechhuelen, kënnen se net direkt en aneren dohinner planzen. Ech ginn dovunner aus, datt dat och um Prënzeberg de Fall ass, mä ech kann iech awer elo keng kloer Äntwert ginn.

Wat d'Grillplazen ugeet, esou hunn de Buergermeeschter an ech net méi spéit wéi de leschte Weekend dee Constat gemaach. Well mer awer och do am Naturschutzgebitt sinn, ass et och no Récksprooch mam Fierschter u sech kee géeegenten Environnement fir um Bierg eng Grillplaz ze maachen. Mir hate schonn eng Kéier zwou Plazen zeréckbehalen, do waarde mer awer op d'Autorisatiounen. Eng Kéier war dat relativ no bei der Kor an dat anert war och relativ no bei der Natura 2000. Mir wësse jo wéi et haut ass, wa mer eng Grillplaz maachen, da muss dat och autoriséiert ginn. D'Iddi, fir u sech déi Grillplaz ze maachen, ass datt mer dann e stengene Grill dohinner maachen, dee da mat Fer forgé zou ass. A wann dann d'Leit gären do grille ginn, dann ass d'Iddi, datt se an d'Gemeng de Schlëssel siche kommen. Da weess een och, wien do war an da gesäit een och duerno, wien Sauereie gemaach huet. A wann een net ufreet fir ze grillen, dann ass de Grill zou. Dat ass emol d'Iddi gewiescht, mä déi ass leider nach net ëmgesat ginn.

Scheuer Romain (déi gréng):

Dir hutt elo vum Terrain beim Rollenger Hondsterrain geschwat. Do huet d'Gemeng momentan Drot ronderëm gemaach. Do wäert jo dann och e Projet do sinn. Et ass an zwou Parzelle gedeelt ginn. Esou wéi et elo ausgesäit, komme wuel kaum nach eng Kéier Beem dohinner.

Mam Bësch hei zu Péiteng beim Kierfecht, do gesäit et esou aus, wéi wann et e Projet um Prënzeberg ass, fir mat de Kanner Beem ze setzen. Dir hutt jo gesot, dir géift mer déi nächste Kéier eng Äntwert ginn, an da sinn ech dorobber gespaant.

Mertzig Romain, Schäffen:

Et muss ee wëssen, dat zu Rolleng ëmmer en Drot ronderëm war. Deen Drot war och al. Dat war u sech als Hondstoilette vum Hondsterrain genotzt ginn. A wat ass geschitt, wéi en nach net zou war? Do hunn da Leit et fäerdeg bruecht, fir

Buedem dohinner klauen ze goen. An dofir hu mer elo erëm zougemaach. Well dat och duerno erëm déi Funktioun soll iwwerhuelen déi et hat, ass et erëm ëmzäunt ginn.

Scheuer Romain (déi gréng):

Wann der sot, et wier ëmzäunt ginn, dann hätte mer och e Projet kéinte maachen, datt een en Deel gelooss hätt, wou d'Leit mat hiren Hënn kéinte goen. Mir hate jo och eng Kéier eng Fro gemaach, datt ee kéint en Terrain fannen, wou d'Bierger aus der Gemeng d'Hënn kéinte lafe loossen. Dann hätt een do kéinten en Deel vum Terrain halen dofir. Well dir hat mer geäntwert, datt ee sollt op den Hondsterrain goen. Ech hu mat deene Leit vum Hondsterrain geschwat, mä dat wier awer och net esou evident fir dat ze maachen.

Mertzig Romain, Schäffen:

Wann der dat uschwätzt, da muss een dat als Projet iwwer d'ganz Gemeng virgesinn. An dat war awer elo am Moment net d'Intentioun vum Schäfferot, fir iwwerall Hondstoiletten ze maachen. U sech war d'Iddi, fir datt d'Leit sech sollen un d'Hondsveräiner uschlëssen an da kënnen se hir Hënn och do fräi lafe loossen.

Bouché-Berens Marie-Louise (DP):

Ech fannen et ganz gutt, datt mer eis Bëscher an eis Natur ënnerhalen. Dat ass ganz wichtig, well mer wëssen, datt d'Bëscher eis Longe sinn. An do soll eis och keen Euro ze vill si fir dat ze ënnerhalen.

Ech hu gelies, beim Plon steet dran, datt erëm mam Päerd soll geméint ginn. An do steet dann och nach eng Kéier dran, datt d'Kappweide solle geschnidde ginn an datt dat Material soll genotzt gi fir en Tippi ze maachen. D'Kappweide musse reegelméisseg geschnidde ginn, dat muss jo sinn, mä den Tippi hunn se jo awer gemaach. Maachen se dann elo nach iergendzwoch en aneren Tippi oder gëtt den Tippi frësch opgebaut? Well en Tippi ass jo do.

Mertzig Romain, Schäffen:

Déi Saachen, déi an der Natur stinn, sinn der Erosioun ausgesat. An do gëtt ëmmer gekuckt, datt se sollen an der Rei sinn. An doduerch wäerten se Aarbechten do maachen. An déi Aarbechte fannen ëmmer zesumme mat dem Sicona statt. Ech weess awer elo net, ob en neien Tippi soll gebaut ginn oder ob deen alen a Stand gesat ginn. Ech kann iech dat awer och gären nofroen.

Bouché-Berens Marie-Louise (DP):

Wéi ass et da mam Projet Weier, deen och schonn 2 Joer méi oder wéiniger am Budget stoung a wouvunner ëmmer geschwat gëtt. Wéini gëtt deen dann am Plon realiséiert?

Mertzig Romain, Schäffen:

Do waren nach aner Problemer ze reegelen, well u sech am Plon e Projet ass fir d'Renaturisatioun vun der Maragole. U sech ass eng Diskussioun gelaf, wou d'SES e Projet mat enger Waasserleitung hat. An dofir ass do nach nâischt geschitt.

Bouché-Berens Marie-Louise (DP):

Dat ass jo awer alles fäerdeg.

Mertzig Romain, Schäffen:

Neen, eben net. Dat geet eréischt un.

Becker Romain (déi gréng):

Datt deen Dännebësch um Prënzeberg fort ass, ass u sech schued. Mä et ass awer normal, well d'Dänne ware

Monokulturen. An dat sinn emol déi Beem, déi am meeschte gehäit ware während der Dréchant an duerno mam Borkekäfer.

Eise Bëscher geet am grouse Ganzen net gutt. A ganz Europa geet et de Bëscher net gutt an dofir si mir hei zu Péiteng och keng Ausnam. An ech hu vollst Vertrauen an d'ANF, respektiv an eise Fierschter, wann do nei ugeplanzt gëtt an datt dat keng Monokultur mat Nolebeem gëtt, mä datt dat e Mix vu Lafbeem soll ginn. An ech denken, datt deen dat um Prénzebierg an zu Rolleng beim Hondsterrain esou mécht.

Eng aner Saach ass déi mat de Grillplazen. De Kollege Scheuer huet Recht. Domadder wier net dee ganzen Dreck duerch dee ganze Bësch verdeelt, mä dann hu mer geziilte Plazen. An eng vun deene Plaze kéint ech mer beim Scoutschalet um Prénzebierg virstellen, well dës besteet jo quasi elo schonn. Do kéint een zesumme mat der ANF a mat eise Fierschter kucken, wat een do dierf a wat net, a wat een dorausser kéint maachen.

Mertzig Romain, Schäffen:

Ech sinn averstane mat deem, wat der gesot hutt. Ech mengen, et huet ëmmer alles seng Ursaachen. Ech ginn awer dovunner aus, datt wann déi Beem do verschwannen – de Fierschter ass eisen Expert – dann ass dat net einfach, well déi do wëllen iergendeppes ewech hunn, mä dann huet dat schonn iergendwéi seng regulär Ursaach.

Déi Plaz beim Scoutschalet kann een effektiv préiwen. Mir huelen se mat op de Listing an da kucke mer, ob et realisabel ass oder net.

Becker Romain (déi gréng):

Als Ofschloss wollt ech de Schäfferot nach eng Kéier froen, ob mer net zesumme mam Fierschter kéinten eng Kéier duerch de Gemeengebësch goen, esou wéi mer dat viru Jore schonn ugeleiert haten. A mir hunn dat an der Zäit reegelméisseg gemaach. Kann ee mat deem neie Plang dat net erëm mam Fierschter kucke goen?

Mertzig Romain, Schäffen:

Dëst Joer wäert dat schwéier realisabel sinn. Mir kënnen dat awer gären uganks Joers envisagéieren. Am Mäerz ass d'Wierder schonn e bësse besser, esou datt mer dat da kéinte maachen. Et ass richtig, wéi der gesot hutt, datt et eng ganz flott Saach ass an an engems ass een am Bild. Wat och gutt ass, dat ass, datt een den Expert mat dobäi huet an een déi richtig Äntwerten op seng Froe kritt.

Accord à l'unanimité.

7.1.

Urbanisation.

Droit de préemption relatif à une parcelle cadastrale située à Pétange, lieu-dit «Rue Charlotte» - décision.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Il est proposé de renoncer à un éventuel droit de préemption sur le terrain en question.

Accord à l'unanimité.

7.2.

Urbanisation.

Droit de préemption relatif à une parcelle cadastrale située à Rodange, lieu-dit «An Stackene» - décision.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Il est proposé de renoncer à un éventuel droit de préemption sur le terrain en question.

Accord à l'unanimité.

7.3.

Urbanisation.

Projet de modification ponctuelle du plan d'aménagement général (PAG) concernant des fonds sis à Rodange, au lieu-dit «Croix St-Pierre»: vote définitif - décision.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Nodeems de Gemengerot an der Sëtzung vum 28.02.2022 d'Modification ponctuelle vum PAG positiv aviséiert hat, gouf d'Prozedur ulafe gelooss. Et stoung an den Zeitungen, mir hunn och gekuckt, wien sech géif mellen an eventuell Observatioune géing maachen. Et war kee Bierger, deen iergendwéi zu dësem Projet vun der Modification ponctuelle vum PAG eppes ze beanstanden hat. Des Weideren hate mer och d'Commission d'aménagement saiséiert an déi hunn den 18.07.2022 geschriwwen «*La commission n'a pas d'observations à émettre au sujet du projet de modification ponctuelle soumis pour avis*».

Esou datt de Gemengerot d'accord war, d'Bierger näischt aussetzen haten an d'Commission d'aménagement näischt aussetzen hat, an dofir géif ech iech proposéiere fir déi Prozedur hei ofzeschleissen, fir datt mer och déi nächst 2 Punkte vun der Dagesuerdnung kënnen maachen.

Martins Dias André (CSV):

36 Wunnunitéiten, dovunner 12 Eefamilljenhaiser a 24 Appartementer, opgedeelt op 4 Residenzen. D'Residenze wäerten net méi wéi 2 Niveaue plus Combelen hunn. Dat ass d'selwecht wéi d'Haiser, dat heescht de gemeinsame Gabarit gëtt do ugestriift. An et gëtt eng gemeinsam Tiefgarage, wat deem Quartier ganz zegutt kënnt, well e verkéiersberouegt wäert sinn. A mir gesinn, datt virun den Haiser, virun de Residenzen, d'Mobilité douce hei grouss geschriwwen gëtt, wat denken ech och fir déi Bierger, déi do wäerte wunnen, ganz positiv ass.

Déi eenzeg Fro, déi mer do just bleift ass, wësse mir eventuell wat dee Promoteur do wëlles huet a punkto Timing? Wéini soll do eppes ulafen? Wéi ass do de Stand der Dinge?

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Beim Timing hänkt et jo nach ganz vill vun der Gemeng of. Wa mer elo hei déi Modification ponctuelle vum PAG gestëmmt hunn, an dann och duerno déi Modification ponctuelle vum PAP Quartier existant an och nach eng Kéier de PAP gestëmmt hunn, da muss dat jo och nach alles duerch déi verschidden Instanze lafen. Et muss och vun der Ministesch approuvéiert ginn, besonnesch dee leschte Punkt 7.5, wat de wesentleche Punkt ass. An da muss mer eng Konventioun maache mam Promoteur, fir dann ze kucken, wéi déi eenzel Saachen an dee Wee muss amenagéiert ginn. Dat wäert sécherlech nach Aarbecht kaschten. Esou datt ech mer net ka virstellen, datt viru Mëtt vum nächste Joer do kann ugefaange ginn. Mä mir wëssen awer alleguerten, datt Promoteuren, wann se bis wëllen ufänken an eppes kënnen ufänken, och wäerten ufänken.

Mir hunn der zwar, déi schonn 2 Joer drop waarden, datt mer eens sinn op allen Niveaue an dofir wëll ech mech net ze vill zur Fënster eraushänken. Net datt d'Promoteuren eis am Ouer leien a froen, fir wat se net kënnen ufänken a firwat ass dat

eent an dat anert nach net gekläert. Dat heescht, ganz oft ass et net onbedéngt den Net-Wëlle vum Promoteur oder d'Spekulatioun vum Promoteur, déi dozou bäidrëit, datt dat net virugeet, mä ganz oft läit et um prozeduralem Wee, deen ëmmer relativ stengeg a relativ schwierig ass.

Well de PAP an der éischter Phas eigentlech schonn approvéeiert war, kann ech mer elo virstellen, datt dat heiten elo keen esou ee grouse Problem duerstellt. An da kann een dovunner ausgoen, datt et iergendwéi Mëtt 2023 géing ugoen. Mä mir mussen awer nach eng Kéier an de Gemengerot komme mat der Konventioun, wann dat heiten elo ofgeschloss ass.

Accord à l'unanimité.

7.4.

Urbanisation.

Projet de modification ponctuelle du plan d'aménagement particulier «quartier existant» (PAP-QE) concernant des fonds sis à Rodange, au lieu-dit «Croix St-Pierre» - décision.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Accord à l'unanimité.

7.5.

Urbanisation.

Projet d'aménagement particulier «nouveau quartier» concernant des fonds situés à Rodange, au lieu-dit «Chemin de Brouck – Croix St-Pierre» – décision.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Da komme mer zum PAP NQ, deen op der Basis war vun de Punkte 7.3 a 7.4 an dee mer hei wëllen zur Ofstëmmung bréngen. Dofir ass den Avis vun der Cellule d'évaluation gefrot ginn. Déi hunn eis eng ganz Rei Informatiounen ginn, nodeems mer och d'Leit gefrot hunn. Et kouw keng Objektivitéit vun de Biergerinnen a Bierger.

D'Cellule d'évaluation huet e puer Remarque gemaach. Si hunn an der éischter Phas gesot, et wier net konform zum PAG a mir misste fir d'éischt de PAG zu Enn bréngen, wat mer elo am Punkt 7.3 gemaach hunn, fir datt eng Konformitéit ass vum neie PAP zum PAG. Esou datt mer dee Punkt ofgehaakt hunn.

Dann hunn se e puer Remarque gemaach. Engersäits hätten se gären d'Jardins privatives e bësse méi grouss gemaach. Si hätten och gären e puer Saachen um grapheschen Deel – och wat den Nivellement ugeet – geännert. Mir hunn eigentlech als Schäfferot all deene Remarken, déi d'Cellule d'évaluation gemaach huet, Rechnung gedroen an se validéiert. Den Architektbüro huet all déi Punkten adaptéiert, wou d'Cellule d'évaluation eng Remark dozou gemaach hunn. Esou datt elo déi adaptéiert Versioun vun deem PAP genau deem entsprecht, wat d'Cellule d'évaluation och gesot huet.

Wann de Gemengerot och elo averstane wier mat deem Projet a mat deenen Adaptatiounen, da kënn nach eng lescht Diskussioun, déi mer musse féieren. Well mer 3,66%, dat heescht 2,76 Ar méi cedéiert kriie wéi eis eigentlech zousteet – dat sinn nëmme 25% - géife mir proposéiere fir am Kader vun deem Projet – besonnesch wat dee Wee do ubelaangt – de Mobilier urbain an d'Plantatiounen an enger Valeur vun 30.500 Euro ze iwwerhuelen. Do läit e klengen Devis vir, wou d'Leit eis gesot hunn, datt et dat ongeféier géif kaschten. An da géif de Gemengerot sech fir déi Valeur engagéieren, well mer ebe mussen – wa mer méi Terrain cedéiert kréie wéi eis

laut Gesetz zegutt steet – erklären, wéi mer et finanziell kompenséieren. Mir wëllen et ëmmer – an dat maache mer reegelméisseg – mat Aarbechte maachen an net onbedéngt mat Suen, mat Kompensatiounen vu Geld. Mir wäerten eis da selwer ëm eng Rei Saache këmmere laanscht dee Wee, an enger Héicht vun 30.500 Euro fir déi Compensation supplémentaire vun 3,66%.

Accord à l'unanimité.

8.1.

Transports et communications.

Règlement temporaire d'urgence de la circulation routière à Pétange, rue des Jardins – décision.

Explications par M. Romain Mertzig, échevin.

Du 03.10.2022 au 24.12.2022, dans la rue des Jardins à Pétange,

- la chaussée sera barrée entre l'immeuble n°16 et le croisement rue Batty Weber / route de Longwy N5,
- la circulation routière se fera en double sens à partir de l'accès par la rue Pierre Grégoire.

Accord à l'unanimité.

8.2.

Transports et communications.

Règlement temporaire d'urgence de la circulation routière à Lamadelaine, route de Luxembourg – décision.

Explications par M. Romain Mertzig, échevin.

Du 03.10.2022 au 11.12.2022, dans la route de Luxembourg à Lamadelaine,

- une demi-chaussée sera barrée entre les immeubles n°15 et n°18;
- la circulation routière sera réglée au moyen de feux tricolores entre les immeubles n°15 et n°18.

Accord à l'unanimité.

9.1.

Vie associative.

Octroi de subsides aux sociétés – décision.

Explications par M. Jean-Marie Halsdorf, échevin.

Il est proposé

- d'allouer un subside de 75,00 euros à la société «Association des Parents d'Enfants Mentalement Handicapés ASBL»;
- d'attribuer un subside de 680,00 euros à l'association «Les amis des jumelages de la Commune de Pétange ASBL»;
- d'accorder un subside supplémentaire de 2.000,00 euros (1.000,00 euros/ entraîneur) à l'Union Titus Pétange;
- de réinscrire les associations «Union des Femmes Luxembourgeoises» et «Croix Rouge - Section de la Commune de Pétange» sur la liste officielle des sociétés subsidiées.

Accord à l'unanimité.

9.2.**Vie associative.**

Modification des statuts et de la dénomination de l'association «Chorale enfantine Sänger vun der Bich» en «Chorale Sänger vun der Bich ASBL» - information.

Explications par M. Jean-Marie Halsdorf, échevin.

Il en est pris acte.

10.**Dépenses diverses.**

Octroi de cadeaux de service - décision.

Explications par M. Jean-Marie Halsdorf, échevin.

Accord à l'unanimité. M. Martins Dias, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

Gemeinderatssitzung vom 17. Oktober 2022

Anwesend:

Mellina Pierre, Bürgermeister (CSV)

Halsdorf Jean-Marie, 1. Schöffe (CSV)
Conter-Klein Raymonde, 2. Schöffe (CSV)
Mertzig Romain, 3. Schöffe (LSAP)

Agostino Maria (CSV)
Arendt Patrick (CSV)
Breyer Roland (CSV)
Martins Dias André (CSV)

Brecht Guy (LSAP)
Stoffel Marco (LSAP)

Becker Romain (déi gréng)
Scheuer Romain (déi gréng)
Goergen Marc (Piratepartei)
Bouché-Berens Marie-Louise (DP)

Abwesend und entschuldigt:

Birtz Gaby (LSAP)
Remacle Patrick (CSV)
Welter Christian (Piratepartei)

1.

Punkt 1 der Tagesordnung wurde in geheimer Sitzung behandelt.

Der Gemeinderat hat beschlossen, die getroffene Entscheidung nicht zu veröffentlichen.

2. - Mitteilungen des Schöffenrates.

Schöffe Jean-Marie Halsdorf gibt Auskunft darüber, dass die Gemeinden Pétingen und Käerjeng gemeinsam einen Archivist (w/m) einstellen werden, der 60% für die Gemeinde Pétingen und 40% für die Gemeinde Käerjeng arbeiten wird.

Schöffe Romain Mertzig gibt zusätzliche Informationen in Bezug auf die vom Syndikat Sicono in der Nähe der Mühle in Lamadelaine ausgeführt wurden.

3.1. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Einnahmen über einen Gesamtbetrag von 452.384,71 € - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

3.2. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Allgemeine Tarifverordnung: Änderung des Kapitels VII „Piscines et Bains“ – 2. Lesung - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

3.3. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Allgemeine Tarifverordnung: Einführung einer Gebühr zur Genehmigung eines Wasseranschlusses und eines Kanalisationsanschlusses, Kapitel XI „Taxe de chancellerie“ - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

3.4. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Allgemeine Tarifverordnung: Änderung des Kapitels XII „Services spéciaux“ – 2. Lesung - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

3.5. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Festsetzung des im Grundsteuerbereich angewandten Multiplikatorwertes für 2023 - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

3.6. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Festsetzung des im Gewerbebereich angewandten Multiplikatorwertes für 2023 - Beschluss.

Beschluss mit 13 Stimmen und 1 Gegenstimme (Piratepartei).

3.7. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Interreg V-Projekt Großregion – Langsamverkehrsprojekt / Arbeiten im Ballungsraum der 3 Grenzen: Abstimmung einer provisorischen Abrechnung sowie eines Zusatzkredits über 65.753,61 €.

Beschluss einstimmig.

3.8. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Oberflächenbehandlung und Erneuerung der Deckschicht in verschiedenen Straßen (Jahr 2022): Abstimmung über die Abrechnung und den Zusatzkredit über 4.474,12 € - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

4. - Unterricht.

Organisation der Schneeklassen für das Jahr 2023 - Beschluss.

Beschluss mit 12 Stimmen und 2 Enthaltungen (déi gréng).

5. - Soziales.

Organisation der Freizeitmittage Vakanzaktioun für das Jahr 2023 - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

6. - Forstwirtschaft.

Verwaltungsplan des Gemeindewaldes für das Jahr 2023: Bewilligung des Kostenvoranschlags - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

7.1. - Raumplanung.

Vorverkaufsrecht in Bezug auf eine Katasterparzelle am Standort rue Charlotte in Pétingen - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

7.2. - Raumplanung.

Vorverkaufsrecht in Bezug auf eine Katasterparzelle am Standort A Stacken in Rodange - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

7.3. - Raumplanung.

Punktuelle Änderung des allgemeinen Bebauungsplanes (PAG) in Bezug auf Ländereien am Standort Croix St Pierre in Rodange: definitive Abstimmung - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

7.4. - Raumplanung.

Punktuelle Änderung des Teilbebauungsplanes Quartier existant (PAP-QE) in Bezug auf Ländereien am Standort Croix St Pierre in Rodange - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

7.5. - Raumplanung.

Projekt eines Teilbebauungsplanes in Bezug auf Ländereien am Standort Chemin de Brouck-Croix St Pierre in Rodange - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

8.1. - Transport und Kommunikation.

Verkehrsdringlichkeitsverordnung in der rue des Jardins in Pétingen - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

8.2. - Transport und Kommunikation.

Verkehrsdringlichkeitsverordnung in der route de Luxembourg in Lamadelaine - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

9.1. - Vereinsleben.

Zugestehung von Vereinssubsidien - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

9.2. - Vereinsleben.

Änderung der Statuten sowie der Benennung der Vereinigung Chorale enfantine Sängers von der Bich in Chorale Sängers von der Bich ASBL - Auskunft.

Es wurde zur Kenntnis genommen.

10. - Diverse Ausgaben.

Zugestehung von Geschenken - Beschluss.

Beschluss einstimmig. Herr Martins Dias hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

Séance publique du 21 novembre 2022

Durée de la séance: 16.00 à 18.45 heures

Présents:

Mellina Pierre , bourgmestre (CSV)	Halsdorf Jean-Marie , 1 ^{er} échevin (CSV) Conter-Klein Raymonde , 2 ^e échevin (CSV) Mertzig Romain , 3 ^e échevin (LSAP)
Agostino Maria (CSV) Arendt Patrick (CSV) Breyer Roland (CSV) Martins Dias André (CSV) Remacle Patrick (CSV)	Birtz Gaby (LSAP) Brecht Guy (LSAP) Stoffel Marco (LSAP)
	Becker Romain (déi gréng) Scheuer Romain (déi gréng) Goergen Marc (Piratepartei) Bouché-Berens Marie-Louise (DP)

Absents et excusés:

Welter Christian (Piratepartei)
--

ORDRE DU JOUR

Séance à huis clos (16.00 heures)

1. Personnel
 - 1.1. Nomination d'un fonctionnaire (m/f) du groupe de traitement D1, sous-groupe à attributions particulières (artisan – instructeur de natation), pour les besoins du service des piscines communales – décision.
 - 1.2. Prolongation de la durée du service provisoire d'une fonctionnaire communale – décision.
 - 1.3. Démission volontaire d'une fonctionnaire communale – décision.
 - 1.4. Application d'une mesure disciplinaire – décision.

Séance publique (16.15 heures)

2. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
3. Administration générale
 - 3.1. Titres de recettes – décision.
 - 3.2. Installation d'une détection d'intrusion à l'Hôtel de Ville à Pétange: vote du décompte – décision.
 - 3.3. Installation d'une détection d'intrusion au Centre sportif à Pétange: vote du décompte – décision.
 - 3.4. Travaux d'assainissement de la canalisation sur le territoire de la commune: vote du décompte – décision.
 - 3.5. Mobilité douce 3 Frontières – Projet Interreg Grande Région (Phase 2): vote du décompte – décision.
 - 3.6. Etablissement d'un plan d'aménagement particulier pour les projets d'extension de l'école «An Eigent» et de construction d'une nouvelle maison relais à Pétange: vote du décompte – décision.
 - 3.7. Etablissement d'un plan d'aménagement particulier pour le projet de l'extension du lotissement Neiwiss à Rodange: vote du décompte – décision.
4. Enseignement musical: Organisation définitive de l'enseignement musical pour l'année 2022/2023 - décision.
5. Personnel: Création et suppression de divers postes – décision.
6. Affaires sociales
 - 6.1. Subvention au profit des victimes des inondations au Pakistan – décision.
 - 6.2. Aide financière pour la promotion de produits locaux en vue d'améliorer le revenu des femmes dans la Région des Savanes au Togo – décision.
 - 6.3. Aide financière pour l'amélioration de l'accès à l'eau potable dans le cadre du Programme de Développement intégré à Bobo Dioualasso au Burkina Faso – décision.
 - 6.4. Aide financière pour le projet «Ecole 22» dans le domaine de l'éducation, de la formation, de l'environnement et du développement d'infrastructures scolaires dans les villages de la province d'Oubritenga au Burkina Faso – décision.
 - 6.5. Convention avec les associations «ProActif ASBL» et «Association des Musée et Tourisme Ferroviaires (AMTF Train 1900) ASBL» relative à la réinsertion de chômeurs sur le marché du travail – décision.

- 6.6. Remplacement partiel du conseil d'administration de l'Office social de Pétange – décision.
- 6.7. Approbation du budget rectifié de 2022 et du budget de l'exercice de 2023 de l'Office social – décision.
7. Propriétés
 - 7.1. Compromis concernant l'acquisition gratuite d'un terrain sis à Pétange, lieu-dit «Rue des Alliés», de la part de la société Kalista Immo SA – décision.
 - 7.2. Compromis concernant l'échange de terrains sis à Lamadelaine, lieux-dits «Rue de la Providence» et «Grand-Rue», avec la société DG Immo SA - décision.
 - 7.3. Acte concernant la vente d'un terrain sis à Pétange, lieu-dit «Rue Marie-Adélaïde» à l'établissement public «Fonds du Logement» - décision.
 - 7.4. Acte concernant l'échange de terrains sis Pétange, lieu-dit «Auf Herbstberg», avec M. Marc Kneip et Mme Marina Hornick – décision.
 - 7.5. Acte concernant l'acquisition d'un terrain sis à Rodange, lieu-dit «Chemin de Brouck», de la part de M. Marcel Nilles – décision.
 - 7.6. Acte concernant l'acquisition d'un terrain sis à Rodange, lieu-dit «Rue Joseph Philippart», de la part de Mme Marianne Roos – décision.
8. Ordre public: Prorogation de l'heure de fermeture des débits de boissons publics à l'occasion de certaines fêtes ou festivités en 2023 – décision.
9. Urbanisation
 - 9.1. Approbation de la convention et du projet d'exécution portant sur le plan d'aménagement particulier (PAP) concernant des fonds sis à Rodange, lieu-dit «A la Croix Cassée» – décision.
 - 9.2. Projet de modification ponctuelle du plan d'aménagement particulier concernant des fonds situés à Rodange, au lieu-dit «A Stacken / Neiwiss II» - décision.
 - 9.3. Droit de préemption relatif à une parcelle cadastrale située à Pétange, au lieu-dit «Rue Oberst Daessent» - décision.
 - 9.4. Droit de préemption relatif à une parcelle cadastrale située à Pétange, au lieu-dit «Rue Prinzenberg» - décision.
 - 9.5. Droit de préemption relatif à une parcelle cadastrale située à Pétange, au lieu-dit «Rue Adolphe» - décision.
 - 9.6. Demande de lotissement / morcellement de la part de M. Guy Arend concernant le morcellement d'un terrain sis à Pétange, rue d'Athus n° 70 – décision.
10. Transports et communications
 - 10.1. Règlement temporaire d'urgence de la circulation routière à Pétange, route de Longwy – décision.
 - 10.2. Règlement temporaire d'urgence de la circulation routière à Rodange, avenue Dr Gaasch – décision.

COMPTE RENDU

1.

Le point 1 de l'ordre du jour a été traité en séance à huis clos.

Le conseil communal a décidé de rendre public la décision suivante:

Nomination d'un fonctionnaire (m/f) du groupe de traitement D1, sous-groupe à attributions particulières (artisan – instructeur de natation), pour les besoins du service des piscines communales – décision.

M. Alexandre Sibilla, de Lamadelaine est nommé aux fonctions d'instructeur de natation.

2.

Communications.

Communications du collège des bourgmestre et échevins.

Mertzig Romain, Schäffen:

Ech géif fir d'éischt mat enger Kommunikatioun vum SICEC ufänken, e puer Chifferen, déi vläicht deen een oder aneren interesséieren. 2021 waren et hei am Land 4.489 Leit, déi verstuerwe sinn. Dovu sinn der 3.119 ageäschert ginn, wou mer dann op engem Prozentsaz vu 67% si vu Leit, déi u sech

mëttlerweil hei am Land verbrannt ginn. Vun 1995 bis elo hu mer ronn 1.900 Leit aus der Gemeng Péteng, déi zu Hamm ageäschert gi sinn. Fir d'Joer 2021 waren et 29 Verstuerwener, déi zu Hamm ageäschert gi sinn.

Déi zweet Matdeelung betrëfft d'Fro, déi opgeworf gi war, fir eng Kéier en Tour mam Fierschter an de Bësch maachen ze goen an eis verschidde Saachen ukucken ze goen. Ech hat e Gespréich mam Fierschter a mir hunn zeréckbehalen, datt mer uganks Joers géingen de Prénzebieng an de Giele Botter maachen an datt mer eng kleng Orchideeëwanderung géife maachen, wou mer da gewise kréien, wat déi eenzel Planze sinn an och Erklärungen dozou kréien. Do ass et awer esou, datt mer nach keen Datum festgehalen hunn. Dee wäerte mer och eréischt uganks 2023 festhalen, well de Fierschter mer gesot huet, datt ee muss kucken, wéi mer aus dem Wanter erauskommen, well soss huet et u sech kee Wäert fir kucken ze goen, wann se nach net an der Bléi sinn. D'Decioun vum Datum wëlle mer dann zu engem spéideren Datum huelen.

Et war och nach eng aner Fro hei am Gemengerot opgeworf ginn, wat mat deem Stéck Dännebësch géif geschéien, wat hannert dem Pétenger Kierfecht ofgeholzt ginn ass. Do ass et esou, datt mer am Kader vun der «Journée nationale de l'arbre» mat eise Schouklasse Beem ugeplantz hunn, esou wéi mer dat all Joers maachen. Et ass awer muer Dënschdeg nach eng Aktioun, wou Hecken ugeplantz ginn, mat

ukrainesche Leit, déi zu Déifferdeng logéiert sinn. Do ginn nach eng ronn 300 Planze gesat, ë.a. «gemeiner Schneeball», wat un sech an der Ukrain als Nationalsymbol gëllt. Dat ass awer eng eenheemesch Planz an déi Planz kënnt oft an ukrainesche Vollekslieder vir. Viru kuerzem huet esouguer Pink Floyd mat engem ukraineschem Artist e Lidd opgeholl, wou et sech ëm dës Plaz handelt.

3.1.

Administration générale.

Titres de recettes au montant total de 8.896.619,66 euros – décision.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Recettes les plus importantes:

Fonds de dotation globale des communes – solde 3e trimestre 2022	7.962.176,00 €
Maisons Relais – part Etat – 4e avance 2022	857.546,00 €

Accord à l'unanimité.

3.2.

Administration générale.

Installation d'une détection d'intrusion à l'Hôtel de Ville à Pétange: vote du décompte – décision.

Explications par Mme Raymonde Conter-Klein, échevine.

Total des crédits approuvés: 15.000,00 € (ttc)
Total du devis approuvé: 15.000,00 € (ttc)
Total de la dépense: 12.877,99 € (ttc)

Goergen Marc (Piratepartei):

Am Sécherheetsberäich soen se jo ëmmer, datt een eigentlech ëmmer virdru muss visibel maachen, fir datt et guer net zu engem Schued kënnt. Et ass mer och schonn op anere Gebaier opgefall, dass de Gangster guer net gesäit, datt eng Alarmanlag do ass. Dat heescht d'Ofschreckung, deen Effekt, deen d'Sécherheetsfirmen eigentlech ëmmer gären hätten, ass net do. Privat hänkt een ëmmer déi grouss Stickeren dohinner, fir ze warnen, an da kënnt et guer net zum Schued. Ass dat och ugeduecht, datt mer dat och bei de Gemengegebaier maachen, esou datt de Gangster scho keng Loscht méi huet well e weess, datt eng Alarm do ass?

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Esou Stickeren hu mer net do hänken. Ech weess och net, ob et ubruecht ass, fir an der Gemeng och nach esou Panneauen opzehänken. Et kéint een héchstens ënne bei d'Dier esou ee kleng maachen. Ech géif awer elo dovunner ofgesinn, fir elo do grouss Panneauen ze installéieren.

Bouché-Berens Marie-Louise (DP):

Wann emol Feierlechkeeten dobausse waren, si mir jo heiansdo mat eise Badgen erakomm fir op d'Toilette ze goen. Gi mir da gewuer, wann d'Alarmanlag un ass?

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Als Responsabele vun der Gemeng muss ee jo och wëssen, wéi een se an- an ausschalt. Hat dir dat net matgedeelt kritt?

Wa mer awer elo jidderengem dat soen, da muss mer eis och vläicht eng Richtlinn ginn, well soss weess op eemol jiddereen,

wéi een den Alarm an- an ausschalt, an dann notzt se näischt méi.

Breyer Roland (CSV):

Mir hunn alleguerten e Badge. Kann een dat net kombinéieren?

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech géif proposéieren, datt der déi néideg Instruktioune kritt, well mir mierken dann, wien d'Anlag an- an ausgeschalt huet mat deem Badge. Well et kann een se nëmme mam Badge beweegen. Dat heescht, mir sollen dat dann eng Kéier gewise kréien. Well et wier och gutt, well ech weess och net, wéi et geet.

Accord à l'unanimité.

3.3.

Administration générale.

Installation d'une détection d'intrusion au Centre sportif à Pétange: vote du décompte – décision.

Explications par M. Romain Mertzig, échevin.

Total des crédits approuvés: 25.000,00 € (ttc)
Total du devis approuvé: 25.000,00 € (ttc)
Total de la dépense: 23.709,71 € (ttc)

Accord à l'unanimité.

3.4.

Administration générale.

Travaux d'assainissement de la canalisation sur le territoire de la commune: vote du décompte – décision.

Explications par M. Jean-Marie Halsdorf, échevin.

Total des crédits approuvés: 1.250.000,00 € (ttc)
Total du devis approuvé: 1.250.000,00 € (ttc)
Total de la dépense: 1.036.441,72 € (ttc)

Accord à l'unanimité.

3.5.

Administration générale.

Mobilité douce 3 Frontières – Projet Interreg Grande Région (Phase 2): vote du décompte – décision.

Explications par M. Jean-Marie Halsdorf, échevin.

Total des crédits approuvés: 95.000,00 € (ttc)
Total du devis approuvé: 95.000,00 € (ttc)
Total de la dépense: 89.771,24 € (ttc)

Accord à l'unanimité.

3.6.

Administration générale.

Etablissement d'un plan d'aménagement particulier pour les projets d'extension de l'école «An Eigent» et de construction d'une nouvelle maison relais à Pétange: vote du décompte – décision.

Explications par Mme Raymonde Conter-Klein, échevine.

Total des crédits approuvés:	130.000,00 € (ttc)
Total du devis approuvé:	130.000,00 € (ttc)
Total de la dépense:	91.149,33 € (ttc)

Accord à l'unanimité.

3.7.

Administration générale.

Etablissement d'un plan d'aménagement particulier pour le projet de l'extension du lotissement Neiwiss à Rodange: vote du décompte – décision.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Total des crédits approuvés:	112.931,19 € (ttc)
Total du devis approuvé:	0,00 € (ttc)
Total de la dépense:	102.611,19 € (ttc)

Accord à l'unanimité.

4.

Enseignement.

Organisation définitive de l'enseignement musical pour l'année 2022/2023 – décision.

Explications par Mme Raymonde Conter-Klein, échevine.

Goergen Marc (Piratepartei):

Ech wäert déi heite Schoulorganisatioun matstëmmen. Et ass just d'Remark, déi och schon an der Kontrollkommissioun ugeklongen ass an déi awer och schon national schon esou lues méi haart beschwat gëtt, an dat ass – doduerch dass d'Museksschoul elo gratis ass – esou vill Kanner ofsprangen. A leider steet och am Gesetz, dass iergend eng Kéier d'Gemeng op deene Käschte sëtze bleift an de Ministère déi net iwwerhëlt. An do muss een eng Kéier vum Syvicol a vun de Gemeenge kucke fir dat dem Minister nach emol eng Kéier méi däitlech ze soen. Et ass schéin a gutt, dass et gratis ass, a mir stinn och dozou. Mä da muss een awer iergendwann eng Kéier soen, dass wann een ofspréngt, een awer eppes muss bezuelen. Et kann net sinn, dass duerno d'Gemengen op deene Käschte sëtze bleiwen. Well et ass eben d'Mentalitéit: et ass gratis, et huet mech näischt kascht wann ech dann no 3, 4 Kéieren net méi ginn. Mä déi ganz Organisatioun steet awer hannendrun. An dat ass eppes, wou ee muss oppassen. Well esou eng Museksschoul kascht eng Gemeng, an duerno och de Ministère e Batze Geld.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Dat ass e Punkt, deen och am Syvicol scho beschwat ginn ass. Well déi ganz Museksschoulen am Land, esougutt d'AEM wéi och d'Ugda an och d'Conservatoire do hannendrun hänken an och duerno domadder ze kämpfen hätten. Esou dass dee ganze Punkt schon erëm am Syvicol opgeworf ginn ass an de Syvicol och do derhannert steet, fir do erëm eng Kéier nozehaken an ze kucken, ob dat net erëm sollt verbessert ginn. Mir haten et och an enger Kommissioun ugeschwat. Natierlech, et ass elo ganz nei. Dir wësst, wéi et ass. De Kommissär huet eis och ganz gutt nogelauschert. Mir hunn natierlech och gesot kritt, dass fir d'éischt emol misst gekuckt ginn, wéi et géing goen an et wier jo ni ze spéit fir nozebesseren. Ech hoffen och op jiddwer Fall, dass et ni ze spéit ass an dass mer dat zur Zäit an de Grëff kënnen kréien.

Accord à l'unanimité.

5.

Personnel.

Création et suppression de divers postes – décision.

Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:

Dir gesitt, wann der dëse Punkt gekuckt hutt, dass et sech beweegt hei an der Gemeng am Sënn, dass mer als Schäfferot de Point gemaach hunn a gekuckt hunn, wou mer nach Schwaachpunkten hunn, wou mer eis nach besser opstelle kënnen a wou mer méi effizient kënnen ginn. An dat hei ass d'Resultat vun deene Gespréicher, déi iwwer Méint gedauert hunn. Ech wëll et e bësse resuméieren:

Éischstens, eis Botzekipp. Mir hu largement net genuch Botzpersonal am Sënn, dass mer och nei Gebaier bäikréien. Zu Rolleng kënnst elo eng Maison Relais, et komme Schoulen hei zu Péteng bäi. A mir musse kucken, dass d'Leit och esou schaffen, wéi et am Kollektivvertrag virgesinn ass. Mir hunn och Leit, déi krank sinn. Mir si vir bäi an hanne widder, esou dass mer do Leit mussen astellen.

Wat mer och do maachen, mir doubléieren och de Chef. Dat heescht, de Moment hu mer eng Persoun, déi der Botzekipp iwwersteet. Dat gëtt ausgebaut, dass heescht 2 bis 3 Leit maximal, esou dass ëmmer een USPriechpartner do ass, wann e Problem ass beim Botzpersonal, fir dann do ze intervenéieren. Dass ass d'Iddi fir déi Leit aus dem Service nettoyage.

Dir konnt och gesinn, dass mer d'Agents municipale verstärken. Do stelle mer elo 4 Stéck an, well déi jo elo aner Missioun kréien. D'Leit soen och dacks, dass sech egal wéi stationéiert gëtt a keen Agent municipal do ass. Mat deene 4 zousätzleche Leit gëtt dat och besser.

Dann hu mer punktuell Saache gemaach, wou mer der Meinung sinn, dass et gutt ass, wa mer déi Services verstärken. Esou wëlle mer en zweete Schräiner astellen, well mer vill Saache selwer maachen. Esou zum Beispill och deen neie Büro vum 4. Schäffen, deen no deenen nächste Wale wäert komme well mer iwwer 20.000 Awunner sinn. De ganzen Service secrétariat ass ëmgebaut ginn an dee Büro, déi ganz Mauer, gëtt vun eise Schräiner gemaach.

Dat selwecht – wou mer och nach schwaach op der Long sinn – ass beim Eclairage public. Dofir gëtt och do gekuckt, fir sech ze verstärken. Dass ass och de Fall am Garage.

Da kënnst och eng wieder Persoun am Service technique bäi. Do kréie mer och en A2, fir justement Alternativen ze hunn zu deene Leit, déi mer de Moment hunn. Mir hu gemierkt, dass mer ganz vill Schantercher hunn a ganz oft hu mer net déi néideg Expertise an eise Reien.

Da kommen nach 2 Saachen, déi och a mengen Ae ganz wichteg sinn. Dass eent ass, dass mer eppes aféiere wat et schon zu Diddeleng a beim TICE gëtt, an dat ass en Service psycho-social. Dass heescht, d'Leit kënnen bei eng Persoun goen, déi dann esou eng Formatioun huet, a wann se da Problemer hunn, da kënnen se mat hir schwätzen, wann se emol krank ginn, wann emol hei Saache sinn. Dass heescht, mir versiche fir op eist Personal duerzegoen an hinnen en Service ze ginn, wou d'Leit – wann se Problemer hunn – sech un déi Persoun kënnen wenden. Déi zwee Modeller, déi et ginn, hunn sech bewäert an dofir wollte mer och an déi Richtung goen. An dofir gëtt och en A1 am psycho-social agestallt.

Och an de Maisons relaise gi mer an d'Richtung, dass mer d'Leit 40 Stonne schaffe loosse, well mer erausfonnt hunn, dass ganz oft Leit net op Péteng komm sinn, well se nëmmen 30 Stonne kritt hunn. Dofir gi mer elo op 40 Stonnen an

daduerch kréie mer och méi Kandidaten a méi Leit an et kommen do 6 Educateuren mat bäi.

De Service culture wëlle mer och stäerken, well eng Gemeng brauch e gudden Service, eng gutt Kommunikatioun, eng gutt Kulturgestioun. Dat ass och e Profil vun enger Gemeng. An dofir maache mer elo zwou Saachen:

Dat eent ass, déi Persoun, déi sech bei eis ëm sozial Netzwerker këmmert, geet Enn vum nächste Joer oder dat Joer drop a Pensioun, an déi soll dann ersat ginn. Dofir si mer am Gaangen ze kucke fir eventuell eng Persoun ze kréien, déi eis an de sozialen Netzwerker stäerkt, well do si mer och nach schwach op der Long. Et muss een éierlech soe wa Saachen net esou gutt sinn. An dat zweet ass, dat mer de Service culture als solchen, dat heescht dee ganze Beräich vu Mediatiséierung, vu moderne Medien – ob dat elo Fotoe jinn, Kameraen, asw. – wëllen och stäerken. Do hu mer jo schonn eng Persoun, déi esou Saache mécht an dat wëlle mer och nach méi staark maachen. Dofir sinn déi zwee Leit och dobäi.

Dat ass a groussen Zich dat, wat mer wëlles hunn ze maachen. Wann nach Froe sinn, si mer gäre bereet déi ze beäntweren. Et ass eng Aarbecht, déi vum ganze Schäfferot gemaach ginn ass, an dat heiten ass d'Resultat vun deenen Iwwerleeungen, déi mer iwwert déi lescht Méint gemaach hunn.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Wann déi Posten elo definitiv geschafft ginn, wäert och en neien Organigramm opgestallt ginn, wou déi Posten do dra sinn. An da wäert der deen och zougestallt kréien.

Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:

Ech wollt iech d'Philosophie erklären. Mir hunn eis vill Gedanke gemaach an ech fannen, dat mer besser opgestallt sinn, wa mer dat heiten hannert eis hunn. Et kascht natierlech. De Buergermeeschter huet ausgerechent, wat et eis kascht.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech wollt de Käschtepunkt dovunner eigentlech beim Budget soen. Mä déi nei Posten, déi wäerten elo dat nächst Joer net ganz schaffen, mä si wäerten awer 1 Millioun bis 1,25 Millioun kaschten.

Goergen Marc (Piraterpartei):

Et ass dëst eng gutt Propose, virun allem fir eng gutt opgestallte Verwaltung. Ech hunn awer nach dräi Froen:

Bei deenen Agents municipaux, gi mer do och hin an erweideren d'Gemengereglement, wéi dat elo beim neie Gesetz d'Méiglechkeet ginn huet. Datt se net nëmme d'Autoe kontrolléieren, mä datt se och déi aner Sécherheetsfacteuren an der Gemeng kënnen iwwerhuelen. Dat wier jo eigentlech ganz gutt, well dat géif eis Police entlaaschten. An dofir kounn dat Gesetz, mä et ass eben de Gemengerot, deen dann deementspreechend d'Gemengereglement muss un dat neit Gesetz upassen.

Déi aner Fro ass, dat mer opgefall ass, wa Stroossen nei gemaach ginn, datt Firme komme fir d'Strécher ze molen. Fréier war dat awer esou, datt mer selwer Usträicher haten, déi dat gemaach hunn. Ass an deemem Package och mat dran, datt mer dat och erëm selwer maachen? Well ech ka mer virstellen, wann eng Firma kënn, da wäert dat d'Gemeng vill méi deier gi wéi wa mer et selwer maachen.

An déi aner Fro ass, wéi dann elo d'Unzuel ass vun dem ganze Personal, wa mer déi doten elo alleguerten agestallt hunn. Wéi vill Mann a Fra Personal hu mer dann?

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Zu der éischer Fro kann ech iech äntweren. Selbstverständlech muss mer d'Règlement de police änneren. An op Grond vun enger leschter Reunioun, déi mer mam Parquet, mam Minister a mat der Police haten, soll eis e Règlement-type zougestallt ginn, wou grad dat doten och am Fong generell fir all Gemeng eenheetlech soll gemaach ginn. Mir wäerte sécherlech spéitstens Mäerz 2023 mat esou engem neie Règlement hei an de Gemengerot kommen. Mir wollten awer dee Règlement-type do ofwaarden, well et huet jo kee Wäert, datt mir elo d'Rad nei erfanne wann eis gesot gëtt, datt se um Niveau vum Interieur un esou engem Règlement am Gaange sinn ze schaffen. A mir wäerten deen da gréisstméiglechst iwwerhuelen an da vläicht op spezifesch Punkten, déi spezifesch si fir eis, adaptéieren. A bis mer déi 4 zousätzlech Leit hunn, wäerte jo och nach e puer Méint an d'Haus stoen.

D'genee Zuel vum Personal – ech weess net, ob den Här Halsdorf déi kennt – kennen ech net. Mä am Kader vum Budgetdokument ass jo op enger Säit d'genee Zuel dran. Ech géif awer soen, wa mer keng 500 Leit hunn, da wäerte mer awer no un déi 500 Leit erukommen. Awer et si keng 500 ETPen. Soss hate mer esou knapps 500 Leit, déi geschafft hunn an dat waren dann 320 ETPen. Wa mer dann elo hei kucken, da wäerte mer mat deenen neie Posten duerno op 360 bis 370 ETPe kommen. Mä op dee genee Chiffer wëll ech mech net festleeën. Dee steet am Budgetdokument dran.

Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:

Bei den Usträicher ass et esou, datt d'Leit opgedeelt ginn a Funktioun vun den Aarbechten, déi ufalen. Ech ginn iech e Beispill:

Wou mer zu Rolleng d'Strooss frësch gemaach hunn, do ware keng Leit disponibel an dunn hu mer eng Firma geholl, déi dat gemaach huet. Dat war och nach net esou deier. Ech mengen, datt dat eis d'Genéck net brécht.

Mertzig Romain, Schäffen:

Effektiv hunn déi Leit net just d'Attributioun fir de Marquage op der Strooss ze maachen. Si sinn u sech an eisem Service bâtiments agedeelt, esou datt se oft och nach aner Aarbechten hunn. Eis Usträicher maachen och nach selwer Marquage, awer éischer méi kleng Saachen. A fir elo just deen Service marquage mat Leit fonctionéieren ze loossen, dofir hunn se iwwer d'Joer awer net genuch Aarbecht.

Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:

Dann zu de Chiffere vun de Leit. Déi Zuelen, déi ech hunn, si folgend:

Mir haten op der Gemeng 194 Männer an 245 Frae schaffen. Dat sinn der am Ganze 439 ganz Tâchen. A wann een dat eroprechen op d'Leit, da sinn et 541 Leit. An dovunner sinn der 165 Fonctionnaires an Employés communaux, 134 Salariés employés privés an 242 Salariés ouvriers.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Et muss ee ganz kloer soen, an dat brauch een nëmme ze kucke wann mer eis mat änlech grouse Gemenge vergläichen – an da kucken ech einfach e bëssen no uewen, Déifferdeng an Diddeleng, an ech kucken e bëssen no ënnen, Suessem a Käerjeng – da si mir relativ bescheiden, wat den Effektiv ubelaangt. Well déi Gemenge si warscheinlech scho wäit driwwer ewech. An et muss een och soen, datt een eng Rei Aktivitéiten huet, déi Leit outsourcen. Dat ass relativ schwierig, fir och mateneen ze vergläichen. D'Educateuren aus de Maisons relaise si vun eis selwer agestallt. Et ginn och

Gemengen, déi dat Personal iwwer eng ASBL oder en anere fonctionéiere loosse. Mir fueren eise Müll selwer. Et sinn nach eng 3 oder 4 Gemengen, déi de Müll selwer maachen. Déi aner Gemenge loosse et duerch eng Firma maachen. Dat heescht, et muss een alles richteg op d'Wo leeën, wann een et matenee vergläicht. Mä mir stinn, wat d'Personalkäschten ubelaangt, fir de Moment nach gutt do. Mä mir wëssen awer, datt mer méi wéi 50% am ordinäre Budget an d'Personalkäschte stiechen.

Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:

A wéi gesot, mir hu gekuckt wou mer Schwächten hunn an dofir ass et esou ee Pak ginn. De Buergermeeschter huet och drop gehalen, datt mer dat elo an engem Zoch maachen. Net datt mer iwwermuer erëm kommen a soen, datt mer nach deen een oder anere brauchen. Dat hei ass elo eng Visioun vun eiser Gemeng an déi Visioun dréckt sech erëm am Organigramm. An dee wäerte mer iech och am Gemengerot virleeën. Dat ass och d'Iddi vum Schäfferot gewiescht, fir iech dat esou ze presentéieren.

Scheuer Romain (déi gréng):

Beim Service entretien et nettoyage ginn 12 Plaze vun 20 Stonnen d'Woch geschafen. Et kann een et och verstoen, esou wéi den Här Halsdorf gesot huet, datt vill nei Gebaier hei an der Gemeng sollen an Zukunft fäerdeg ginn. Wéi ass et mat deem aktuelle Personal, wat 20 Stonne schafft? Sinn der do vill dobäi, déi méi Stonne froen? Wéi am Text steet, sinn 3 Poste vun 20 Stonnen op 30 Stonne gehuewe ginn. Gétt et do e Grond, firwat déi keng 40 Stonne kréien oder ass dat net gefrot?

Mir begréissen och, datt véier Poste fir Agents municipaux geschafe ginn, well et héiert een ëmmer méi Leit, déi sech beschwéieren, datt ni e Pechert kënnt. Si hätte Problemer an der Strooss an et géif een ni e Pechert gesinn. Esou ass dee Problem warscheinlech dann emol eng Kéier geléist, esou datt d'Leit net ëmmer Remarque maachen, mä och positiv kënne schwätzen.

Beim Service des espaces verts wollt ech froen – well do huet den Här Halsdorf näischt dozou gesot -, do ass u sech nëmmen ee Posten, dee geschafe gétt, awer deen ersetzt eng Persoun, déi zukünftig a Pensioun geet. Wann een awer kuckt, déi ganz Lotissementer a Gréngflächen, déi mer hunn an déi nach kommen, da wollt ech froen, ob et an deem Service mat deem Personal duergeet, wat se aktuell hunn.

A wéi séier stellt der iech vir, datt déi Leit agestallt ginn? Ass dat jee nodeem wéi d'Leit gebraucht ginn?

Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:

Alles, wat mer iech hei presentéieren, ass beschwat gi mat de Leit vum Terrain selwer, mat den Servicer selwer, an dat hei si Léisungen, déi am Aklang mat de Leit um Terrain an de Leit vun den Servicer ausgeschafft gi sinn. Dat heescht, et muss een dovunner ausgoen, dass dat, wat mer iech hei proposéieren, och gedroen ass vun de Leit vum Terrain. Et ass mat den Servicer geschwat ginn, mat de Cheffen an de Viraarbechter, asw.

Dat heescht, et ass net iergendwéi een Elenggang, wat mer hei gemaach hunn, mä mir hunn dat wierklech schéi propper mat de Leit beschwat.

Wat d'Botzfraen ugeet, do ass et esou, dass an der Gemeng säit éiweg ëmmer nëmmen 20-Stonnen-Jobs proposéiert ginn. D'Iddi ass déi, fir eben doduerch méi Leit eng Chance ze gi fir een Akommes ze kréien. Et si vill Leit, déi Suergen hunn an dat do ass eng flott Alternativ. Si kënne jo eng aner Plaz nach dobäi hunn, wou se eppes aneres maachen. Mir hunn net mat 40 Stonnen ugefaangen a mir hunn och net wëlles, fir mat 40

Stonnen unzufänken. Mir wollt mat deenen 20 Stonne weiderfueren. Et war eng Iddi komm, fir op 30 Stonnen eropzuegoen, mä dat gétt och ganz komplizéiert. Mir hunn do e puer Simulatiounen gemaach a mir si bei der Conclusioun bliwwen, datt mer der elo emol e puer op 30 Stonne maachen an da kucken, wéi dat sech weider evolueert.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech wëll nach dobäi soen, datt et och en organisatoresche Plang ass. Wann se eréischt um 17 Auer ufänke mat schaffe fir d'Büroen ze botzen, an se schaffen 8 Stonnen, da schaffen se bis spéit an d'Nuecht eran. An dofir hu mer eigentlech oft 20 Stonnen. Da fänken se um 17 Auer un a se schaffe bis 21 Auer. Dat ass och eng vun den Ursachen, firwat mer et esou geregelt hunn.

Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:

Mir hunn déi zwee Modeller probéiert. Mir hunn et probéiert mat 30 Stonnen an et sinn nach aner Saachen. An dat heiten ass dee Modell, deen sech am meeschte bis elo bewäert huet.

Brecht Guy (LSAP):

Mir begréisse selbsterständlech déi nei Astellungen, déi och zukunftsorientéiert sinn. Et ass ëmmer gutt, wann ee weess, dat an e puer Joer een a Pensioun geet, datt een da schonn een anere sicht. Well dee muss jo och eng Zäitchen ugeléiert ginn, deemno a wafir engem Service datt e schafft.

Et ass och gutt, datt der dru geduecht hutt, datt wann ee Congé huet oder duerch Krankheet ausfällt, datt awer en Ersatz do ass, deen deem seng Aarbecht ka maachen. Well wéi et soss ka goen, hu mer ganz däitlech gesi wou zwee Leit aus dem Service vum Verkéier net do waren. Well du war do Chaos.

An dofir begréisse mer op jiddwer Fall dat doten, wat de Schäfferot gemaach huet.

Accord à l'unanimité.

6.1.

Affaires sociales.

Aide financière de 2.500 euros au profit des victimes des inondations au Pakistan – décision.

Explications par M. Romain Mertzig, échevin.

Accord à l'unanimité.

6.2.

Affaires sociales.

Aide financière de 10.000 euros au profit de l'asbl «Action Solidarité Tiers Monde», de Luxembourg, pour la promotion de produits locaux en vue d'améliorer le revenu des femmes dans la Région des Savanes au Togo – décision.

Explications par M. Romain Mertzig, échevin.

Accord à l'unanimité. M. Mellina, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

6.3.

Affaires sociales.

Aide financière de 10.000 euros au profit de l'asbl «Fondation Chrëschte mam Sahel», de Luxembourg, pour

l'amélioration de l'accès à l'eau potable dans le cadre du Programme de Développement intégré à Bobo Dioulasso au Burkina Faso – décision.

Explications par M. Romain Mertzig, échevin.

Accord à l'unanimité. M. Mellina, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

6.4.

Affaires sociales.

Aide financière de 10.000 euros au profit de l'asbl «Hand an Hand ASBL», d'Esch-sur-Alzette, pour le projet «Ecole 22» dans le domaine de l'éducation, de la formation, de l'environnement et du développement d'infrastructures scolaires dans les villages de la province d'Oubritenga au Burkina Faso – décision.

Explications par M. Romain Mertzig, échevin.

Accord à l'unanimité. M. Mellina, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

6.5.

Affaires sociales.

Convention avec les associations «ProActif ASBL» et «Association des Musée et Tourisme Ferroviaires (AMTF Train 1900) ASBL» relative à la réinsertion de chômeurs sur le marché du travail – décision.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Accord à l'unanimité.

6.6.

Affaires sociales.

Remplacement partiel du conseil d'administration de l'Office social de Pétange – décision.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Vote secret portant sur le 1^{er} poste à pourvoir:

Goergen Marc	0 voix
Metz François	16 voix (élu)
Muller Karin épouse Weiler	0 voix
Pierre Norbert	0 voix
Quintus Marie-Josée épouse Claude	0 voix
aucun des candidats	0 voix

Vote secret portant sur le 2^e poste à pourvoir:

Goergen Marc	0 voix
Muller Karin épouse Weiler	0 voix
Pierre Norbert	16 voix (élu)
Quintus Marie-Josée épouse Claude	0 voix
aucun des candidats	0 voix

Vote secret portant sur le 3^e poste à pourvoir:

Goergen Marc	15 voix (élu)
Muller Karin épouse Weiler	0 voix
Quintus Marie-Josée épouse Claude	0 voix
aucun des candidats	1 voix

Vote secret portant sur le 4^e poste à pourvoir:

Muller Karin épouse Weiler	0 voix
Quintus Marie-Josée épouse Claude	16 voix (élu)

aucun des candidats

0 voix

Vote secret portant sur le 5^e et dernier poste à pourvoir:

Muller Karin épouse Weiler **16 voix (élue)**

6.7.

Affaires sociales.

Approbation du budget rectifié de 2022 et du budget de l'exercice de 2023 de l'Office social – décision.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Mir wëssen, datt d'Aarbechten, déi se am Office social hunn, ëmmer méi grouss ginn. Dofir emol fir d'alleréischte vun eiser Säit aus e grouse Merci un déi Leit, déi do schaffen. D'Aarbechte ginn net méi einfach. Duerch dat neit Gesetz hu mer jo d'Méiglechkeet, fir warscheinlech an nächster Zukunft déi Ekipp vun den Assistantes sociales opzestocken, wat net vu Muttwëll ass. Och wann een de Budget kuckt, wann ee weess, datt d'Ausgaben am Kont 2021 bei ronn 2 Milliounen louchen, am Rectifié 2022 komme mer op 2,6 Milliounen Euro an am Budget 2023 si mer bei e bësse méi wéi 2,8 Milliounen Euro, da gesäit een, wéi vill Suen duerch den Office social lafen a wou do Hëllef gemaach ginn.

Goergen Marc (Piratepartei):

E grouse Merci un d'ganzt Personal do ënnen. Et ass net ëmmer einfach, mä si maachen awer villes méiglech. Well am Moment ass de Problem, eben duerch d'Inflatioun an duerch d'Energiepräisser, datt et ëmmer méi Dossiere ginn. An dat net nëmmen hei zu Péteng, mä national ass dat e Problem. An dofir ass et och gutt, datt de Ministère reagiert huet an de Schlëssel beim Personal nach eng Kéier eropsetzt, well de Besoin ëmmer méi grouss gëtt. D'Kris geet elo scho bis an d'Mëttelschicht eran. Et si Leit, déi sech virdrun ni hätte kéinte virstellen an en Office social ze goen an déi elo awer mussen Hëllef kréien, sief et fir hire Loyer oder déi aktuell Rechnungen ze bezuelen. Esou datt deen Office social eng ganz wichteg Aarbecht leescht fir d'ganz Gemeng. An do kann een nëmme Merci soen.

Martins Dias André (CSV):

Ech wéilt och am Numm vun eiser Fraktioun just Merci soe fir déi Aarbecht, déi do geleescht ginn ass a fir d'Preparatioun vun deem Budget. Dir hutt et virdrun ugeschwat, de Personalschlëssel soll eropgesat ginn. Et ass mer awer opgefall, datt an der Annexe 3 keng Variatiounen festzestellen sinn. Ass dat, well déi Donnéeën nach net virleien oder wéi kënnst dat?

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Et ass esou, datt eigentlech d'Gesetz nach net duerch ass. Dat ass um kommen, et ass annoncéiert ginn an dofir ass dat an dësem Budget net virgesinn. Mir wëssen awer och, wa mer elo eng Assistante sociale sichen, datt mer och net muer déi Persoun hunn. Da musse mer emol fir d'éischt de Poste schafen, well mir jo hei an der Gemeng Péteng esou verfuere, datt mir déi Leit astellen a se dann an den Office social detachéieren. Dat war e Choix, dee mer 2010 geholl hunn. Émsou méi haten déi Leit, déi deemools Assistante sociale waren, hei an der Gemeng geschafft an dat och esou wollten. Ech ginn dovunner aus, datt mer an der nächster Zukunft dat och esou bäibehalen. Esou datt d'Gesetz do ass, wäerte mer sécherlech an de Gemengerot kommen. Dat wäert da vläicht deen een oder anere Poste sinn, deen nodréiglech nach d'nächst Joer geschaaft gëtt. Dee konnte mer bis elo nach net schafen, well et eis nach net erlaabt ass fir deen ze schafen. Mä esou datt d'Gesetz do ass, wäerte

mer dee schafen, well si brauchen am Office social eng Hand. Och am Sekretariat ass d'Iddi, fir och do eventuell nach e Changement ze maachen. Esoubal den Office social eis déi Propose mécht, wäerte mer déi hei an de Gemengerot bréngen. Mir wäerten déi Poste schafen, fir se dann an den Office social ze detachéieren. Mä mir waarden awer of, bis d'Gesetz gestëmmt ass. Well mir wëssen awer, datt mer elo scho fir de Moment de Schlëssel liicht iwwerschrott hu wat d'Assistentes sozialen ubelaangt. Well pro 6.000 Awunner konnt een 1 Assistant social astellen an do si mer scho liicht driwwer. Dat heescht, mir wëllen elo gäre genee wëssen, wéi laut Gesetz dee Schlëssel genee definéiert ass an da wäerte mer an de Gemengerot kommen, esoubal wéi mer déi Informatiounen an déi néideg Proposition vum Office social hunn. De Conseil d'administration vum Office social wäert sech jo och dozou ausschwätze mussen an da wäerte mer déi Upassung maachen. Mä dofir stinn se fir de Moment nach net am Budget dran.

Accord à l'unanimité.

7.1.

Propriétés.

Compromis concernant l'acquisition gratuite d'un terrain sis à Pétange, lieu-dit «Rue des Alliés», de la part de la société Kalista Immo SA – décision.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

L'acquisition du terrain, d'une contenance d'environ 0,01 are, se fait gratuitement.

Accord à l'unanimité. Mme Bouché-Berens, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

7.2.

Propriétés.

Compromis concernant l'échange de terrains sis à Lamadelaine, lieux-dits «Rue de la Providence» et «Grand-Rue», avec la société DG Immo SA – décision.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

L'échange des terrains se fait gratuitement.

Accord à l'unanimité. Mme Bouché-Berens, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

7.3.

Propriétés.

Acte concernant la vente d'un terrain sis à Pétange, lieu-dit «Rue Marie-Adélaïde» à l'établissement public «Fonds du Logement» – décision.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

La vente du terrain, d'une contenance de 0,01 are, se fait au prix total de 7,50 euros.

Scheuer Romain (déi gréng):

Wësst der schonn, wat mat deem Gebai geschitt? Den Acte ass jo elo gemaach mam «Fonds du Logement».

Mellina Pierre, Buergermeester:

Et läit e Projet vum «Fonds du Logement» vir, fir eng Baugeneemegung ze kréie fir dat a sozial Wunnengen

ëmzebauen. Et ass awer och gewosst, datt si – obschonn et net klasséiert ass – Kontakt mat INPA opgeholl hunn. An do sinn nach e puer Saachen ze klären an dorunner gëtt nach geschafft, fir deen Avis ze bearbechten. Mä ech mengen, mir wäerten uganks 2023 eng Baugeneemegung ausstellen an da wäerten si och geschwënn ufänke mat bauen. De Wëllen ass op jiddwer Fall do fir ze bauen.

Accord à l'unanimité.

7.4.

Propriétés.

Acte concernant l'échange de terrains sis Pétange, lieu-dit «Auf Herbstberg», avec M. Marc Kneip et Mme Marina Hornick – décision.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

L'échange des terrains se fait moyennant le paiement d'une soulte de 622,50 euros en faveur de M. Marc Kneip et Mme Marina Hornick.

Accord à l'unanimité.

7.5.

Propriétés.

Acte concernant l'acquisition d'un terrain sis à Rodange, lieu-dit «Chemin de Brouck», de la part de M. Marcel Nilles – décision.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

L'acquisition du terrain, d'une contenance de 0,74 are, se fait au prix total de 555,00 euros.

Accord à l'unanimité.

7.6.

Propriétés.

Acte concernant l'acquisition d'un terrain sis à Rodange, lieu-dit «Rue Joseph Philippart», de la part de Mme Marianne Roos – décision.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

L'acquisition du terrain, d'une contenance de 0,03 are, se fait au prix total de 22,50 euros.

Accord à l'unanimité.

8.

Ordre public.

Prorogation de l'heure de fermeture des débits de boissons publics à l'occasion de certaines fêtes ou festivités en 2023 – décision.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Accord à l'unanimité.

9.1.

Urbanisation.

Approbation de la convention et du projet d'exécution portant sur le plan d'aménagement particulier (PAP)

concernant des fonds sis à Rodange, lieu-dit «A la Croix Cassée» – décision.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Dir wësst an dir kënnst iech nach drun erënneren, datt mer den 20. Abrëll 2022 eng Decisioun geholl hu fir de PAP do ze realiséieren. E PAP, deen och vu Wichtigkeet ass fir d'Pétenger Gemeng, well eis Schoul och iwwert déi Infrastrukture vun deem PAP do erreecht soll ginn. Dat ass hannert der Päesch-Schoul. Dat ass ofhängeg vun deem PAP. Et waren eng Rei Diskussiounen, déi nach hu misste gefouert ginn. De Kanalschloss, d'SES-Leitung, déi nei veruecht gëtt duerch dee PAP, do war de Problem net onbedéngt do wou e sollt duerch de PAP verlafen, mä éischer – wann en da virugeet – da verleeft et laanscht de Plon a laanscht Seelbunn. Do ware Problemer an déi hu missten duerchdiskutéiert ginn. Et war och nach e Problem mat Flantermas, wou mer hu missten eng Léisung siche fir deenen entgéintzekommen. Och dat ass rezent an enger grousser Reunion endlech diskutéiert ginn. Do leie Léisungen um Dësch, esou datt mer elo déi Konventioun, déi mir ënnerschriwwen hunn, mä déi awer och LBH-Knepper SARL, Kalista Immo SA an Horizon Sud Propriétés SA ënnerschriwwen hunn, a wou festgeluecht ginn ass, wéi d'Stroosse solle gemaach ginn, wéi d'Infrastrukture musse gemaach ginn, wéi d'Kanalisatione musse gemaach ginn, a wou dee ganzen Detail definéiert ass. A wou och eng Participatioun aus deem erausgeet, déi d'Gemeng muss bezuelen, engersäits well och een Deel vun eiser Schoul un déi ganz Kanalisatioun ugeschloss gëtt. Also musse mer eis prozentual zu dëse Fraise bedeelegen. Och wësst der, datt mer an deem Kader vun deem PAP méi wéi 25% cedéiert kréien. Dat hate mer och am Kader vum PAP schonn definéiert. Mir kréien 3% méi cedéiert – dat si ronn 12 Ar - an déi 3% musse mer iwwert e Wee kompenséieren. An dat gëtt nach eng Kéier hei confirméiert, datt mer deen am Fong kompenséieren andeems mer déi Spillplaz an de Mobilier urbain, deen an deem PAP virgesinn ass, iwwerhuelen.

Wa mer déi Konventioun hei guttgeheescht hunn, da gëtt déi nach eng Kéier fir Approbatioun un den Interieur geschéckt an da kann endlech dee PAP ugefaange ginn. Wéi gesot, eng conditio sine qua non fir datt mer och ukomme mat eisem Projet vun der Schoul, e Projet, dee mer iech am Dezember wëlle virstellen a wat e ganz groussen an ambitiése Projet ass, dee wichteg ass fir d'Schoul an d'Maison relais zu Rodange.

Martins Dias André (CSV):

Mat der Approbatioun vun der Konventioun an dem Projet d'exécution läit e weidere Meilestee virun eis, betreffend e Projet, dee fir eis Gemeng ganz wichteg ass am Beräich vum Logement. Déijéineg ënnert iech, déi de leschte Méindeg mat op der Informatiounsversammlung iwwert d'Lotissement Neiwiss 2 waren, hu gesi wéi grouss d'Demande ass fir Wunnraum an eiser Gemeng. Eng Rei Leit wäerte beim Projet Neiwiss 2 eventuell net zum Zuch kommen a kréien dann awer hei eng weider Alternativ, fir sech den Dram vum Eegenheim ze erfüllen. Mat ganzer 20 Logementer, dorënner 15 Appartementer a 5 Haiser, déi fir de Logement «à coût modéré» geduecht sinn, gëtt och hei eppes fir déi Leit gemaach, déi eng Ënnerstützung vum Logementsministère zegutt hunn. Mir als Fraktioun begrëissen op alle Fall, datt de Promoteur hei d'Engagement hëlt, fir bis den 1. September 2023 d'Infrastrukturarbechten unzefänken, an dëst obwuel d'Situatioun um Immobiliemaart net esou roseg ausgesäit. Soumat mécht hie schnellstméiglech de Wee fräi, fir datt d'Gemeng Péteng den Accès zu sengem Terrain kritt, fir de Projet vum Ausbau vun der Schoul, dem Neibau vun enger Maison relais – wou mer eng grouss Penurie u Plazen hunn –

an enger zousätzlecher Sportshal, déi eise Veräiner zousätzlech Méiglechkeete bitt, an d'Aen ze faassen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Do gëtt et net ganz vill bäizeflécken. Dat ass genee dat, wat och de But vun deem PAP war. A mir hoffen dann och, datt et esou virugeet, wéi mer eis dat an eisen Dreem erwünscht hunn. Well mir hunn elo awer zwee Joer verluer gehat am Kader vun dësem Projet.

Bouché-Berens Marie-Louise (DP):

Dass mer Wunnenge brauchen, dat wësse mer all. Mä ech hat jo vun Ufank u gesot, datt ech dee Projet net ganz gutt fanne wou en hikënn. Mä mir wësse jo och, datt d'Schoul ausgebaut gëtt, datt mer déi Infrastrukturen och mussen hunn, an datt ech vun Ufank u gesot hunn, datt do immens vill zerstéiert gëtt, wat nach Biotop an alles war. Dat ass schued fir déi Rodanger Leit, déi ronderëm wunnen. Well de Projet och am Ufank esou vill kontestéiert war, hat ech vun Ufank u gesot, datt ech mech géif enthalen. An ech bleiwen och bei menge Wieder, déi ech deemools gesot hunn.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Dat versti mer. Mä mir wëssen, datt mer hei just eng Exekutioun maache vun deem, wat am PAG och esou virgesinn ass. Ech hunn de Mueren nach gesot, datt 55% vun eisem Territoire net bebaubar ass. Wa mer elo och nach bei deene 45%, déi mer an eisem PAG als bebaubar ausweisen, och nach ufänken d'Hallschent net ze bebauen, dann hu mer net méi ganz vill.

Goergen Marc (Piraterpartei):

Ech hu bekanntlech e bësse méi Bauchwéi mat deem Projet. Ech deelen d'Analys, datt Wunnraum muss geschaaft ginn. Ech deelen awer net de Wee, datt een dat iwwert e private Promoteur mécht, well ech net der Meenung sinn, datt vill jonk Leit sech duerno déi Haiser wäerte kënne leeschten, déi do gebaut ginn. Scho guer net, wann ee kuckt wéi de Moment d'Situatioun um Wunnengsmaart ass a wat een iwwerhaupt muss matbréngen vu Salaire fir iwwerhaupt e Kredit ze kréien. Dofir sinn ech net esou positiv agestallt, datt herno esou vill Leit, déi vläicht bei Neiwiss 2 keen Terrain kréien, eriwswitchen. Ech gesinn et éischer méi skeptesch. Et hätt éischer missten iwwert eng öffentlech Hand – sief dat elo d'Gemeng, national, oder wat och ëmmer – gebaut ginn. D'Schoul hänt mat dran. Ech sinn och fir d'Schoul, dat ass och ëmmer e gutt Argument, mä op mannst ech kann net gudde Gewëssens nëmme matstëmme well d'Schoul mat dranhänt. Bei engem getrennte Vott hätt ech fir d'Schoul gestëmmt awer net fir de Bauprojet u sech. Dofir wäert ech och haut mat Neen stëmmen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Et ass richtig, datt d'öffentlech Hand soll eng Hand mat upaken. Mir hu jo Neiwiss 2. Och Atzëngen war d'öffentlech Hand. D'öffentlech Hand huet nach Terrainen do leien, mä wou déi öffentlech Hand mat deenen Terrainen net esou richtig eens gëtt. Dat ass Eucosider, wou d'öffentlech Hand elo scho 6 Joer eppes kéint maachen, mä wou se näischt maachen. Dofir sinn ech alt frou, datt déi privat Hand och eng Hand mat upéckt. Well et kann och net alles bei der Gemeng leien. An ech weess, an dat hunn ech och dem Logementsminister gesot, datt de Ministère du Logement e ganz groussen Terrain do huet. Wa mer natierlech waarde bis hien Terrain exploitéiert, da gi mer al. Dofir ass et wichteg, datt mer och aner Terrainen an och privat Initiativen hunn. Mir wëssen alleguerten, an dat gëtt jo vu jidderengem gesot, datt et net ka sinn, datt d'öffentlech Hand alles mécht. Dat ass onméiglech fir ze packen. Et si jo och vill Leit an der Politik der

Meenung, datt och zum Deel muss mat der privater Hand zesummege schafft ginn, fir deem Logementsproblem entgéint ze wierken. A well awer e gewëssene Prozentsaz ënnert déi Critèrë fällt vum abordabele Wunnraum, kommen awer och an deem private Projet hei där Wunnengen op de Marché an déi no deene Critèren duerno musse verkaaft ginn, respektiv verlount ginn. Esou datt mer elo net baang ass, datt dat net ka klappen, an datt net op mannst een Deel déi selwecht Critèren erfëllt wéi wann déi ëffentlech Hand dat mécht.

Ech akzeptéieren awer Är Positioun. Dat ass jidderengem do awer fräi gestallt. Ech sinn awer frou, datt mer deen heite Projet awer op de Schinnen hunn an datt mer am Wunnengsbau awer erëm hei an der Gemeng Péiteng eppes maachen. An deem allergréisste wichtege Punkt ass fir mech, an och fir de Schäfferot a fir d'Majoritéit heibannen, datt mer och deen anere Projet vun der Schoul hannendru realiséiert kréien.

Scheuer Romain (déi gréng):

Mir begréissen och, datt de Projet esou ausgefouert gëtt, dass mer och d'Méiglechkeet hu fir d'Schoul auszubauen. Mir hätten awer just eng Fro:

Am Lot 1 steet jo, datt do «personnes âgées ou à mobilité réduite» solle kommen. Wësst dir schon, wien déi Aktivitéit soll ausféieren oder ass dat de Promoteur, deen dat decidéiert? Et steet och dran, datt e «souterrain à trois niveaux en sous-sol» soll gemaach ginn. Do freet een sech, ob dat wierklech muss sinn. Mir wësse jo schon, datt mer Problemer hu fir de Bauschutt z'entsueren a fortzeféieren. 3 Niveauen ass scho relativ vill. Ass dee Parking fir dat ganz Lotissement geduecht oder ass dat just fir dee viischten Deel?

Da wollt ech froen, ob et net eng Iddi gewiescht wier, fir datt mer dee Parking, dee jo elo do war an deen zougemaach ginn ass, trotzdeem opgelooss hätten. Well wann eng Manifestatioun zu Rodange ass – et sinn zwar Veräiner, déi eng Léisung a Form vun enger Navette fonnt hunn – da muss ee siche fir eng Parkplaz ze fannen. An dat wier eng Léisung gewiescht bis mer eist Parkhaus bei der Sportshal fäerdeg hätten. Well de Moment hu mer iwwerall Camionnettproblemer, Autosproblemer, fir ze parken. Et kommen ëmmer erëm Remarken, wéi zum Beispill elo an der avenue Dr Gaasch, datt vill Residenze gebaut ginn an néierens Parkplaze sinn. Well et bei deem Projet hei jo nach dauert bis September 2023, bis do mat den Aarbechten ugefaange gëtt, hätt een sech kënne Gedanke maache fir dee Parking erëm opzemaachen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Et ass esou, datt mir effektiv als Gemengerot eigentlech deen Terrain do gelount haten, déi Zäit wou am Zentrum vu Rodange gebaut gouf an do all déi Parkplaze verschwonne waren. An dat war en Arrangement, wat mer geholl haten. Mir hunn awer dee Contrat de bail annulléiert, well eben déijéineg, déi do wëlle bauen, wollten ufänken. A si waren eigentlech och net méi esou begeeschtert, well se awer gemengt hunn, datt d'Gemeng, respektiv de Staat se e bësse géif am Reen stoe loossen. Mir haten eigentlech net méi déi allerbeschte Kaarte fir do ze soen, si sollten eis deen Terrain nach eng gewëssen Zäit ginn. Well si wollten ufänken. Si hätte scho kéinte virun 2 Joer ufänken, wann net all déi Problemer op eemol opgedacht wieren. Well normal wier gewiescht, datt mer iergendwéi Enn 2020 d'Konventioun gemaach hätten. Do war natierlech och de Covid, do sinn ech averstanen domadder, mä et war awer och e bëssen, datt mer do eng ganz Rei Klärungsbedarf haten a mat deene verschiddene Ministère hu misste verhandelen. Déi Verhandlung sinn elo ofgeschloss an domadder ass de Punkt fir unzefänken do. Elo gëtt jo eng «installation de chantier» gemaach a si wäerten awer wëllen am Fréijoer ufänken. Esou datt mer hei héchstens

nach vun 2 bis 3 Méint schwätze bei der Proposition, déi der elo hei gemaach hutt.

Wat dat Gebai ubelaangt, esou ass am PAP festgehalten, datt do Altenwohnunge sinn. Dat sinn awer keng Altenwohnungen, déi no ganz spezifesch Critèren, mä éischter privat sollen exploitéiert ginn. Do sollen och Plaze komme fir eventuell Dokter. Do solle Plaze komme fir eventuell och nach eng Apdik. Dat schwieft hinnen emol fir. Mä ob dat awer esou einfach machbar ass, dat muss een duerno gesinn. Obscho mer elo iwwer 20.000 Awunner sinn an esouguer e Recht hätte laut deene Berechnungen, déi ëmmer gemaach ginn. Et ass ëmmer gesot ginn, datt pro 5.000 Awunner eng Apdik kéint sinn. Mir sinn iwwer 20.000 Awunner, esou datt ee kéint ufänken, doriwwer ze diskutéieren. Mä dat loossen ech awer am Raum stoen.

Bei deenen 3 Souterrainen, do kënnt der iech erënneren, datt am Kader vum PAP d'Leit ronderëm sech Suerge gemaach haten, et géife vill Parkplazen an deem PAP feelen. Et waren der esouguer, déi hunn um Tribunal administratif eng Plaine gemaach, well se gemengt hunn, et wieren net genuch Parkplazen do. Si sinn awer do ofgewise ginn an dofir ass deen Dossier och elo zou. Mä dat war déi Haaptuerge vun de Leit ronderëm, datt se gesot hunn, wann se elo nach méi Leit kréien, déi an deen Eck do wunne kommen, a wa mer nach méi Infrastrukture kréien, da géife Parkplaze feelen. Dofir hu mer jo als Äntwert ginn, datt mer géifen an dee Schoulkomplex och nach en ënnerierdesche Parking maachen, deen dann och spéiderhin der Éffentlechkeet zur Verfügung steet. An och, wann eppes am Zentrum oder am Kulturzenter lass ass, datt mer dann op dat kënne zeréckgräifen. A mir musse jo emol ofwaarden, wat fir een Effekt datt dat anert Parkhaus bei der Neiwiss-Schoul, wou awer 150 Plaze sinn, wäert hunn. Wann emol all déi Elementer zesummege droe sinn, da mengen ech wier d'Parkproblematik am Zentrum ronderëm d'Rodanger Kierch geléist. Vläch exzeptionell, wann eppes ganz ganz Grousses ass, mä dat wier dann eng Kéier d'Joer.

Ech menge schon, datt déi Richtlinnen, déi de Gemengerot hei ginn huet, dier wäerte goe fir an Zukunft eng anstänneg Situatioun vum Parken ze schafen. Ëmsou méi mer dann och nach mat enger Unzeig weisen, wou nach Parkplaze fräi sinn. Esou wéi hei zu Péiteng, wäerte mer dat och zu Rodange maachen. Dat stoung jo och am Plan pluriannuel an et kënnt och an de Budget 2023 stoen. Esou datt mer mat all deem, wat mer um Niveau vum Parken zu Rodange gemaach hunn, sécherlech vill entaméiert hu fir d'Situatioun am Zentrum vu Rodange ze entschäerfen.

Birtz Gaby (LSAP):

Ech hätt just eng ganz kleng Fro. Wa mer kucken, wéi vill datt do bäikënn, dann ass dat och d'Suerg vu ganz ville Leit, déi do ronderëm wunnen, wann een den Trafic kuckt. Gëtt dat duerno als «sens unique» gemaach? Wann ee kuckt, et kéint een déi eng Säit erafueren an zur aner Säit, zur rue Nic. Biever, eraufueren. Oder bleift dat an déi zwou Richtungen op? Et ass elo schon net evident, wann een do erafiert, fir laanscht ze kommen, wann dann och nach Autoen do geparkt stinn.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Dat ganz Lotissement gëtt d'Méiglechkeet fir all Variant. Dat muss dee Moment, wann et dann esouwäit ass, gekuckt ginn. De Gemengerot muss jo dann dozou e Reglement huelen. Mä et gëtt all d'Méiglechkeeten. D'Méiglechkeete fir zu zwou Säiten eran- an erauszefueren, d'Méiglechkeet – an dat géif ech emol hei esou fräi eraus soen – fir d'rue de l'Ecole nëmme méi an eng Richtung ze maachen an dann de Rescht awer an zwou Richtungen. Et weess een awer, datt do d'Leit net esou ganz frou doriwwer sinn. Well wann se dann Heem kommen,

da mussen se vläicht e klengen Ëmwee maachen ier se an hirer Strooss sinn. Dat muss ee kucken an dat muss een och mat der Populatioun zu deem Zäitpunkt diskutéieren. An da muss de Gemengerot an Zukunft eng definitiv Decisioun huelen, wéi en et wëll realiséieren. Mä dee ganze Site gëtt esou amenagéiert, datt all Ouverturë méiglech sinn.

Stoffel Marco (LSAP):

Ech wollt an där selwechter Richtung froen, mä ech hunn nach eng zousätzlech Fro. Do ass de «Chaux Four»-Wee, dee voll do derteschent läit. Ech huelen un, datt et während den Aarbechten net wäert méiglech sinn, fir dee Wee deelweis opzeloossen, fir datt d'Leit dee kënne benotzen. Well et ass awer e Wee, dee vill vun de Foussgänger benotzt gëtt.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Et soll ee kucken, datt wann e muss zougemaach ginn, dat op e Minimum vun der Dauer muss reduzéiert sinn. Dir schwätzt haaptsächlech vun deem ënneschten Deel, zur rue Nic. Biever zou. Deen ieweschten Deel soll jo komplett frësch gestallt ginn. Mir haten dat jo scho virun 2 Joer am Budget stoen, mä mir hunn et net realiséiert, well déi Fro mam Kanal opsteet. Déi Fro ass jo elo emol theoretesch geléist, mä wou de Promoteur nach muss dee leschten Accord kréien. An da kënne mer och dee Wee maachen an da si mer bis bei der rue de l'Ecole. An da muss mer kucken, wéi dee Projet evoluéiert, well do gëtt jo net alles beienee gebaut. Dat gëtt jo an Etappe gebaut an do ka vläicht eng Period sinn, wou de Schantjen et net erlaabt fir op deem Wee ze zirkuléieren. Mä et soll gekuckt gi fir dat esou minimal wéi méiglech ze halen.

Mä mir wëssen awer och, wa mir elo do ufänke mat baggere fir eise Projet, datt dat och eng Aarbecht ass an do muss een och fir d'Sécherheet vum Bierger suergen. A wann een do richtig grouss schafft, da kënnt vläicht en Zäitraum, wou een dee Wee net zu 100% ka benotzen.

Brecht Guy (LSAP):

Wéi mer dee Projet fir d'éischte Kéier hei am Sall der Gemeng virgestallt hunn, ass e puer Deeg duerno an de sozialen Netzwierker en onheemleche Shitstorm ausgebrach. Mä ech mengen, dat si mer scho gewinnt. Esoual mer iergendwou eppes Neies maachen oder eppes plangen oder bauen, da kommen där Saachen an dat ass heiansdo fuerchtbar, wann een dat muss liesen. Do si Kommentaren dobäi, wou «Sch... Gemeng» nach déi harmloost sinn.

Mä ech mengen dat hei, dat passt einfach dohinner. Et ass och ëmmer vun engem Alters- oder Fleegeheim geschwat ginn an ech hunn deemools scho gesot, fir Rodange ass dat eng Beräicherung, wann d'Leit an hirem Heemechtsduerf bis hiert Liewensend do kënne verbréngen.

Dann hunn ech nach eppes aneres. Mir haten immens vill Reklamatiounen kritt vun de Leit aus der rue de l'Ecole. Déi hu gefaart, wann do schwéier Gefierer géifen duerch hir Strooss fueren, déi jo och net ganz breet ass, da géif dat Schied provozéieren un hiren Haiser. Et géif Dreck produzéieren op de Stroossen. Si mir deem entgéint komm? Hu mer déi Leit do berouegt, datt dat eventuell net esou ass?

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Wann een elo kuckt, wéi dee Schantje soll verlafen, an dat ass och e bëssen eng Suerg vun eis gewiescht – net nëmme eleng wéinst deene Leit, déi do wunnen, mä och wéinst de Leit déi do wunnen a wéinst der Schoul, déi do ass – esou wollte mer dee Schantjen esou organiséieren, datt am Fong déi schwéier Gefierer an d'Camionen vun der rue Nic. Biever aus erafueren. An dat fir ze evitéieren, datt permanent déck Camionen d'rue de l'Ecole eroffueren. Datt do net awer deen

een oder aneren Transport muss realiséiert ginn an datt och déi Leit net komplett ouni Diskussiounen derduerchkommen, dat steet ausser Fro. Et ass kloer, wann do geschafft gëtt, wann do ronderëm geschafft gëtt, wäerten si dee Schantjen do mierken. Och wann net all Camion duerch déi Strooss fiert. Et weess een einfach, datt dat doten e grouse Schantjen ass, besonnesch wann d'Infrastrukturarbechte gemaach ginn. Duerno ginn d'Gebaier gebaut. Dat ass wuel net dee ganz grouse Moment, mä trotzdem, wann de Réibau gemaach gëtt, da kënnt Bëtong, asw.

Mä eis Approche ass, datt mer fir d'éischt déi 3 Souterrainen zur Säit vun der rue Nic. Biever bauen an dann eréischt no hannen hi bauen. Esou datt am Fong Zoufaart zu deem ganze Schantje fir d'Infrastrukturarbechte vun der rue Nic. Biever eraus gemaach ginn. Dat ass och e bëssen, fir wat datt elo déi Baugeneemegung vun der rue Nic. Biever virgezu gëtt, fir kënne esou ze schaffen an de Leit aus der rue de l'Ecole net déi ganz Problematik vun deem Lotissement virun d'Dier ze setzen.

Brecht Guy (LSAP):

Ech mengen, ech soen iech jo och näischt Neies, wann der déi riets Säit vun der rue de l'Ecole kuckt. Do sinn Haiser, déi hu méi wéi 100 Joer, an déi si vläicht e bësse méi kriddeleg wéi anerer. Dofir sinn ech frou, datt dir mer dat doten elo geäntwert hutt an d'Leit och berouegt hutt op déi Aart a Weis.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Et gëtt jo och en Etat des lieux gemaach. Mä och dat verhënnert awer net, fir net awer Schued am Haus kënne ze kréien.

Accord par 14 voix 'Oui', 1 voix 'Non' (Piratepartei) et 1 abstention (DP).

9.2.

Urbanisation.

Projet de modification ponctuelle du plan d'aménagement particulier concernant des fonds situés à Rodange, au lieu-dit «A Stacken / Neiwiss II» – décision.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Vum Prinzip hir hate mer dës punktuell Ännerung vum PAP schon am Gemengerot. Et geet elo drëm, fir dat och ze finaliséieren. Dir wësst, datt mer haaptsächlech zur Säit vum Chemin de Brouck éischtens wollten eng Sortie maachen, déi et eis erlaabt iwwert e Fousswee eraus an de Chemin de Brouck ze kommen. An zweetens waren do Leit, déi am Chemin de Brouck en Immeubel haten an déi gesot hunn, mir géife mat engem Haus ganz no un si erukommen. Esou datt mer een Terrain am Lotissement liquidéiert hunn an als Konterpartie zu deem huet dann de Proprietär eis Terrain ginn, esou datt mer déi Sortie aus dem Lotissement an de Chemin de Brouck kënne do maachen.

Well mer de Prinzip vum PAP schon hei diskutéiert a guttgeheesch haten, hu mer missten elo de PAP änneren. Et war awer eng relativ einfach Prozedur, well do jo net ganz vill geännert huet. Dofir huet de Ministère an d'Madamm Minister eis och direkt gréng Luucht ginn. Et huet och kee reklaméiert vun de Biergerinnen a Bierger während där Zäit, wou dee PAP aushoung, esou datt ech iech haut géif proposéiere fir déi Modifikatioun guttzeheeschen.

Goergen Marc (Piratepartei):

Et ass virun allem wichtig, datt do keng richtig Strooss kënnt. Mir haten dat och an der Verkéierskommissioun ugeschwat,

well et ee Moment och do zu Konfusioune koum, ob do net awer op ee Mol en Terrain sollt komme fir eng Strooss. An dat wier wierklech schlecht fir déi Leit, déi dohinner solle wunne kommen an och fir déi Leit aus der aler Cité. Dann hätt een op ee Mol e Verkéier, deen einfach géing duerchfueren. An dofir ënnerstëtzen ech, datt dat doten elo soll Vëlo- a Foussgängerwee ginn. Well mat Autoe wiere mer verluer gewiescht.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Et hätt och kee Sënn gemaach. Well e bësse méi erop ass jo schonn den Accès an d'Neiwiss 1. Wat elo hei gutt ass, dat ass datt mer nach eng zweet Sortie hunn. Iwwert d'Neiwiss 1 kënt ee just do eran an eraus. Hei kéim elo eng zweet Sortie ënnen zu der Lonkecherstrooss. Mä dat doten hätt och kee ganz grouse Sënn gemaach, fir op 100 Meter zu engem Lotissement – well dat heiten ass jo eng Extensioon zum Lotissement Neiwiss – 2 Entréeën ze hunn. An de Risiko hätt kënnen bestoen – an dee Risiko besteet och nach haut, mä et gëtt e bësse méi komplizéiert, well et e bësse méi wäit ze fieren ass an da muss mer déi néideg Mesuren huelen – datt wann ee weess, datt ënnen am Chemin de Brouck d'Luucht rout ass, datt een dann déi Ofkierzung duerch dat Lotissement hält fir méi séier do ze sinn. Mä wann een awer elo dee Wee fiert, wéi en elo virgesinn ass, dann ass et relativ komplex. A wann do ze vill Verkéier dohinner geet, da muss mer géigesteieren.

Mä dat hei hätt awer kee Sënn gemaach, fir och elo hei nach eng «sortie routière» ze maachen an dofir ass et ganz kloer, datt et nëmmen eng Sortie iwwert e Fousswee gëtt.

Scheuer Romain (déi gréng):

Deelweis hutt der schonn eng Äntwert ginn. Mä dir sot, mir kucken, wéi et duerno ass. Och wann se duerch rue Neiwiss, déi elo scho besteet, duerchfuere fir op d'Lonkecherstrooss ze kommen, well dat vill méi einfach ass fir si – wat och ze verstoen ass – esou kéint een awer kucke fir d'Entrée fir an d'Cité ze verengen, esou datt een awer net d'Tendenz hätt fir do duerch ze rennen.

Normalerweis ass et jo ëmmer esou, déi Leit, déi an der Cité wunnen, déi reegen sech op, datt gerannt gëtt. Mä et sinn awer ëmmer déi Leit, déi selwer an der Cité wunnen, déi et sinn. Dofir huet ee jo och an der Neiwiss 1 gesinn, wéi et do war. Do war jo och keen Trottoir. An do war schonn deemools d'Problematik a mir ware mat der Verkéierskommissioun kucken, wéi mer dat kéinte léisen. Hei gesäit een, datt an der Neiwiss 2 och keen Trottoir kënt. An dann denken ech, datt d'Leit sech ënnert sech eens ginn, datt d'Foussgänger Virrecht hunn.

Wéi maache mer déi Cité? Mir kënnen haut d'Vitess op 20, 30 oder 50 maachen, mä d'Leit fieren awer wéi se wëllen. Et ass just e bëssen um Respekt vun de Leit, wou et zielt.

Ech maache mer méi Gedanke mam Duerchgank vun der rue Neiwiss op d'Lonkecherstrooss, datt mer direkt dat géife verengen oder iergendwéi eppes maachen, dass een net d'Tendenz huet fir ze rennen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Also, d'Verengung ass jo schonn do, wou een elo an d'Neiwiss 2 erafiert. Do ass schonn eng. Et geet vläicht net duer, dat muss ee gesinn. Wann ee gesäit, datt et näischt notzt, da muss een nobesseren. Well wann een dat dote wëll maachen, da muss et awer laang rout am Broucker Wee sinn, fir datt een en Avantage huet fir duerch déi ganz Cité Neiwiss ze fuere fir ënnen op der Lonkecherstrooss erauszekommen. An da weess een nach net, ob een ënnen esou einfach erauskënt. Ech mengen, et ass op jiddwer Fall

méi komplizéiert wéi wann een deen aneren Accès, wou den Här Goergen gesot huet, gelooss hätt. Well do wier een eragefuer, dann e bësse riicht aus a lénks erof an d'Lonkecherstrooss. Fir de Moment, mengen ech, ass et kee groussen Avantage, wann een duerch déi ganz Cité gondelt fir derduerch ze kommen. Et ass ee menger Meenung no net méi séier. Mä wann een awer wierklech mierkt, datt dat dote geschitt, da muss ee géigesteieren an da kann een nach zu all Moment Vereengungen an der Neiwiss 1 maachen. Mä Neiwiss 1 pake mer fir de Moment net un. Dat ass fir de Moment net an deem Projet mat dran. Mä wann dat awer esou wäit ass, da kéint ee mat relativ einfache Mëttelen deem entgéintwierken.

Accord à l'unanimité.

9.3.

Urbanisation.

Droit de préemption relatif à une parcelle cadastrale située à Pétange, au lieu-dit «Rue Oberst Daessent» – décision.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Il est proposé de renoncer à un éventuel droit de préemption sur le terrain en question.

Accord à l'unanimité.

9.4.

Urbanisation.

Droit de préemption relatif à une parcelle cadastrale située à Pétange, au lieu-dit «Rue Prinzenberg» – décision.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Il est proposé de renoncer à un éventuel droit de préemption sur le terrain en question.

Accord à l'unanimité.

9.5.

Urbanisation.

Droit de préemption relatif à une parcelle cadastrale située à Pétange, au lieu-dit «Rue Adolphe» – décision.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Il est proposé de renoncer à un éventuel droit de préemption sur le terrain en question.

Accord à l'unanimité.

9.6.

Urbanisation.

Demande de lotissement / morcellement de la part de M. Guy Arend concernant le morcellement d'un terrain sis à Pétange, rue d'Athus n° 70 – décision.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Le morcellement envisagé prévoit la division du terrain initial en deux lots distincts, en vue de la séparation de la ferme de l'exploitation agricole.

Accord à l'unanimité.

10.1.**Transports et communications.**

Règlement temporaire d'urgence de la circulation routière à Pétange, route de Longwy – décision.

Explications par M. Romain Mertzig, échevin.

Dans le cadre de l'aménagement d'un axe pluvial, des travaux de génie civil auront lieu du 2 novembre 2022 au 24 décembre 2022 dans la route de Longwy (N5) à Pétange.

Pendant la phase 1 des travaux,

- une demi-chaussée sera barrée côté impair entre les immeuble n°13 et n°19,
- la circulation routière sera réglée au moyen de feux tricolores entre les immeubles n°13 et n°26.

Pendant la phase 2 des travaux,

- une demi-chaussée sera barrée côté pair entre les immeuble n°2 et n°20,
- la circulation routière sera réglée au moyen de feux tricolores entre les immeubles n°1 et n°26,
- l'accès à la rue des Romains sera fermé à la circulation.

Pendant la phase 3 des travaux,

- une demi-chaussée sera barrée côté pair entre les immeuble n°2 et n°10,
- la circulation routière sera réglée au moyen de feux tricolores entre les immeubles n°1 et n°10.

Mertzig Romain, Schäffen:

Mir wëssen alleguerten, wat fir een Impakt, datt dee Schantjen op de Verkéier hei a Péteng huet. Leider komme mer awer net derlaanscht fir déi Aarbechten ze maachen.

Goergen Marc (Piratepartei):

Ech verstinn och, datt de Schantje wichteg ass an datt e muss gemaach ginn. Mä kéinte mer net higoen a schonn zu Käerjeng oder zu Rodange op mannst Panneauen opstellen an de Leit soen, datt do eppes ass. Esou datt mer d'Leit virwarnen an datt de Verkéier net awer dra leeft. Ech hunn och gekuckt, op all de Kaarten ass de Schantjen och net agezeechent. Datt een higeet an et seet een den Navigatiounssystemer op mannst, datt do e Schantjen ass. Dat kann een alles mellen. Esou datt mer wéinstens de Verkéier e bëssen aus Péteng erauskréien. Well eng Virwarnung op der Biff wier sécherlech net schlecht.

Mertzig Romain, Schäffen:

Dat kéint een eventuell maachen. Dat dote musse mer natierlech bei de Ponts et Chaussées ufroen an accordéiert kréien. Wa mer eng Autorisatioun géinge kréien, da kéinte mer dat och maachen.

Scheuer Romain (déi gréng):

Mir haten dëst an der Verkéierskommissioun beschwat gehat, fir ze kucke fir do eng Léisung ze fannen. Well mir kënnen als Gemeng Péteng net dofir, datt am Rond-point zu Käerjeng d'Opfaart fir a Richtung Athus esou laang zou war. Et war geplangt – esou krute mir et emol gesot – datt de Rond-point de 4. November sollt opgoen an dunn huet et geheescht, datt mir hei zu Péteng mat dem Schantje géife waarde bis dohinner. Esou datt mer géife mat de Schantercher laanschtenee kommen. A well de Rond-point elo nach zou war, ass dee ganze Verkéier de Moment duerch Péteng gelaf. Wann déi Opfaart op wier, da wier menger Meenung no déi Problematik net esou schlëmm.

Da maachen ech mer och Gedanken, well an der zweeter Phas d'rue des Romains sollt zougemaach ginn. Et ass momentan elo schonn esou – well de Schantjen an der Haaptstrooss mat roude Luuchte gereegelt gëtt – datt se schonn uewen an d'rue Bommert eraufueren an dann an d'rue Neuve. An do net grad lues fueren. Ech sinn de Mueren nach mam Hond do getrëppelt an et ass wierklech esou, datt d'Automobiliste Gas gi fir uewen erauszefueren. A well se dann och nach Rietsvirfaart hunn, fueren se einfach eraus. Do kéinte mer eis Gedanke maachen, ob mer an der Phas 2 net do eppes kënnen maachen, fir datt an de Stroosse Bommert an Neuve net esou géif gerannt ginn. Well dann ass jo d'rue des Romains zou an et kënt do guer kee méi eropgefuer an da wëssen se jo hoergenee, datt se kënnen fueren.

Mertzig Romain, Schäffen:

Effektiv hu mer de Phenomen, datt leider an alle Stroosse gerannt gëtt. Dir hutt et virdu selwer gesot, et ass egal, ob mer eng Zone 20, 30 oder 50 hunn, et gëtt iwwerall gerannt.

Mir ginn alt ëmmer dovunner aus, an de Gespréicher, déi mer mat eiser Police hunn, dass se och solle reegelméisseg do kontrolléieren. Datt mer d'Strooss awer elo ganz do zou maachen, dat kënnen mer awer ausschléissen.

Et ass awer richteg, wéi der gesot hutt an dat muss ee wëssen, datt dee Schantje mat där Reewaasserachs schonn eng Rei vu Jore geplangt ass. Ech mengen, deen ass scho viru 5 Joer geplangt ginn. Mir sinn elo an der Exekutioun vun den Aarbechten. Ech muss awer heizou soen, datt et emol ee vun deene Schantercher ass, dee gutt virugeet. Mir ginn dann awer leider virun de Fait accompli gesat vun den Ponts et Chaussées, déi eis dann zwee Deeg, heiansdo eng Woch virdu soen, datt et elo esou ass. An dann hu mer guer keen Impakt méi. Natierlech wier et besser, wann déi Saache kéinten am Dialog fonctionéieren. Mä si soen eis carrement, datt hir Schantercher Prioritéit hunn an da maachen si zimmlech wat se wëllen, ouni eis iwwerhaupt ze froen. Leider ass dat esou.

Scheuer Romain (déi gréng):

Ech hunn net gefrot, fir d'Stroosse Bommert an Neuve zouzemaachen. Et war just fir ze soen, datt mer eppes sollte maachen, fir datt do net géif gerannt ginn.

D'Leit soen och dobaussen, mir hätte keng Kommunikatioun gemaach. Mä déi Kommunikatioun war do, well de Responsabele vun eisem Service huet eis an der Verkéierskommissioun gesot, datt hie Kontakt mat de Ponts et Chaussées hat. D'Leit kënnen net soen, datt mer keng Kommunikatioun haten, well déi war do. Zu Käerjeng war en Imprevu op deem Deel, wou elo déi Tranchéeë gemaach ginn.

Dann hunn ech nach eng aner Saach. Dir hat mer virdrun d'Wuert ze séier geholl. Dee Schantjen ass jo duerch d'rue Batty Weber gaangen. An dee Schantje besteet jo nach ëmmer. Wësst der, wéi laang datt dat nach dauert? Well an der Tëschenzäit ass et jo éischer däsichter an déi Leit, déi do an der Residenz wunnen, hunn een immense Problem fir do bäizekommen. Et ass och net anstänneg belicht. An och bei deem Deel vun der Shell ass u sech e Fousswee gezeechent, fir datt d'Leit kënnen do duerchgoen. Mä da mussen se awer iwwert eng kleng Bréckelchen aus Holz goen, déi duerch d'Blieder vun de Beem an duerch d'Fiichtegkeet glat ass. Do misste mer eis vläicht och Gedanken maache fir eng aner Léisung ze fannen.

Mertzig Romain, Schäffen:

Dir hutt u sech eppes ugeschwat, wou mer eis als Schäfferot och Gedanke gemaach hunn. Eppes wësse mer jo. No där heite Phas kënt eng nächst Phas, wou mer d'rue de la Liberté

eropfuere. Mir hunn op jiddwer Fall an den Diskussiounen emol festgehalten, datt dee Schantjen, deen d'rue de la Liberté eropgeet, u sech net wäert stattfanne bis deen Deel bei der rue Batty Weber opgeet. Esou datt mer de Leit eng Méiglechkeet kënne ginn, fir dat Ganzt kënne ëmzeleeden. Ech mengen, wa mer d'Kräizung zou hu vun der rue de la Liberté, da kritt dat Ganzt nach vill méi e groussen Impakt.

Wéi gesot, mir maachen eis effektiv och Gedanken. Wéi gesot, mir mussen iergend ee Lach opkréien, well soss steet wierklech alles.

Scheuer Romain (déi gréng):

Kënnt der da just kucke mam Geliichts, datt et besser beliicht wier? Well d'Problematik ass jo den Accès vun der Residenz. Well si komme momentan jo och net mam Auto bäi. Si mussen deelweis bis bei de Cactus parke goen, well net genuch Platz ass. D'Museksschoul gëtt gebaut, oder gëtt dee Parking gläich eng Kéier opgemaach? Dat sinn d'Froen, déi ech gestallt kréien an ech ginn déi hei weider.

Mertzig Romain, Schäffen:

Wann et esouwäit ass, da wäert et esou sinn, datt de Parking opgeet ier d'Museksschoul opgeet. Mir sinn awer de Moment nach net prett. Dat wäert warscheinlech am 1. Trimester 2023 sinn. An da kucke mer effektiv, datt dee Parking opgeet. Dat entlaascht scho vill.

Dat anert kucken ech no. Ech weess och net u wat et häntk, datt déi Luuchten net ginn. Ech wäert dat mat eisem Service kucken. Well u sech sollen d'Luuchten an de Wunnquartiere fonctionéieren.

Breyer Roland (CSV):

Ech hu menge Virriedner emol gutt nogelauschtert an ech ka mech deem nëmmen uschléissen. D'Kommunikatioun am grouse Ganze mat deenen eenzelen Acteuren um Terrain ass net esou optimal wéi een sech dat ka virstellen. An d'Kommunikatioun vun der Gemeng un hir Bierger ass och an deem Fall net zum Beschten. Fréier hu mer bei esou grouse Schantercher, déi méi laang gedauert hunn, Blieder erausgi fir d'Leit drop opmierksam ze maachen an hinne mat Zäit ze soen, wat lass ass a wat se sollen evitéieren, asw. Hei ass d'Kommunikatioun héchstwarscheinlech op d'Kopp gehäit ginn duerch Decisiounen vu Ponts et Chaussées, well déi dee Schantjen op der Biff verlängert hunn. Mä mir hunn näischt weiderginn un eis Bierger. An dee grouse Verléierer ass de Foussgänger. De Foussgänger gëtt komplett an deem Chaos vergiess. Dat ass e Spießrutenlaufen, fir hei an de Spätzestonnen iwwer d'Strooss ze kommen, an ëmmer mat der Gefor dobäi, datt en iergendwéi en Accident provoziert oder selwer Affer vun engem Accident gëtt.

Ech hunn dat elo e puer Mol matgemaach. Wann een elo owes iwwer d'Strooss hei soll goen – an de Spätzestonnen oder mueres fréi – an dee ganze Verkéier dréckt sech hei duerch Péteng, dann ass et net optimal. Et muss ee kucken, wou de Feeler läit. Ech wëll net mam Fanger op ee weisen, mä et ass net optimal an et ass Chaos puer an deene Momenter, wou an der Hauptstrooss bal näischt méi geet.

D'Fro ass och, wat maachen d'Ponts et Chaussées op deem Stéck téschent dem Rond-point Eglise an dem Rond-Point Biff? Wat maachen se richteg? Wat gëtt do gemaach? D'Leit stelle Froen an si ginn näischt gewuer. Dat Stéck téschent dem Rond-point Lycée an dem Rond-point Péteng-Centre ass gemaach ginn. Wat geschitt elo dorausser, wann déi Aarbechten ofgeschloss sinn?

A wat geschitt op där anerer Säit an Direktioun vum Rond-point Péteng bis bei de Lycée? Do hu mer virun 2,5 Joer hei

am Gemengerot geschwat, datt dat net geet an datt do eppes misst geschéien, datt déi Urainer oder déi belsch Riverainen eng Pist hätte fir direkt weiderzekommen. Mir hu vu Brécke geschwat, déi nach missten dobäikommen, oder Tunnellen. Mir hu gesot, datt do eppes muss geschéien, well d'Situatioun ass katastrophal. An d'Conclusioun war déi, an ech hat dat proposéiert, datt mer sollten eng Aktioun maachen an op d'Strooss goen. Du war gesot ginn, mir sollten emol nach ofwaarden an d'Politik emol nach schwätze loosse. Dat sinn 2,5 Joer hir. Ech stellen nach ëmmer fest, dass näischt geschitt ass. Et ass just nëmmen nach Schantjen. Mä wéi ass d'Zukunft? Wéi gesäit et hannendrun aus? Wéini gëtt elo wat besser, wann de Schantje vun de Ponts et Chaussées ofgeschloss ass? Et geet erëm alles op déi selwecht Achsen zeréck wéi virun. Déi Belsch stinn erëm an de Kolonne fir de Rond-point beim Lycée ze erwéschen oder fir iwwer d'Athuser-Strooss weiderzekommen oder d'rue du Stade. Mä wat geschitt besser duerch dem Ponts et Chaussées seng Interventioun? Ass dat eng technesch Interventioun, fir dem Waasser lass ze ginn, oder gëtt et eng Verbesserung, wat den Trafic ubelaangt?

Wat kënnt der eis dozou soen an et wier flott, wann d'Leit dobausse géife gewuer ginn, wat iwwerhaupt déi Schantercher bedeiten. Et versteet een, datt déi Reewaasserachs – déi schonn zanter 17 Joer beschwat gëtt – muss gemaach ginn an datt dat fir eis Ëmwelt gutt ass, a fir all Mënsch gutt ass. Dat ass ze erklären an et ass och gutt, datt se elo gemaach gëtt. Et muss een de Leit da vläicht soen, wat de Grond ass, datt esou Schantercher entstinn. D'Leit gesinn einfach rout Luuchten am Zentrum. Et ass Chaos puer, si lafen dertéschent an hunn d'Gefor, iwwerrannt ze ginn. Esou Gefore sinn do an et gëtt sech opgereggt an de Bistronen. Et gëtt sech gefrot, wat dann do lass ass. Esouguer de Gemengerot ass net ganz genee informéiert, wat dobausse geschitt. Wat ass d'Ursaach dovunner? An do géif ech plaidéiere fir déi Kommunikatioun mam Bierger nach eng Kéier ze iwwerdenken. Wann se net vum Staat richteg klappt, da solle mer awer versiche fir dem Bierger déi néideg Informatiounen ze ginn an och déi Tuyauen ze ginn, wat e soll maache fir seng Sécherheet.

Mertzig Romain, Schäffen:

Wat d'Aarbechte vun de Ponts et Chaussées ugeet, kann ech iech elo net vill méi soen, well do u sech d'Kommunikatioun net esou gutt ass. Do kréie mer och net vill matgedeelt. Dat eenzegt, wat ech weess, firwat datt d'Bretellé Richtung Käerjeng zou waren, ass datt se eng Héichspannungsleitung leeën, déi u sech an de Buedem geluecht gëtt. Dat ass d'Ursaach, firwat datt se oprappen a firwat datt se och déi aner Richtung oprappen.

Mir probéieren natierlech ëmmer bei de Schantercher, déi mer vum Service zougedroe kréien a wat Schantercher sinn, wou d'Leit betraff sinn, fir Flyeren auszedeelen. Mir deelen dat natierlech net un d'ganz Gemeng aus. Mir probéieren och als Gemeng, fir iwwer déi Kanäl, déi mer zur Verfügung hunn, ze kommunikéieren. Ech hunn awer elo emol verschidde Saache gesicht. Et ka sinn, datt mer do nach Verbesserungspotential hunn a mir wäerten dat dann och uschwätzen. An dat Potential, dat mer hunn, probéiere mer dann och weider auszeschöpfen.

Breyer Roland (CSV):

Déi Leitung, vun där der schwätzt, ass dat vum Lycée bis op d'Biff?

Mertzig Romain, Schäffen:

Jo.

Breyer Roland (CSV):

Firwat gëtt dat de Leit net matgedeelt? Firwat dauert dat esou laang? Et muss ee mam Fanger op déi weisen, déi de Feeler

maachen. Wa mir eppes wëssen, da mussen mir déi Kommunikatioun weiderginn.

Mertzig Romain, Schäffen:

Et gëtt een näischt gewuer.

Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:

Mir wëssen dat doten net. Dat eenzegt, wat mir wëssen, ass datt se ënne beim Pompjeesbau e Kabel geluecht hunn. Dat ass alles, wat mir wëssen. An et soll een och elo net maachen, wéi wa mir et géife wëssen a mir géifen iech et net soen. Dat hunn ech awer och net gären.

Breyer Roland (CSV):

Neen, ech soe jo, et muss een op déi weisen, déi d'Informatiounen zeréckhalen. Et ass geschwat ginn, am Ufank, wou d'Aarbechten ugaange sinn, datt et wier, fir eng zweet Bunn bäizesetzen.

Mertzig Romain, Schäffen:

Ech wëll awer och ganz kloer hei betounen, datt wa mir Informatiounen kréien – offiziell vun hinnen – da behale mir kengem eppes zeréck. Mir wëllen dat jo och weiderginn, wa mer d'Informatiounen iwwerhaupt kréien. Well wann een de Leit déi néideg Informatiounen gëtt – wann een se huet – dann ass u sech och manner Onrou.

Breyer Roland (CSV):

Et ass fir d'éischt, datt ech elo hei gewuer ginn, datt do e Kabel sollt geluecht ginn.

Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:

Also ech hunn eng Hypothees opgestallt. Ech sinn net sécher, ob dat och esou ass. Ech ginn dovunner aus, datt et dat ass, well se beim Pompjeesbau e Kabel verluegt hunn.

Mertzig Romain, Schäffen:

Mir hunn déi Informatioun awer ni offiziell kritt. Dat gëtt een dann u sech esou gewuer, mä et kënnt awer näischt vun de Ponts et Chaussées. Dat ass leider esou.

Breyer Roland (CSV):

Da solle mer dat awer de Leit dobausse soen, datt et net eise Feeler ass an datt mer d'Informatiounen vun de staatleche Betriber einfach net kréien. An d'Ponts et Chaussées si jo awer eng Verwaltung. Et ass jo awer elo net e Ministère, dee selbststänneg alles do mécht. Da muss een emol froen, firwat mer keng Informatiounen kréie fir weider un eis Bierger ze ginn.

Mertzig Romain, Schäffen:

Ech wëll iech just eng aner Saach soen, déi elo net direkt eppes mam Schantjen ze dinn huet, wou mer awer och mat de staatlechen Instanzen ze dinn haten a wat esouguer déi selwecht waren. Mir brauche just déi Trap bei de Lénger Weieren ze huelen. Dat war och en Trauerspill an dat war och net eis Schold. Mä do hu mer mat där selwechter Administratioun ze dinn. An dat klappt net.

Breyer Roland (CSV):

Wéi geet et viru mat där Bunn oder mat där Entlaaschtung op der Säit vun Athus? Wann elo erëm alles op ass, dann ass weider näischt geschitt. Dann ass just e Kabel geluecht ginn an dann hu mer déi Situatioun, wéi se och virdru war. Kolonne vu Gefierer, déi net viru ginn.

Mertzig Romain, Schäffen:

Dir wësst dat jo vun där Period virdrun. Do war jo u sech haaptsächlech vun eiser Säit e flotten Dossier ausgeschafft gi

mat Méiglechkeeten. Mä do kënnt näischt. Deen Dossier ass hinne jo och zougedroe ginn, wou mer u sech Pisten opgefouert hunn. Mä si soen, si wieren hei Meeschter, et wier hire Virgäertchen a mir hätten näischt an hirem Virgäertche verluer.

Breyer Roland (CSV):

Da géif ech eng Kéier an de Virgäertche protestéiere goen.

Mertzig Romain, Schäffen:

Jo, mat Recht och.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Generell wëll ech nach hannendru soen, datt laut menge leschten Informatiounen dee Contournement vu Péteng soll mat op de Leescht geholl ginn am Kader vum Projet Käerjenger Contournement. Et muss ee kucken, wat dann – wann d'Gesetz deposéiert ass – do kënnt. Dat huet de Buergermeeschter vu Käerjeng mer gesot. Esou kritt een seng Informatiounen.

Ech si scho laang dobäi a mir wëssen, datt dat doten ëmmer erëm eng Problematik ass. Mir mussen um Ball bleiwen an ech mengen, wann dat am Kader vun deem Projet vum Käerjenger Contournement an d'A gefaasst gëtt, da mussen mer op jiddwer Fall zu deem Zäitpunkt dofir suergen a kucken, datt dat dann och Realitéit gëtt. Mir si jo geschwënn erëm a Walféiwer an all d'Parteien, déi hei ronderëm den Dësch sinn, mussen dann eng Hand mat upaken, datt am Intressi vun der Pétenger Gemeng beim Contournement eppes geschitt.

Accord à l'unanimité. M. Brecht, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

10.2.

Transports et communications.

Règlement temporaire d'urgence de la circulation routière à Rodange, avenue Dr Gaasch – décision.

Explications par M. Romain Mertzig, échevin.

A partir du 15 novembre 2022 et pendant la durée des travaux dans le cadre de construction d'une résidence estimée à 7 mois, à Rodange, dans l'avenue Dr Gaasch,

- *la circulation des piétons et le stationnement sont interdits du côté pair à la hauteur du chantier;*
- *les piétons sont déviés vers un passage piéton provisoire à la hauteur de l'immeuble n°23.*

Goergen Marc (Piratepartei):

Ech hätt eng méi allgemeng Bemierkung zu de Parkverbuetseschëlter. Dat war déi leschte Kéier och en Thema an der Verkéierskommissioun, datt d'Entrepreneuren déi kënne selwer setzen. Mä da setzen si se awer falsch oder ze spéit. An da stellen sech nei Froen fir eis Agenten, respektiv fir d'Police. Kann een net einfach higoen a soen, datt se bei esou Projete mussen vun der Gemeng gesat ginn, esou datt dat och kontrolléiert an encadréiert ass. Dat géif de Promoteur 40 Euro kaschten an dat ass fir hien, bei esou enger Residenz, och net d'Welt. Well da wier et awer op mannst am legale Kader richtig an et géifen sech keng Froen fir d'Bierger oder Police stellen. Ob een net einfach seet, datt d'Schëlter mussen vun der Gemeng gesat ginn an net vum Promoteur selwer.

Mertzig Romain, Schäffen:

Do hutt der deelweis Recht. Well si u sech déi Schëlter hunn, kommen si nëmmen op d'Gemeng den Ziedel siche fir dropzemaachen. Effektiv sollen se richtig gesat ginn. Mä och

do hu mer d'Erfaarung scho gemaach, datt d'Gemeng se mueres richteg gesat huet a mëttes stoungen se da schonn erëm anescht.

Natierlech ass et och wichteg, datt och jiddereen seng Roll muss spillen. Deelt eis déi Saache mat an da kontrolléiere mir dat och. Ech kann iech just soen, datt mer vill där Saachen zougedroe kréien, wou dat mat de Schëlter net klappt, an da schécke mir een eraus an da setze mer och de Leit, déi do schaffen, d'Messer op d'Broscht.

A wa mer kucken, wéivill Schantercher datt mer hunn, gëtt dat duerno iergendwann eng Saach vun der Onméiglechkeet fir alleguerten déi Schëlter ze setzen. Well mer och do Schantercher hunn, déi de Weekend just lafen. Wéi gesot, et ass relativ komplizéiert. Mir probéieren och do fir eist Beschtt ze maachen. A wann der esou Saache gewuer gitt, dann drot eis dat zou fir datt mer och do kënnen Amelioratioune maachen.

Accord à l'unanimité.

Gemeinderatssitzung vom 21. November 2022

Anwesend:

Mellina Pierre , Bürgermeister (CSV)	Halsdorf Jean-Marie , 1. Schöffe (CSV) Conter-Klein Raymonde , 2. Schöffe (CSV) Mertzig Romain , 3. Schöffe (LSAP)
Agostino Maria (CSV) Arendt Patrick (CSV) Breyer Roland (CSV) Martins Dias André (CSV) Remacle Patrick (CSV)	Birtz Gaby (LSAP) Brecht Guy (LSAP) Stoffel Marco (LSAP)
	Becker Romain (déi gréng) Scheuer Romain (déi gréng) Goergen Marc (Piraterpartei) Bouché-Berens Marie-Louise (DP)

Abwesend und entschuldigt:

Welter Christian (Piraterpartei)

1.

Punkt 1 der Tagesordnung wurde in geheimer Sitzung behandelt.

Der Gemeinderat hat beschlossen, folgende Entscheidung zu veröffentlichen:

Ernennung eines Beamten (m/w) der Gehaltsgruppe D1 mit besonderen Aufgaben (Schwimmlehrer) für die Gemeindeschwimmbäder - Beschluss.

Herr Alexandre Sibilla aus Lamadelaine wurde als Schwimmlehrer ernannt.

2. - Mitteilungen des Schöffenrates.

Schöffe Romain Mertzig

- gibt Statistiken des Krematoriums in Luxemburg (SICEC) bekannt;
- gibt Auskunft über eine geführte Tour auf dem Prinzenberg und Giele Botter Anfang 2023 mit dem Förster;
- gibt Auskunft darüber, dass die Schüler der Gemeinde Pétingen im Rahmen des internationalen Tag des Baumes neue Bäume auf dem Gelände eines alten Tannenwaldes in der Nähe des Pétinger Friedhofs gepflanzt haben.

3.1. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Einnahmen in einer Gesamthöhe von 8.896.619,66 € - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

3.2. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Einrichtung einer Alarmanlage für Einbruchschutz im Rathaus in Pétingen: Abstimmung über eine Abrechnung - Beschluss.

Gesamtkredite : 15.000,00 € (inkl. MwSt.)
Gesamtkostenvorschlag: 15.000,00 € (inkl. MwSt.)
Gesamtausgabe: 12.877,99 € (inkl. MwSt.)

Beschluss einstimmig.

3.3. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Einrichtung einer Alarmanlage für Einbruchschutz im Sportzentrum in Pétingen: Abstimmung über die Abrechnung - Beschluss.

Gesamtkredite : 25.000,00 € (inkl. MwSt.)
Gesamtkostenvorschlag: 25.000,00 € (inkl. MwSt.)
Gesamtausgabe: 23.709,71 € (inkl. MwSt.)

Beschluss einstimmig.

3.4. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Sanierungsarbeiten an der Kanalisation auf dem Gebiet der Gemeinde Pétingen: Abstimmung über die Abrechnung - Beschluss.

Gesamtkredite : 1.250.000,00 € (inkl. MwSt.)
Gesamtkostenvorschlag: 1.250.000,00 € (inkl. MwSt.)
Gesamtausgabe: 1.036.441,72 € (inkl. MwSt.)

Beschluss einstimmig.

3.5. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Langsamverkehr in der Dreiländerecke – Interreg-Projekt Großregion (Phase 2): Abstimmung über die Abrechnung - Beschluss.

Gesamtkredite : 95.000,00 € (inkl. MwSt.)
 Gesamtkostenvoranschlag: 95.000,00 € (inkl. MwSt.)
 Gesamtausgabe: 89.771,24 € (inkl. MwSt.)

Beschluss einstimmig.

3.6. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Ausarbeitung eines Teilbebauungsplanes für die Erweiterungsvorhaben im Schulgebäude An Eigent und Bau einer neuen Kindertagesstätte in Pétingen: Abstimmung über die Abrechnung - Beschluss.

Gesamtkredite : 130.000,00 € (inkl. MwSt.)
 Gesamtkostenvoranschlag: 130.000,00 € (inkl. MwSt.)
 Gesamtausgabe: 91.149,33 € (inkl. MwSt.)

Beschluss einstimmig.

3.7. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Ausarbeitung eines Teilbebauungsplanes für das Erweiterungsvorhaben der Neiwiss-Siedlung in Rodange: Abstimmung über die Abrechnung - Beschluss.

Gesamtkredite : 112.931,19 € (inkl. MwSt.)
 Gesamtkostenvoranschlag: 0,00 € (inkl. MwSt.)
 Gesamtausgabe: 102.611,19 € (inkl. MwSt.)

Beschluss einstimmig.

4. - Schulwesen.

Definitive Organisation des Musikunterrichts für das Jahr 2022/2023 - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

5. - Personalangelegenheiten.

Schaffung und Abschaffung diverser Posten - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

6.1. - Soziales.

Finanzhilfe über 2.500 € für die Opfer der Überschwemmungen in Pakistan - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

6.2. - Soziales.

Finanzhilfe über 10.000 € für den Verein ohne Gewinnzweck (VoG) Action Solidarité Tiers Monde aus Luxemburg für die Förderung lokaler Produkte im Hinblick auf die Verbesserung der Einnahmen für Frauen in der Savannenregion in Togo - Beschluss.

Beschluss einstimmig. Herr Mellina hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

6.3. - Soziales.

Finanzhilfe über 10.000 € für den Verein ohne Gewinnzweck (VoG) Fondation Chrëschte mam Sahel aus

Luxemburg für die Verbesserung des Zugangs zu Trinkwasser im Rahmen des Entwicklungsprogramms in Bobo Dioulasso im Burkina Faso – Beschluss.

Beschluss einstimmig. Herr Mellina hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

6.4. - Soziales.

Finanzhilfe über 10.000 € für den Verein ohne Gewinnzweck (VoG) Hand an Hand aus Esch/Alzette für das Projekt Ecole 22 im Bereich der Bildung, der Formation, der Umwelt und der Entwicklung der Schuleinrichtungen in den Dörfern der Provinz Oubritenga im Burkina Faso - Beschluss.

Beschluss einstimmig. Herr Mellina hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

6.5. - Soziales.

Konvention mit den Vereinigungen ProActif VoG sowie Association des Musée et Tourisme Ferroviaires (AMTF Train 1900) in Bezug auf die Wiedereingliederung der Arbeitslosen auf dem Arbeitsmarkt - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

6.6. - Soziales.

Teilweise Erneuerung des Verwaltungsrates des Sozialamtes Pétingen - Beschluss.

Geheime Abstimmung: 1. zu besetzender Posten:

Goergen Marc	0 Stimmen
Metz François	16 Stimmen (gewählt)
Muller Karin verh. Weiler	0 Stimmen
Pierre Norbert	0 Stimmen
Quintus Marie-Josée verh. Claude	0 Stimmen
keiner der Kandidaten	0 Stimmen

Geheime Abstimmung: 2. zu besetzender Posten:

Goergen Marc	0 Stimmen
Muller Karin verh. Weiler	0 Stimmen
Pierre Norbert	16 Stimmen (gewählt)
Quintus Marie-Josée verh. Claude	0 Stimmen
keiner der Kandidaten	0 Stimmen

Geheime Abstimmung: 3. zu besetzender Posten:

Goergen Marc	15 Stimmen (gewählt)
Muller Karin verh. Weiler	0 Stimmen
Quintus Marie-Josée verh. Claude	0 Stimmen
keiner der Kandidaten	1 Stimmen

Geheime Abstimmung: 4. zu besetzender Posten:

Muller Karin verh. Weiler	0 Stimmen
Quintus Marie-Josée verh. Claude	16 Stimmen (gewählt)
keiner der Kandidaten	0 Stimmen

Geheime Abstimmung: 5. zu besetzender Posten:

Muller Karin verh. Weiler	16 Stimmen (gewählt).
---------------------------	-----------------------

6.7. - Soziales.

Bewilligung des rektifizierten Haushalts 2022 sowie des 2023er Haushalts des Sozialamtes - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

7.1. - Liegenschaften.

Vorvertrag in Bezug auf den kostenlosen Erwerb eines Grundstücks am Standort rue des Alliés in Petingen von der Gesellschaft Kalista Immo SA - Beschluss.

Beschluss einstimmig. Frau Bouché-Berens hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

7.2. - Liegenschaften.

Vorvertrag in Bezug auf den Tausch von Grundstücken an den Standorten rue de la Providence und Grand Rue mit der Gesellschaft DG Immo SA - Beschluss.

Beschluss einstimmig. Frau Bouché-Berens hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

7.3. - Liegenschaften.

Akt in Bezug auf den Verkauf eines Grundstücks am Standort rue Marie-Adelaïde an die öffentlich-rechtliche Einrichtung Fonds du Logement - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

7.4. - Liegenschaften.

Akt in Bezug auf den Tausch von Grundstücken am Standort Auf Herbstberg mit Herr Marc Kneip und Frau Marina Hornick.

Beschluss einstimmig.

7.5. - Liegenschaften.

Akt in Bezug auf den Erwerb eines Grundstücks am Standort Chemin de Brouck in Rodange von Herr Marcel Nilles - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

7.6. - Liegenschaften.

Akt in Bezug auf den Erwerb eines Grundstücks am Standort rue Joseph Philippart von Frau Marianne Roos - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

8. - Öffentliche Ordnung.

Verlängerung der Öffnungszeiten der Ausschänke anlässlich verschiedener Feste oder Feierlichkeiten im Jahr 2023 – Beschluss.

Beschluss einstimmig.

9.1. - Raumplanung.

Bewilligung der Konvention sowie des Ausführungsprojektes des Teilbebauungsplanes in Bezug auf Ländereien am Standort A la Croix Cassée in Rodange - Beschluss.

Beschluss mit 14 Stimmen, 1 Gegenstimme (Piratepartei) und 1 Enthaltung (DP).

9.2. - Raumplanung.

Projekt zur punktuellen Änderung des Teilbebauungsplanes in Bezug auf Ländereien am Standort A Stacken / Neiwiss II - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

9.3. - Raumplanung.

Vorverkaufsrecht in Bezug auf eine Katasterparzelle am Standort rue Oberst Daessent in Petingen - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

9.4. - Raumplanung.

Vorverkaufsrecht in Bezug auf eine Katasterparzelle am Standort rue Prinzenberg in Petingen - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

9.5. - Raumplanung.

Vorverkaufsrecht in Bezug auf eine Katasterparzelle am Standort rue Adolphe - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

9.6. - Raumplanung.

Antrag auf Parzellierung von Herr Guy Arend bezüglich der Aufteilung eines Grundstücks in der rue d'Athus 70 in Petingen - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

10.1. - Transport und Kommunikation.

Verkehrsdringlichkeitsverordnung in der route de Longwy in Petingen - Beschluss.

Beschluss einstimmig. Herr Brecht hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

10.2. - Transport und Kommunikation.

Verkehrsdringlichkeitsverordnung in der avenue Dr. Gaasch in Rodange - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

Questions des conseillers communaux

Réponses du collège des bourgmestre et échevins



Question écrite du 16.05.2022 de Mme Maria Agostino Maria et M. Patrick Arendt (CSV):

Betrëfft: Campagne “Gielt Band – Hei dierft Dir plécken”

Den Här Patrick Arendt als Präsident vun der Pétenger Ëmweltkommissioun an d’Madamm Maria Agostino als Verriederin am Sicon, dem Ëmweltsyndikat a konform zum Artikel 25 vum Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988 riichte folgend Fro un de Schäfferot:

Den Ëmweltministère zesumme mam Syvicol hunn eng Campagne lancéiert, déi “Gielt Band – Hei dierft Dir plécken” an d’Liewe geruff huet. D’Zil vun der Campagne ass, Uebstbeem mat engem giele Bändchen ze beschmücken. Dat bedeit dann, dass d’Friichte vun dëse Beem gepléckt kënnen ginn, ouni de Proprietäre vum Grondstéck ze froen. Dës Initiativ, als Zeeche géint d’Liewensmëttelverschwendung, géllt net nëmme fir Gemengen op ëffentleche Plazen, mä och Privatpersounen a Geschäftsleit kënnen matmaachen. Déi giel Bännercher, déi iwwregens aus biologesch ofbaubarer Bamwoll sinn, kënnen beim Landwirtschaftsministère bestallt ginn.

Wei gesäit den aktuelle Schäfferot dës Initiativ och an der Pétenger Gemeng anzebanne fir d’Liewensmëttelverschwendung ze limitéieren?

Réponse écrite du 15.06.2022 du collège des bourgmestre et échevins:

Am Kader vun der Koordinatioun vun der Minett Unesco Biosphäre hat de Gemengesyndicat Pro-Sud de Projet „Tutti Frutti“ an de Landwirtschaftsministère agereecht, deen eng Aktioun Anti-Gaspi lancéiert hat. Déi Aktioun huet als Sujet d’Verschwendung vun de Liewensmëttel ze vermeiden.

De 17. Dezember 2021 huet de Schäfferot decidéiert sech un där Aktioun géint d’Liewensmëttelverschwendung ze bedeelegen an huet dunn och zwee Bongerten zur Verfügung gestallt, wou d’Awunner an Zukunft kënnen Uebst rafen an och plécken. Deen ee Bongert ass zu Rodange am Plon an deen zweeten ass zu Lamadelaine tëscht der rue de la Gare an der route de Luxembourg.

Deemno participéiert d’Gemeng Péteng och un der Campagne «Gielt Band - Hei dierft Dir plécken». Am Kader vun dësem Projet stellt d’Gemeng deemno net manner wéi 73 Uebstbeem an deenen zwee Bongerten zur Verfügung.

Déi giel Bännercher si scho geliwert ginn a ginn an der grousser Vakanz vum Parkservice un de Beem befestegt. Zu gegebener Zäit wäert dann och nach eng entsprecheend Informatioun un eis Matbirger eraus goen.

Question écrite du 10.08.2022 de M. Christian Welter (Piratepartei):

Betrëfft: Ofholze vun enger Rotbuche am Pétenger Park

Verschiede Leit hunn eis kontaktéiert, well eng 150 Joer al Rotbuche am Park hannert der Gemeng zu Péteng viru kuerzem ofgeholzt gouf.

Esou wéi den Artikel 25 vum Gemengegesetz et virgesäit, wéilt ech dem Schäfferot an dem Zesammenhang eng Fro stellen:

1. Aus wéi engem Grond gouf dëse Bam ofgeholzt?
2. Wat wäert mat den Iwwerreschter vum Bam (dem Stamm souwéi d’Äscht) gemaach ginn?
3. Wäert d’Gemeng Deeler vum Holz notze fir Souveniren hierzustellen?
4. Hannert der Gemeng stinn iwwerdeems och nach 2 Beem, déi als “arbres remarquables” ausgezeechent sinn. Wéi al sinn dës Beem an a wéi engem Gesondheitszoustand sinn se?

Réponse écrite du 09.09.2022 du collège des bourgmestre et échevins:

1. Dëse Bam gouf säit 2009 reegelméisseg iwwerwaacht a bei der Kontroll vun dësem Joer gouf festgestallt, datt de Bam stierwe wäert. Eisen Expert, d’Dr Julia Engels, sot doropshin, datt de Bam misst ofgeholzt gi fir ze evitéieren, dass eng Persoun zu Schuet kënn. Doropshin huet d’Gemeng eng Demande gemaach fir dëse Bam dierfen ofzeholzen.

Nodeems dëse Summer, bedéngt duerch dat dréchent Wierder, en Aascht ofgebrach ass, ass de Bam d'Urgence ofgeholt ginn.

2. Eisen Expert huet eis informéiert, datt d'Holz vun dësem Bam zum gréissten Deel faul ass an et sech och insgesamt net laang hale géif, wouduerch et also net dofir géeeigent ass fir z.B. Skulpturen dorausser ze maachen. Soumat ass geplangt, d'lwuerreschter vum Bam ze hächselen.
3. Neen, d'Gemeng wäert deemno keng Souveniren aus dësem Holz hierstellen.
4. De Käschtbam hannert dem Stadhaus, deen op 140 Joer geschat gëtt an als „Arbre remarquable“ klasséiert ass, ass Stand haut an engem gudde Gesondheetszoustand.

Een anere Käschtbam, deen och als „Arbre remarquable“ ausgewisen ass an an deem selwechten Alter ass, steet och am Park hannert der Gemeng, zur Säit vun der rue de l'Église. Dëse Bam befénnt sech allerdéngs an engem éischer schlechte Gesondheetszoustand a wäert laut eisem Expert fréier oder spéider, virun allem bedéngt duerch d'Wiederkonditiounen an de nächste Joren, och mussen ofgeholt ginn, well en net méi geheelt ka ginn.

De 25. August 2022 gouf a sämtleche Beem am Park dat doudegt Holz erausgeschnidden.

Dësweidere wäert d'Dr. Julia Engels och an Zukunft reegelméisseg Kontrolle vun eise Beem maachen.

Question écrite du 25.08.2022 de M. Christian Welter (Piratepartei):

Betrëfft: Sens unique an der rue de la Fontaine zu Rolleng

D'Rue de la Fontaine zu Rolleng ass eng Einbahnstrooss. Allerdéngs halen sech verschidden Autofuerer net un dës Reegel a fueren de verkéierte Wee duerch d'Strooss. Beim Ausgang vun der Einbahn ass nämlech d'Strooseschëld net méi siichtbar, well ee Bam d'Schëld mat senge Blieder verdeckt.

Verschiede Bierger hu mengen Informatiounen no d'Gemengeverwaltung schonn op de Problem opmierksam gemaach, mä ënnerholl gouf bis haut nach näischt.

1. Wéini wäert d'Situatioun an der Rue de la Fontaine verbessert ginn?
2. Firwat gouf net direkt op déi éischt Demande hin reagéiert?

Réponse écrite du 23.09.2022 du collège des bourgmestre et échevins:

1. Soubal mir iwwert dës Situatioun a Kenntnis gesat goufen, hu mir drop reagéiert, mat der Remark dass d'Situatioun um Terrain net esou dramatesch war wéi dir se an Ärem Brëif duergestallt hutt.

Eis Servicer hunn d'Hecken, déi d'Schëld zum Deel verdeckt hunn, geschnidden an en zweet Schëld op der géigeniwwer leiender Säit bäigesat.

2. Virun Ärer Ufro si keng aner Doleancen un eis Servicer erugedroe ginn.

Question écrite du 26.10.2022 de M. Christian Welter (Piratepartei):

Betrëfft: Haus zu Rodange

Mir ass vun e puer Persounen aus eiser Gemeng zougedroe ginn, dass an engem Haus an der Fontaine d'Olière zu Rodange Renovatiouns- oder Bauaarbechte stattfannen, ouni dass hefir eng Geneemegung vu Säite vun der Gemeng ausgestallt gouf. Des Weidere verkéieren an deem Haus méi Persounen, wéi eigentlech am Haus dierfte wunnen.

Mir gouf och zougedroen, dass d'Gemeng souwéi d'Police a Kenntnis vun dësem Fall gesat goufen, awer d'Situatioun sech bis elo nach net geännert huet.

1. Huet d'Gemeng Kenntnis vun dësem Fall? Falls jo, zënter wéini?
2. Gouf d'Situatioun op der Plaz scho vun der Police a vun der Gemeng kontrolléiert? Falls jo, wéi eng Onregelméissegkeete goufen hei festgestallt?

Réponse écrite du 25.11.2022 du collège des bourgmestre et échevins:

Dir hutt eis keng weider Informatiounen respektiv eng genee Adress vun deem Haus an der rue Fontaine d'Olière ginn; deemno gi mir mol dovun aus, dass et sech ëm en Haus handelt, wat an enger vun deenen zwou Säitestroosse vun der Fontaine d'Olière steet.

Am Kader vun deem Fall (wann et dann ëm dee geet) krut d'Gemeng per E-mail matgedeelt, dass am Nopeschhaus (Nummer X), mä déi Nummer war definitiv falsch uginn, géingen Aarbechte geschéien. Do géingen elo schonn 3 Stéit do „hausen“.

Des Weidere géing den Expéditeur sech Suerge maachen, dass nach weider Persounen dohi wunne kommen an dass dat e grave Sécherheetsprobleem kéint ginn, zemoos well d'Trapen aus Holz wieren.

Laut Ausso vum Expéditeur vun der E-Mail war d'Police jo mol schonn do, an déi hätten näischt kënnen maachen.

D'Gemeng hirersäits huet an deem Dossier de Propriétaire Enn September an nach eemol Mëtt Oktober 2022 opgefuerdert fir matzedeelen, wat fir Aarbechte géinge geschéien an dass gegebenenfalls eng Baugeneemegung misst ugefrot ginn.

Eng Demande gouf den 11. November eragereecht an déi betrëfft nëmmen de Reamenagement vun de Combelen an d'Pose vu 4 Daachfënsteren.

Zousätzlech Wunnenge sinn net geplangt an déi kéinte jo souwiso net autoriséiert gi well et sech ëm en Eefamilljenhaus handelt.

Momentan sinn an deem Haus 3 Zëmmeren an et si 6 Leit op där Adress gemellt (wann et dann déi Adress soll sinn).

Den Antrag gëtt vun deem dofir zoustännegen Service traitéiert an de Buergermeeschter wäert e Permis erdeelen, dee konform ass zu deem wat d'Reglementer am Kader vum Urbanismus erlaben, net méi an net manner.

Question écrite du 26.10.2022 de M. Christian Welter (Piratepartei):

Betrëfft: Wunnengen an der Gemeng

An 10 Joer ass d'Populatioun zu Péteng immens gewuess: vu ronn 17.000 Persounen am Joer 2012 op iwwer 20.000 Persounen am Joer 2022. Duerch den héije Bevëlkerungswuesstem huet bekanntlecherweis och d'Demande um Wunnmarché ugezunn: zu Péteng hunn sech d'Quadratmeterpräisser an deem Zäitraum méi wéi verduebelt.

1. Wéi vill Wunnunitéite goufen zënter 2012 an eiser Gemeng gebaut?
2. Wéi huet sech zënter 2012 de Bestand u Wunnunitéiten entwéckelt, déi fir sozial Zwecker genotzt ginn?
3. Wéi vill Wunnunitéite goufen zënter 2012 vum Staat, ëffentleche Promoteuren oder der Gemeng gebaut?

Réponse écrite du 25.11.2022 du collège des bourgmestre et échevins:

D'Evolutioun vun den Unitéiten ass tatsächlech impressionant wann ee bedenkt, dass iwwer déi leschten 10 Joer 1.290 Unitéiten dobäi koumen an den aktuelle Stand sech, Stand haut, op elo 7.555 Menagé beleeft.

Vun deenen 1.290 Unitéiten, déi geschaf goufen, sinn der insgesamt 178 (also 13,80 %) ënnert der Form vu soziale Projekte realiséiert ginn.

Dës Zuel stellt sech folgendermoossen zesummen:

SNHBM (Atzénge: 51 Eefamilljenhaiser)	51
SNHBM (Atzénge: 2 x 11 Appartementer - Vente)	22
SNHBM (Atzénge: 9 Appartementer - Locatioun)	9
Commune Pétange (Atzénge: 44 terrains à prix abordable)	44
Fonds du Logement – Rodange, rue du Commerce	23
Fonds du Logement – Rodange, av. Dr Gaasch 82	14
Ënnerdaach Asbl – Rodange, av. Dr Gaasch 23	6
Fonds du Logement – Pétange, rue du Centenaire 1	1
Commune Pétange – Pétange, rue Gillardin (anc. office social)	1
Commune Pétange – Pétange, av. de la Gare 35	1
Commune Pétange – Rodange, rue de la Gendarmerie 65	1
Fondation Victor Elz – Rodange, rte Longwy 25	2
Main Tendue – Pétange, rue Gëssel /Rue Eglise	1
Kannerschlass – Rodange, rue Michel Rodange	1
Lëtzebuurger Kannerduerf - Rodange, rue M. Adelaïde 5	1
Sous-total	178 realiséiert Unitéiten

Des Weidere sinn nach eng Rei Projeten an der Planung, respektiv sinn och schonn autoriséiert, sou zum Beispill:

Commune Pétange – Lamadelaine, rue de la Montagne	1
Fonds du Logement – Rodange, rte de Longwy 44	6
Lotissement Neiwiss II – terrains abordables	39
Sous-total	46 an der Realisatioun / Planung

Also insgesamt **224 Unitéiten**.

Question écrite du 22.11.2022 de M. Marc Goergen (Piraterpartei):

Betrëfft: Impakt vun de Schantercher op TICE-Busser

D'Gemeng Péiteng besetzt am Verglach zu anere Plazen am Land een zimmlecht dicht Transportnetz. Nieft den CFL an dem RGTR profitéiert d'Gemeng vun den TICE-Busser, déi d'Offer am Süde komplettéieren. Trotz engem zimmlesch dichten Netz kënn et aktuell oft vir, dass d'Busser mat vill Verspéidung un den Haltestellen zu Péiteng ukommen. Dëst leit wahrscheinlech un de ville Schantjéeën, déi aktuell an eiser Gemeng souwéi an eisen Nopeschgemengen stattfannen.

An deem Zesummenhang wollt ech dës Froe stellen:

1. Ass beim TICE gewosst, wéi een Impakt déi Schantjéeën aktuell op d'Pünklechkeet vun den TICE-Busser hunn?
2. Wéi kënnen d'Passagéier besser informéiert ginn, mat wéi vill Retard d'Busser de Moment ukommen?

Réponse écrite du 21.12.2022 du collège des bourgmestre et échevins:

Well eis Administratioun keng Donnéeën zu deene gefroten Informatiounen huet, huet de Schäfferot dës Informatiounen beim Gemengesyndikat TICE nogefrot.

Hei ënnen drënner fannt Dir d'Stellungnam vum Assitant à la direction vum Gemengesyndikat TICE:

« 1. All d'Schantjéeë vun de syndikierten TICE-Gemengen déi eng Repercussiou op de Linnenverlaf hunn ginn téschent dem TICE senger Ekipp „Koordinatioun“ an dem jeeweilege Gemegetechnicker ofgekläert. Bei kuerzfristege Schantjéeë resp. Schantjéeën déi just eng kuerzzäiteg Dauer hunn geet just de Streckeverlaf ugepasst. Bei gréissere Schantjéeën ewéi dat aktuell an der Nopeschgemeng Käerjeng ass, erstellt den TICE eng néi Fuerplangversioun andeems och de Verspéidungen duerch zousätzlech Fuerleeschung (Deviatioun) Rechnung gedroe geet.

Wann een elo d'Joer 2022 betruecht kann ee feststellen dass de Mëttelwäert vun de Verspéidungen op der Linn 1 a Richtung Lamadelaine bei 2 Minuten 58 Sekonnen an den Stousszäiten an 2 Minuten 20 Sekonnen an den Niewenzäite lung. Um Retour also a Richtung Esch léit de Mëttelwäert vun de Verspéidungen ënnert 1 Minuten um Gemengenterritoire Péiteng.

Fir d'Linnen 3, 13 a 14 spigelt sech dat nämmelecht Bild erëm.

Am Bezuch zu deene 4 Linnen déi duerch Gemeng Péiteng fueren, spresch 91255 Faarten déi téschent dem 01.01.22 an 31.10.22 gefuer goufe kann een dervunner ausgoen dass déi moderat Verspéidunge just zu engem minimalen Deel op d'Schantjéeën zrëckzeféiere sinn.

2. Passagéier kennen aktuell op ee puer Informatiounsquellen zu de „Live“-Itineraire vun de Busser zrëckgëifen.

Den TICE bitt fir säi Reseau eng eegen Applikatioun fir Smartphones un. D'Administration des transports publics, kuerz ATP, huet och eng Applikatioun déi zousätzlech nieft dem TICE och nach Date vum RGTR, AVL an der CFL uweist.

Dernieft sinn am öffentleche Reseau op verschiddene strategesche Plaze sougenannte Fahrgastinformatiounsanzeigen (FIA) installéiert. Ee vun dësen digital en Informatiounspunkte befënnt sech op der Rodanger Gare dësen ass zwar momentan ausser Betrib duerch de Bau vum Parkhaus, mee och hei kann an Zukunft de Passagéier erëm „Live“-Daten zu de Busser resp. dem Zuch nokucken. »

Avis au public

Morcellements de terrains:

Lotissement / morcellement concernant un terrain sis à Péitange, rue d'Athus n°70, n° cadastral 1626/9596, présenté par Monsieur AREND Guy.

Il est porté à la connaissance du public que le conseil communal, par sa délibération du 21 novembre 2022, a marqué son accord avec le morcellement sous rubrique.

La délibération précitée et les plans y afférents sont déposés au service de l'aménagement communal à Péitange, rue de la Chiers 1C où le public pourra en prendre connaissance.



Lotissement / morcellement concernant deux terrains sis à Pétange, rue Belair n°15 et 17, n° cadastraux 790/5353 et 790/5354, présenté par Monsieur LJUCEVIC Muhamer.

Il est porté à la connaissance du public que le conseil communal, par sa délibération du 12 décembre 2022, a marqué son accord avec le morcellement sous rubrique.

La délibération précitée et les plans y afférents sont déposés au service de l'aménagement communal à Pétange, rue de la Chiers 1C où le public pourra en prendre connaissance.

Lotissement / morcellement concernant deux terrains sis à Pétange, rue des Ecoles, n° cadastral 122/7533 & 122/7531, présenté par l'Administration Communale de Pétange.

Il est porté à la connaissance du public que le conseil communal, par sa délibération du 12 décembre 2022, a marqué son accord avec le morcellement sous rubrique.

La délibération précitée et les plans y afférents sont déposés au service de l'aménagement communal à Pétange, rue de la Chiers 1C où le public pourra en prendre connaissance.

Conformément à l'article 29 de la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain, tout lotissement de terrains réalisé dans une zone soumise à un plan d'aménagement particulier «quartier existant» est décidé par le conseil communal et publié conformément à l'article 82 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988.

En exécution de l'article 13 de la loi modifiée du 21 juin 1999 portant règlement de procédure devant les juridictions administratives, un recours en annulation devant les juridictions de l'ordre administratif, un recours contre la décision intervenue est ouvert devant le tribunal administratif.

Ce recours doit être introduit dans les trois mois de la publication du susdit acte.

Règlement général des tarifs

- La décision du conseil communal du 13 juin 2022 (point 3.3.) fixant les **modifications du chapitre IX «Ecole de musique»** du règlement général des tarifs, a été approuvée par arrêté grand-ducal du 29 juillet 2022, ainsi que par approbation ministérielle du 16 août 2022.
- La décision du conseil communal du 17 octobre 2022 (point 3.2.) fixant les **modifications du chapitre VII «Piscines et Bains»** du règlement général des tarifs, a été approuvée par approbation ministérielle du 28 octobre 2022.
- La décision du conseil communal du 17 octobre 2022 (point 3.4.) fixant les **modifications du chapitre XII «Services spéciaux»** du règlement général des tarifs, a été approuvée par arrêté grand-ducal du 12 novembre 2022, ainsi que par approbation ministérielle du 24 novembre 2022.

Règlements de circulation

- Le règlement de circulation à caractère temporaire de la séance du conseil communal du 28 mars 2022 (point 9) a été dûment approuvé par le ministère de la Mobilité et des Travaux publics en date du 6 avril 2022 et par le ministère de l'Intérieur en date du 4 mai 2022.
- Les règlements de circulation à caractère temporaire de la séance du conseil communal du 17 octobre 2022 (points 8.1 et 8.2) ont été dûment approuvés par le ministère de la Mobilité et des Travaux publics en date du 28 octobre 2022 et par le ministère de l'Intérieur en date du 4 novembre 2022.
- Les règlements de circulation à caractère temporaire de la séance du conseil communal du 21 novembre 2022 (points 10.1 et 10.2) ont été dûment approuvés par le ministère de la Mobilité et des Travaux publics en date du 6 décembre 2022 et par le ministère de l'Intérieur en date du 9 décembre 2022.
- Le règlement de circulation à caractère temporaire de la séance du conseil communal du 9 décembre 2022 (point 1) a été dûment approuvé par le ministère de la Mobilité et des Travaux publics en date du 6 janvier 2023 et par le ministère de l'Intérieur en date du 16 janvier 2023.

Urbanisme

- La délibération du conseil communal du 13 juin 2022, portant sur l'approbation du **projet d'aménagement particulier «nouveau quartier» concernant le projet «Lidl» à Pétange**, a été approuvée par Madame la Ministre de l'Intérieur en date du 7 septembre 2022, référence ministérielle 19273/17C.
- La délibération du conseil communal du 11 juillet 2022 portant sur l'approbation du **projet de modification ponctuelle du plan d'aménagement général concernant des fonds sis à Pétange au lieu-dit «rue des**

Alliés», a été approuvée par Madame la Ministre de l'Intérieur en date du 30 septembre 2022, référence 17C/017/2021, PAR QE 19215/17C.

- La délibération du conseil communal du 11 juillet 2022, portant sur l'approbation du **projet de modification ponctuelle du plan d'aménagement particulier «quartier existant» concernant des fonds sis à Pétange, au lieu-dit «Rue des Alliés**», a été approuvée par Madame la Ministre de l'Intérieur en date du 3 octobre 2022, référence ministérielle 19215/17C, mopo PAG 17C/017/2021.
- La délibération du conseil communal du 11 juillet 2022 portant approbation du **projet de modification ponctuelle du plan d'aménagement général concernant le site «Fond de Gras» à Rodange**, a été approuvée par Madame la Ministre de l'Intérieur en date du 28 septembre 2022, référence 17C/016/2021, mopo PAR QE 19216/17C.
- La délibération du conseil communal du 11 juillet 2022, portant sur l'approbation du **projet de modification ponctuelle du plan d'aménagement particulier «quartier existant» concernant des fonds sis à Rodange, au lieu-dit «Fond de Gras**», a été approuvée par Madame la Ministre de l'Intérieur en date du 29 septembre 2022, référence ministérielle 19216/17C, mopo PAG 17C/016/2021.
- La délibération du conseil communal du 17 octobre 2022, portant sur l'approbation du **projet de modification ponctuelle du Plan d'Aménagement Général de la Commune de Pétange concernant des fonds sis à Rodange, au lieu-dit «A la Croix St Pierre**», a été approuvée par Madame la Ministre de l'Intérieur en date du 22 décembre 2022, référence 17C/019/2022.
- La délibération du conseil communal du 17 octobre 2022, portant sur l'approbation du **projet de modification ponctuelle du Plan d'Aménagement Particulier «quartier existant» concernant des fonds sis à Rodange, au lieu-dit «A la Croix St Pierre**», a été approuvée par Madame la Ministre de l'Intérieur en date 4 janvier 2023, référence ministérielle 19350/17C, (mopo PAG 17C/019/2022).
- La délibération du conseil communal du 17 octobre 2022, portant sur l'approbation du **projet d'aménagement particulier «nouveau quartier» concernant des fonds sis à Rodange, au lieu-dit «Croix St-Pierre**», a été approuvée par Madame la Ministre de l'Intérieur en date 9 janvier 2023, référence ministérielle 19381/17C.



**MEINE STIMME,
MEINE WAHL
FÜR DIE ZUKUNFT MEINER GEMEINDE**

11. Juni 2023: Gemeindewahlen

 ichkannwahlen.lu



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, de l'Intégration
et à la Grande Région
Département de l'Intégration



**MA VOIX,
MON CHOIX
POUR L'AVENIR DE MA COMMUNE**

11 juin 2023 : élections communales

 jepouvoter.lu



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, de l'Intégration
et à la Grande Région
Département de l'Intégration

Nature for People

Bestimmungskurs für Pflanzen

Lernen Sie die Grundlagen der Pflanzenbestimmung kennen! Schwerpunkt ist die Bestimmung von Blütenpflanzen unter wissenschaftlicher Anleitung mit Hilfe von Florenwerken. Dabei werden die Merkmale der wichtigsten Pflanzenfamilien vorgestellt und Anleitungen zum botanischen Sammeln sowie zur Anlage eines Herbars gegeben. Dann geht es ins Gelände, um das Erlernte vor Ort anzuwenden. Der Kurs richtet sich in erster Linie an Naturinteressierte, die bereit sind, sich mit kleinteiliger Bestimmungsarbeit zu beschäftigen.

Wann & wo?

Der Kurs findet an sechs Nachmittagen jeweils mittwochs von 14 bis 16 Uhr im Festsaal in Olm, 10, rue de Capellen, statt. Die sechs Kurstermine bauen inhaltlich aufeinander auf. Der Kurs findet in luxemburgischer Sprache statt.

Termine:	26.04.2023	03.05.2023	17.05.2023
	24.05.2023	28.06.2023	12.07.2023

Anmeldung & Kosten

Die Teilnahme am Kurs ist kostenpflichtig. Die Teilnahmegebühr beträgt 40€; für Studenten gilt ein reduzierter Preis von 20€. Eine Rückerstattung bei Nichtteilnahme ist nicht möglich. Bestimmungsbücher und Material werden zur Verfügung gestellt. Die Teilnehmerzahl ist auf 20 Personen begrenzt.

Eine verbindliche Anmeldung ist bis zum 04.04.2023 erforderlich. Zur Anmeldung erkundigen Sie sich bitte zunächst bei SICONA nach freien Plätzen. Danach überweisen Sie die Teilnahmegebühr auf unten stehendes Konto. Bei der Überweisung bitte Namen und Betreff „Teilnahme Bestimmungskurs 2023“ angeben. Die endgültige Annahme zum Kurs wird nach Eingang der Gebühr bestätigt.

Naturschutzsyndikat SICONA
administration@sicona.lu
12, rue de Capellen L-8393 Olm
Tel. 26 30 36 27 Fax. 26 30 36 30
Konto: BCEE LU36 0019 2000 0173 9000 (SICONA Sud-Ouest)

Der Bestimmungskurs wird vom Naturschutzsyndikat SICONA und dem Nationalmuseum für Naturgeschichte durchgeführt, in Kooperation mit dem *Groupe de recherche botanique de la Société des naturalistes luxembourgeois* sowie der *Association des biologistes luxembourgeois*. Der Kurs wird vom Ministerium für Umwelt, Klima und nachhaltige Entwicklung unterstützt. Kurs-Leitung: Dr. Simone Schneider & Thomas Frankenberg (Naturschutzsyndikat SICONA), Jean-Paul Wolff sowie Thierry Helminger (Nationalmuseum für Naturgeschichte).

Eine Anerkennung durch INAP ist möglich!



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

People for Nature

Energie-Spuerconcours

by Klima-Agence

zesumme spueren
ZESUMMENHALEN



Du 1^{er} février au 31 mars 2023

Energie-Spuerconcours 2023 : inscrivez-vous et tentez de remporter un vélo électrique !

Vous voulez optimiser votre consommation d'énergie ? Alors participez au Energie-Spuerconcours 2023 et gagnez de superbes prix !

Les économies d'énergie sont dans l'air du temps. Beaucoup de ménages repensent actuellement leur comportement en évitant le gaspillage d'énergie.

Vous aussi, vous avez l'intention d'optimiser votre consommation d'énergie, de réduire votre dépendance aux approvisionnements d'énergie en période de crise et de contribuer à la protection du climat ?

Que devez-vous faire ?

Le défi du concours consiste à réduire la consommation d'énergie entre le 1^{er} février et le 31 mars 2023. Cette période sera comparée à la même période de l'année précédente.

Pour participer, vous devez déposer vos valeurs de consommation de l'année précédente sur notre site web ou les envoyer par mail à spuerconcours@klima-agence.lu. Vous trouverez ces valeurs sur le portail client de votre fournisseur d'énergie.

À la fin de la période du concours, vous nous soumettez ensuite les données de consommation pour la même période de cette année.

Pour plus d'informations sur le concours et pour accéder au formulaire de participation, rendez-vous sur energie-spuerconcours.lu.



PRIX LAURENCE 2023

JUGEND-LITERATUR-PRÄIS

Am Kader vum LiteraTour-Festival
invitéiert d'Gemeng Beetebuerg **all jonk Auteuren**
bei där 8. Editioun vun hirem grouse
Jugend-Literatur-Präis Prix Laurence matzemaachen.

2 Alterskategorien: **12-17** an **18-26 Joer**
Grouss Finale mat de Live-Liesungen:
samsdes, den 22. Abrëll
a sonndes, de 23. Abrëll 2022 zu **Beetebuerg**
Participatioun bis de **15. Mäerz 2023**

WWW.PRIXLAURENCE.LU



obeler
fenneng: **beetebuerg:**
hunchereng
näerzeng
eis gemeng

KAUNO
LITERATŪROS
SŪVAITĖ



VYTAUTO
DIDŽIOJO
UNIVERSITETAS
MCMXXII

